

De Willy huet an der Lëtzebuurger Politik ganz kloer Spuren hannerlooss an ech denken hei mat grousssem Respekt un hien an u seng Famill. Hien huet sai Wee gemaach an ech wäert versichen och mai Wee nach weider ze maachen, woubäi ech weess, dass duerch den Doud vum Willy wuel e Stull hei an dësem Plenum fräi ginn ass, mä wou ech awer och weess, datt kee seng Plaz kann huelen.

Dir Dammen an Dir Hären, wann ech de Mandat als Deputéierten ugeholl hunn, esou ass dat u sech eng natierlech Entscheidung gewiescht. An der leschter Wahlcampagne sinn ech oft gefrot ginn: Wanns de dann elo gewielt gëss, gëss de dann dai Mandat am Conseil d'Etat op? Meng Änwert war ëmmer ganz kloer: Jo. Wéi sech dann elo d'Fro méi konkret gestallt huet, ob ech fréizäitig mai Posten als President am Statsrot géif opgi fir hei an d'Chamber nozeréckelen, hat ech dann och kee Problem fir Jo ze soen, dat ëmsou méi well meng legal Zäit am Conseil d'Etat souwisou am Juni eriwwer gewiescht wier. Jo awer och well ech der Meenung sinn, datt ech nach ze jonk si fir doheem ze sätzen an näischt ze maachen an datt ech vläicht meng Erfahrung am Conseil d'Etat, aus der Gemeengepolitik, respektiv och aus mengem Beruff kënnt hei asetzen zum Wuel vum Land.

Dir Dammen an Dir Hären, mir liewen an enger Period wou dobausse méi e raue Wand bléist, eng Period déi gekennzeechent ass duerch e Krich, deen all Dag risquéiert auszebriechen, eng weltwäit Veronsécherung a kriminell Aktiounen, awer och duerch méi en haart Wirtschaftsliewen, Betribszesummeschlëss an domat verbonne Personalofbau, duerch méi eng haart Konkurrenz a weiniger Benefisser, méi Leit déi eng Aarbecht siichen, méi Chômage, och hei zu Lëtzebuerg an ewall och scho bei de Qualifizierten.

Et sinn dat Problemer déi eis viru Realitéite setzen, déi scho bal vergiess woren. Ech wëll elo hei net e groussen Exposé maachen iwwer Wirtschafts-, Finanz- a Sozialpolitik, mä ech wëll een Aspekt haut besonnesch uschneiden, an dat ass dee vum Mëtzelstand.

Wou steet de Mëtzelstand an eiser heiteger Gesellschaftspolitik? Wou ass seng Zukunft? Oder och nach, wéi wäit a wéi vill Mëtzelstand brauchen mer? Besteet nach Handlungsbedarf? Deen neie Mëtzelstand kennen ech nawell, well ech mai Liewen an de Mëtzelstandsorganisatione verbruecht hunn an als ee vu senge Spriecher iwwer méi wéi 30 Joer konnt Hëllef mat den zoustännege Politiker vum alle Kategorien eng Mëtzelstandspolitik op- an ausbauen.

Ech si Gott sei Dank net eleng, net deen eenzeggen heibannen, deem de Mëtzelstand un d'Häerz gewuess ass an dee matgehollt huet.

Wann een elo iwwert déi lescht 30 Joer zrëckkuckt, da muss ee soen, dass konsequent villes geschitt ass, wat de Kleng- a Mëtzelbetriber zegutt komm ass. Ob dat am Kader vun der Mëtzelstandspolitik, der Finanzpolitik, der Budgetpolitik, der Bautepolitik, der Ëmweltpolitik, der Ausbildung an aneren Aspekter vun der Gesellschaftspolitik ass.

Et ass awer elo net fir d'Hänn an de Schouss ze leeën, eemol well nach munches opsteet a weider well permanent Upassungen och an der Politik vis-à-vis vun de Kleng- a Mëtzelbetriber noutwendeg sinn an nei an zousätzlech Problemer sech stellen.

Wann een zrëckkuckt op déi Jore vun 1975 un, d'Krisejoren, wou e groussen Ëmschwonk an der Wirtschaftsszen sech breetgemaach huet a wou vill Aarbechtsplazen a Gefor woren an ofgebaut goufen, da muss ee feststellen datt mer haut an enger bal vergläichbarer

wirtschaftlecher Situatioun sinn. Da muss een awer och unerkennen, datt global just grad déi Kleng- a Mëtzelbetriber aus dem Mëtzelstand, Handwierk, Handel an Hôtellerie sech gutt geschloen hunn. Hir Zuel ass déi lescht 25 Jore gläich bliwwen, mä d'Zuel vun de beschäftegte Leit an dëse Betriber huet ganz staark zougeholl.

Also d'Kleng- a Mëtzelbetriber si krisestabil, si stellen eng Stärkt vun eiser Wirtschaft duer. Sozialpolitesch si se ganz wichteg, well se qualifizéiert Mataarbechter ausbilden a sécher Aarbechtsplazen offréieren.

Gesellschaftspolitesch kann hire Wäert net genuch ënnerstrach ginn. Si erméiglechen de sozialen Opstieg iwwert de Wee zum Selbstännegen.

D'Pluralitéit vun dëse Betriber steet am Géigesaz zur Konzertatioun vun de Groussbetriber. Hir Verdeenung iwwert d'ganz Land dréit ouni Zweifel zu enger besserer Liewensqualitéit bäi. Si offréieren hir Servicer do wou se gefrot sinn, si schafe lokal a regional Aarbechtsplazen a forméiere gewässermoossen als Gratisschoul Jugendlecher. Si offréieren och grad duerch hir Verschiddenheet der Jugend e grouse Choix vu ville Beruffer. Dës Betriber hunn awer och hir Problemer, zäitbedéngt Problemer, mä awer och haaptsächlech Problemer déi doduerch bedéngt sinn, datt se ebe kleng sinn an net am Betrib selwer déi qualifizéiert Leit kennen hu fir mat alle Gesetzer a Situatiounen eens ze ginn, wann dës net de spezifischen Aspekter vun de Kleng- a Mëtzelbetriber Rechnung droen.

Firwat resüméieren ech dës Aspekter a menger Untrëttsried? Well ech der Meenung sinn, datt wann ee Jo seet zu Kleng- a Mëtzelstandsbetriber, wann een hir wichteg Roll an eiser Gesellschaft richtig abschätzt, da muss een och konsequent Jo soen zu enger Mëtzelstandspolitik, déi all Facettë vun der Politik am allgemengen abegraift. Dat heescht datt gekuckt gëtt bei alle Gesetzer, ob se och fir Kleng- a Mëtzelbetriber verträglech sinn, ob dës domat eens ginn an ob verschidde Bestëmmungen iwwerhaapt fir si noutwendeg sinn. Dat wäerten Aspekter sinn, déi ech och an dësem Gremium besonnesch wäert am A behaalen.

Doriwwer stellen ech mer d'Fro, wou et dobausse wirtschaftlech méi lues geet, wou de Chômage zouhëlt, ob net grad elo erëm de Moment wär fir déi heiteg positiv Aspekter vun der Mëtzelstandspolitik weider auszubauen, d'Programmer nach méi konsequent duerchezéien an zousätzlech nei Elementer mat eranzebréngen, datt dës Betriber déi Roll och kënnen weider spillen déi hinnen zoustee, dat Ganzt och zum Wuel vun hire ville Mataarbechter an zum Wuel vun eisem Land. Heibäi wäert de Mëtzelstandsminister an all déi, déi mathëllef, op mech ziele kënnen.

Awer net eleng d'Wirtschaftspolitik an d'Mëtzelstandspolitik wäerte mech interesséieren. Meng Erfahrung, oder meng Funktioun bis gëschter nach am Conseil d'Etat, huet et mer erméiglecht an eng ganz Partie Dossieren, déi unhängeg sinn, och Abléck ze huelen, déi och schonn deelweis matdiskutiert sinn, an dat erlaabt mer dann och hei meng Mathëllef ze offréieren.

Ofschléissend wëll ech soen, datt et fir mech eng grouss Eier ass hei an dësem Parlament dierfe matzeschaffen.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

## 7. Nomination d'un Vice-Président de la Chambre des Députés

■ M. le Président.- No der Veredeedung vum Här Marcel Sauber als neien Deputéierten ass d'Chamber haut de Mëtteg dozou

opgeruff en neie Vize-President ze ernennen.

Ech froen d'Chamber, ob Virschléi do sinn?

Den Här Lucien Weiler.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Meng Fraktioun proposéiert als neie Vize-President den Här Nico Loes.

■ M. le Président.- Här Colombero, sidd Der och Kandidat?

■ M. Jean Colombero (ADR).- Neen, Här President, ech sinn net Kandidat. Ech notéieren, dass d'CSV-Fraktioun den Här Nico Loes als Vize-President proposéiert. Den Här Nico Loes ass eng sympathesch Persoun. Mir hu se kenne geléiert als e kompetente Mann, an e géif seng Aarbecht als Vize-President ganz gutt maachen.

Mä ech mengen, Här President, mir müssen haut aneschtens denken. Mir hätte léiwer wann d'CSV-Fraktioun d'Kandidatur vum Här Nico Loes géif zrëckzéien aus e puer Grënn. Éischstens well mer haut, nom internationale Fraendag, dee mer d'lescht Woch haten, och eng Fraendebatt hu mat der sozio-ekonomescher Konditioun vun der Frau.

Zweetens well mer an der Chamberkommissioun vun der Egalité ëmmer bemängelt hunn, dass Frae politesch net genuch engagéiert wieren, a mir hunn eis gefrot wat mer maache solle fir d'Fra dobausse besser ze profiléieren.

Drëttens well mer schonn an der Chamber éischstens e President hunn, den Här Spautz, zweetens zwee Vize-Presidenen, den Här Asselborn an den Här Niki Bettendorf, an ech mengen am Sënn vun der Egalité des chances misste mer haut déi Occasioun hei notze fir eng Vize-Presidentin ze noméieren, an d'Madame Marie-Josée Jacobs, eis Fraeministesch, déi sech ganz gutt fir d'Fraekonditioun asetzt, wär mat dësem Cadeau zefridden.

Ech menge mir missten hei am Land vläicht e Signaleffekt setzen. Wann Dir Här President eng Kéier midd sidd an Dir gitt eraus lech relaxéieren, da wär et schéin wann hei eng Fra géif setzen an d'ganz Land géif soen: Okay, d'Lëtzebuurger Parlament huet och eng Madame do, d'Lëtzebuurger Parlament setzt sech och fir eng Fra an. An dofir géif ech nach eng Kéier hei offiziell d'CSV-Fraktioun bieten, wann ech gelift Här Weiler, wann ech gelift Här Loes, fir déi eescht Saach hei, huet Är Kandidatur zrëck.

Ech soen lech merci.

### (Interruptions diverses)

■ M. le Président.- Sinn nach Kandidaten do?

Wa soss keng Kandidatur méi do ass, da wollt ech drop opmierksam maachen, dass den Artikel 4, Absatz 5 vum Chamberreglement virgesäit, dass et net brauch zur Ofstëmmung ze komme wann d'Zuel vun de Kandidaten a vun de fräie Poste gläich ass. Ech froen deementspriedend ob d'Chamber d'accord ass fir den Här Nico Loes als neie Vize-President vun der Chamber ze bezeichnen?

Wann Der domadder d'accord sidd, da géing ech lech bieten dat duerch Applaudisement zum Ausdruck ze bréngen.

### (Applaudissements)

Et ass also esou decidéiert, an domat ass den Här Nico Loes zum neie Vize-President vun der Chamber ernannt. Meng Félicitatiounen. Eise Grand-Duc gëtt doriwwer och a Kenntnis gesat.

Nodeems mer elo en neie Member an d'Chamber opgeholl hunn, gëtt

et verschidde Changementer wat d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen ubelaangt.

Ginn et dozou nach iergendwellech Virschléi?

Den Här Lucien Weiler.

## 8. Composition des délégations auprès des assemblées internationales et des commissions parlementaires

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, meng Fraktioun proposéiert fir an der Assemblée parlementaire de l'OTAN den Här Bourg ze ersetzen duerch den Här Jean-Marie Halsdorf, an den Här Wiseler géif d'Funktioun vu Suppléant iwwerhuelen, déi bis elo den Här Halsdorf hat.

■ M. le Président.- Ass d'Chamber domadder d'accord?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

■ M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, da proposéiert eis Fraktioun eng Rei vun Emännerungen an de Kommissiounen. An der Kommissioun vun den Affaires étrangères soll den Här Marcel Sauber den Här Willy Bourg ersetzen, an der Kommissioun vun den Affaires interieures den Här Fred Sunnen den Här Bourg, an der Kommissioun vun de Classes moyennes den Här Marcel Sauber den Här Claude Wiseler, an der Commission de l'Economie den Här Strotz den Här Bourg fir d'Voleté „Poste“ an „Transports“, an der Kommissioun vum Environnement den Här Sauber den Här Sunnen, an der Kommissioun vun den Institutiounen den Här Marcel Sauber den Här Mosar, an der Kommissioun vun den Travaux publics den Här Fred Sunnen den Här Bourg, an der Commission spéciale PAN remplacéiert den Här Sauber mech an an der Commission spéciale Ethique remplacéieren ech den Här Willy Bourg.

■ M. le Président.- Ass d'Chamber d'accord?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre de jour, deen eng Orientéierungsdebatt iwwert déi wirtschaftlech an déi sozial Stellung vun der Fra virgesäit. Et si bis elo ageschriwwen: déi Damme Stein, Mutsch, Nagel, den Här Colombero, déi Damme Wagener, Err an den Här Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur, déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber.

## 9. 5050 - Débat d'orientation „La situation économique et sociale des femmes“

■ Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), *rapporteuse*.- „Les pays qui pratiquent la discrimination sexuelle paient un lourd tribut, sous forme de pauvreté, de croissance lente, de gestion déficiente des affaires publiques et de faible qualité de vie.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Zitat staamt vun engem vun de Co-Auteurs vum Rapport „stimuler le développement par l'égalité entre hommes et femmes“ vun der Banque mondiale, deen ufanks 2001 der Öffentlichkeit presentéiert gouf. E gëtt ganz gutt dat erëm wat um Spill steet. Gläichheet tëschent Fraen a Männer ass net nëmmen eng Fro vu sozialer Gerechtegkeet, si stellt och eng Garantie fir d'Demokratie duer, ouni déi keng reell demokratiesch Gesellschaft opgebaut ka ginn. Eng Demokratie huet nämlech nëmmen e Sënn, wann all politesch, ekonomesch, sozial a kulturell Orientéierungen an Entscheidung vu Fraen a Männer

gemeinsam definéiert, respektiv geholl ginn. Nëmmen esou ginn d'Besoinen an d'Interesse vum ganze Vollek respektéiert.

Doriwwer eraus besteet ganz kloer en Zesammenhank tëschent enger gläichberechtigter Participatioun vun de Fraen an de Männer an dem ekonomesche Wuesstum. Et geet aus dem virleschte Rapport annuel vun der europäescher Kommissioun iwwert d'Chancëgläichheet ervir, datt um Niveau vun der Europäescher Unioun ongeféier e Fënneftel vum jährleche PIB-Wuesstum op weiblech Beschäftigung zrëckzuféieren ass.

De virleiende Rapport, deen éischter eng Aart zesummefaassend Bestandsopnahm vun der sozio-ekonomescher Lag vun de Fraen duerstellt, soll als Diskussionsbasis déngen, fir datt d'Fraekonditioun an deenen nächste Joren zügeg weider kënnt. Esou laang wéi d'Situatioun vun de Frae sech par rapport zu där vun de Männer wesentlich ënnerscheet, esou laang sinn Orientéierungsdebatten wéi déi hei noutwendeg.

De Sujet vun der Debatt vun dësem Joer ass vaste. Et huet mir als Rapportrice wichteg geschéngt esou wäit wéi méiglech den eenzelne Propose vun de Memberen an der Kommissioun Rechnung ze droen a se an de Rapport anzubannen. De Sujet hätt kënnen nach méi wäit an émgänglech ausfalen, wann ee wierklech all Iddi integréiert hätt. Ech denken do zum Beispill un d'Situatioun vun den auslännesche Fraen, virun allem un déi déi op Lëtzebuerg komme mat engem Artistevisa an déi oft skrupellos hei ausgebeut an zur Prostitutioun verleet ginn. Dës wichteg Sujete kënten eng Debatt fir sech duerstellen.

D'Frae si bis haut nach ëmmer eng Ausnahm a Féierungspositionen, ob dat elo an der Politik ass oder an der Wirtschaft. D'Tatsaach, datt d'Zuel vun de Fraen an der Chamber säit 1965, dat sinn ëmmerhi bal 40 Joer, vun enger Deputéiert op zéng erop gaangen ass, oder datt d'Frae säit 1989 ouni Ennerbriechung an der Regierung vertruede sinn, soll eis awer net vergiesse loosse, datt d'Politik nach ëmmer zu engem groussen Deel vun de Männer dominiert gëtt. Déi Situatioun wäert sech net änneren esou laang wéi d'Fraen net d'Moyene kréien, déi et hinnen erlaben e gläichberechtigten politeschen Acteur ze sinn.

Am Kader vun den Debatten vun 1999 an 2000 hat d'Kommissioun eng Rei Suggestiounen gemaach wéi een d'Fraen um politeschen Niveau fördere kënnt. Et sinn och hei Motiounen gestëmmt ginn. Déi rezent Reform vum Wahlgesetz war en ideale Kader fir dës Propositionen a Motiounen ëmzesetzen. D'Egalitéskommissioun hat op dës eemoleg Chance higewisen. Leider ass awer konkret näischt fir d'Fraen erauskomm, wat ech zu déifst bedauern.

D'Frae sinn och quasi inexistent an den ieweschten Etage vum wirtschaftleche Pouvoir. Kennst Dir vill Fraen, déi d'Verantwortung vun engem Bankdirektor droen? Kennst Dir Fraen, déi President vun engem Verwaltungsrot sinn? Ech net. Souguer bei deene méi klengen Entreprisë muss ee feststellen, datt d'Fraen a Féierungspositionen ënnerrepresentéiert sinn. D'Tatsaach, datt hautzudags ëmmer méi Frae studéieren, a grad esou vill jonk Frae wéi Männer, wann net souguer méi, e postsecondairen Diplom hunn, soll eis awer net zu där vereinfachter a falscher Konklusioun verleeden, datt all Ongläichheeten opgehewe wieren a mir eist Zil vun der Gläichheet esou gutt wéi erreecht hätten.

Den Erfolleg an der Schoul spigelt sech nämlech net am professionellen an am gesellschaftlechen Beräich erëm. D'Frae konzentréieren sech nach ëmmer op déi Secteuren a Beruffer, wou d'Perspektiven op Carrière a Promotioun net



déi bescht sinn. D'Frae verdénge nach oft manner wéi hir männlech Kolleegen, an dat bis zu 28%. Wann ee vun der Struktur vun der weiblecher Aarbecht ofgesäit, bleiwen awer nach ëmmer Ennerscheeder vun 11 bis 12%, déi een nëmme duerch d'Geschlecht erkläre kënnen.

Et sollt een och net vergiessen, datt proportional gesinn d'Frae méi concernéiert vum Chômage a vum Mindestloun si wéi d'Männer, ouni ze schwätze vun der Deelzäitaarbecht, déi ëmmer méi berufstäteg Frae betrëfft. D'Deelzäitaarbecht, déi fir vill Fraen deen eenzege Moyer ass de Beruff mam Familljeliewen ze verbannen, mécht ongeféier 25% vun der weiblecher Beschäftegung aus, déi weiderhi vill méi niddreg ass wéi déi vun de Männer, och wann den Taux d'emploi vun de Fraen, besonnesch vun de Fraen am Alter vu 25 bis 50 Joer, stänneg wisst. Nëmme ongeféier 2% vun de Männer si vun der Deelzäitbeschäftegung concernéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës grondleeënd verschidde Positiounen vu Fraen a Männer an der Gesellschaft hypothéquieren net nëmme d'Demokratie an de wirtschaftleche Wuesstum, mä si setzen och d'Fraen engem vill méi groussen Aarmuttsrisiko aus. Den Aktiounsprogramm, dee während der véierter internationaler Konferenz iwwert d'Fraen 1995 zu Peking adoptéiert gouf, huet festgehalen, datt d'Pauvretéit hir Wuerzelen an der ongläicher Bedeelegung vun de Fraen an de Männer um ekonomesche Pouvoir huet. Kee Land ass vun der Problematik Fraenaarmutt verschount, quitte dass sech d'Situatioun vun enger Industriegesellschaft net mat där vun engem Entwécklungsland vergläiche léisst.

De Rapport setzt sech mat der Problematik Aarmutt a Fraenaarmutt auserene, well de Kampf géint d'Aarmutt eng Eerausfuerderung vun der Europäescher Unioun duerstellt.

Aarm sinn huet nach laang net ëmmer mat Pech oder souguer mat Faulheet ze dinn. Et ass éischter eng Fro vu sozialer Ongerechtegkeet. Dës Debatt soll och dozou bäidroen Viruerteeler ze bekämpfen an ze weisen datt Aarmutt a sozial Ausgrenzung mat sozialer Ongerechtegkeet am Zesummenhang steet, an dëst um Beispill vun den Ongerechtegkeeten tëschent Fraen a Männer.

Kann een dann elo vun enger weiblecher Aarmutt schwätzen? No den Donnéeën vum CEPS kënnen ongeféier 12% vun de Fraen hei zu Lëtzebuerg als aarm bezechent ginn. De Prozentsaz vu Männer, déi aarm sinn, läit och bei 12%. Als aarm gëllt eng Persoun déi engem Stot ugehéiert, dee mat engem Revenu vu manner wéi 60% vum Duerchschnittsrevenu vun de private Stéit auskomme muss.

Dës anscheinend Paritéit Mann/Fra, muss awer relativéiert ginn. D'Aarmutt gëtt net individuell, mä par rapport zu engem Stot gerechent. Dës Methodologie ass discutabel a gëtt och vu verschidde Chercheuren op deem Gebitt staark kritiséiert, well esou eng Rechemethod et net erlaabt sech e komplett Bild vun der sozio-ekonomescher Lag vun de Fraen ze maachen. Den CEPS gëtt och zou, datt dës Methodologie dat gläichwärtegt Resultat gréisstendeels kennt erklären.

Den CEPS huet zwou Kategoriën vu Fraen identifizéiert, déi par rapport zu de Männer e méi grouss Risiko lafen aarm ze sinn oder ze ginn. Et handelt sech ëm elengerzéiend Mammen an net berufstäteg eeler Fraen oder Wittfraen. Dorausser losse sech dräi Facteuren erkennen, déi eng Roll spille bei der weiblecher Aarmutt: d'Inaktivitéit, d'Feele vun engem Partner an d'Presenz vu Kanner.

Als ganz komplexe Problem léisst sech d'Aarmutt vun de Fraen net nëmme duerch dës Facteuren erklären. Dësen Zoustand hänkt vu verschidde aneren Emstänn of, déi am Kader vun enger monetaristescher Approche net zum Virschäi kommen, wéi zum Beispill eng Scheedung. Wann elengerzéiend Mammen e méi grouss Risiko aginn aarm ze sinn, da läit dat dorunner datt si déi verschidde Risikofacteurs kumuléieren. Méi wéi 80% vun de Ménages monoparentaux si vu Frae geleet. Tendenz steigend, wann ee bedenkt datt quasi eng bestuete Koppel op zwou sech scheede léisst.

Et sinn och ganz oft dës Facteure sougenannter privater Natur, déi d'Fraen an Aarmutt stierzen. Vill Fraen hunn nom Bestiednis an der Gebuert vun hire Kanner de Beruff opginn, fir sech kënnen ëm hir Famill ze këmmen. No enger Scheedung sti si ganz oft eleng mat hire Kanner do, ouni Wunneng, ouni Aarbecht an ouni Revenu. Si mussen souguer oft juristesche Prozeduren aleede fir iwwerhaupt hiren Expartner dozou ze kréie sengen Ennerhaltsverpflichtungen nozekommen. Dat kascht Geld an Zäit. D'Kommissioun freet sech, ob et an dësem Kontext net méiglech wier d'Référéprozeduren ze änneren, respektiv den Abandon de famille méi streng wéi bis elo ze sanctionnéieren. Fir d'Detailer verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aarm ze si bréngt vill Konsequenze mat sech. Den allergréisste Problem ass eendeiteg dee vum Zougang zu enger adäquater Wunneng. Meng Kolleegin Nelly Stein wäert herno op dëse Punkt méi am Detail agoen.

En anere Problem ass dee vun den Opfangstrukture fir Kanner. De Stat ënnerstëtzt an dësem Kontext Famillje mat kleng Revenuen ënner anerem andeem hie Crècheplazen a private Strukture lount, déi hien dann de Famillje fir méi e bëllege Präis zur Verfügung stellt. De Familljeministère soll also onbedéngt déi néideg finanziell Mëttele kréie fir dës Politik weider auszubauen.

Weiblech Aarmutt huet och Konsequenzen op d'Gesellschaft, virun allem op d'Kanner, déi eis Zukunft duerstellen. D'PISA-Etüd huet ganz kloer den Zesummenhang tëschent där sozio-ekonomescher Situatioun vun den Elteren, virun allem elengerzéienden Elteren, an de Leeschtunge vun dësen Kanner an der Schoul ënnerstrach.

Et geet aus deem wat ech elo grad virgedroen hunn ervir, datt eis Gesellschaft villes ze gewinnen huet vun enger gläichwärteger Participatioun vu Fraen a Männer.

Wéi kritt een elo déi Ongläichheeten, déi nach ëmmer tëscht Fraen a Männer bestinn, opgehewen? Fir dës Fro ze beäntweren, muss een als alleréischst sech d'Fro stellen, wéi sech dës grondleeënd verschidde Positiounen erkläre loos-sen.

D'Fraen an d'Männer hunn net déiselwecht Start- a Rahmebedingungen. D'Struktur vun eiser Gesellschaft erkläert gréisstendeels dësen Zoustand. Westlech Industriegesellschaften hu sech historesch esou entwéckelt, datt d'Gesellschaft an zwou verschidde Sphäre getrennt gouf, an zwar eng öffentliche zu där d'Berufswahl, d'Wirtschaft oder d'Politik zielen, an eng privat wéi d'Famill. Den Zougang zu dëser Sphäre gouf duerch d'Geschlecht vun de Persounen festgeluecht. D'Konsequenz dovun wor, datt d'Männer eleng dat politesch, wirtschaftlech a gesellschaftlech Liewe bestëmmt hunn.

Obscho villes sech geännert huet, bleift eis modern Gesellschaft awer nach ëmmer staark vun engem männleche Leitbild gepräegt. Den Aarbechtsmaart ass no engem männleche Modell strukturéiert ginn, deen dovunner ausgeet, datt d'Salariée ganzdeegs schaffen an

ëmmer disponibel musse sinn. An anere Wieder, de Salarié muss fräi si vun alle familiären oder häusleche Verpflichtungen. D'Männer konnten a kënnen nach ëmmer gréisstendeels de Verantwortungsberäich Famill un hir Fraen ofginn. Obschonn och an dësem Beräich Ännerungen ze verzeche sinn, bleift et awer esou, datt berufstäteg Fraen nach ëmmer déi gréisste familiär Verantwortung droen a bis zu véiermol méi Zäit an d'Erzéiung vun de Kanner an dem Stot investéieren wéi hir Männer. Ënnert dësen Emstänn ass et net erstaunlech, datt d'Frae méi Schwierigkeeten hu sech um Aarbechtsmaart an a Feierungspositionen ze behaapten.

Den Erzéiungssystem, wéi all System oder Institutioun an eiser Gesellschaft, dréit och net 100%eg den Erwaardunge vun de Meedercher an de Frae Rechnung. De Projet „Gläichheet deelen“, deen als Zil huet laangfristeg an eiser Gesellschaft eng Genderkultur ze entwéckelen an d'niert Akzenter am Beräich vun der Erzéiung an der Formatioun setzt, huet gewisen, datt d'Erzéiung net „neutral“ ass, mä beaflosst gëtt vum Geschlecht vum Kand. D'Konsequenz dovunner ass déi, datt den Erzéiungssystem et net wierklech fäerdeg bréngt, d'Potenzialitéit vun de Meedercher an de Jonge gläichwärtig ze fördern. Wann d'Fraen oft manner interessant Beruffer ausüben a puncto Gehalt oder Promotioun wéi d'Männer, ass dat manner eng Fro vum Niveau vun der Formatioun wéi vun der Basisorientéierung an der Schoul. D'Choixen, déi vun de Schülerinnen am Secondaire getraff ginn, détermineieren gréisstendeels hire spéidere Beruff. Or, d'Orientéierung vun de Meedercher gëtt, zumindest deelweis, duerch strikt definiert weiblech a männlech Rolle beaflosst.

D'Ségrégatioun um Niveau vun der initialer Ausbildung setzt sech fort um Niveau vun der Formation continue, déi enk mat de weibleche Beruffer zesummenhängt, esou datt vill Frae keng reell Chance hu sech beruflech weider ze bilden a sech nei Opportunitéiten ze sécheren. Doriwwer eraus ass et fir eng berufstäteg Fra mat Kanner relativ schwéier iwwerhaupt eng Formatioun ze maachen, dëst haapt-sächlech aus familiäre Grënn. Hien feelt et oft un där néideger Zäit fir esou Projeten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi kritt een d'Situatioun geännert?

Et féiert kee Wee laanscht ee grondleeënd Mentalitéitswessel. Déi jonk Generatiounen sinn dobäi sech dësem Wandel ze ënnerzéien. Et gëtt zum Beispill ëmmer méi jonk Männer déi d'Familljeverpflichtungen als ee selbstverständlechen Deel vun hirem Liewen ugesinn, a lues a lues licht et och deem engem oder deem aneren Employeur an, datt e vill ze gewinnen huet wa méi Fraen um Féierungsprozess géifen deelhuele. Och wann eng individuell Prise de conscience wichteg ass, dat geet awer net duer. D'Strukture vun eiser Gesellschaft mussen sech änneren. Déi eenzeg Méiglechkeet besteet doranner, den Objektiv vun der Gläichheet tëscht Männer a Fraen an all Décisionen, Moosnamen a Strukturen ze integréieren.

Eis Regierung huet sech am Kader vum Plan d'action vun 1997, respektiv vum Plan d'action Peking + 5 verpflichtet, d'Dimension du genre an allen Entscheidungs-niveaun ze integréieren. Dëst Engagement huet sech och an der Praxis, zumindest deelweis, konkretiséiert. D'Ausféierung vun dëser politescher Approche ass awer weder komplett nach huet si sech genera-

liséiert. Et muss een awer och bemerken, datt et net einfach ass a kuerzer Zäit Strukturen a Konzeptiounen, déi Jorzéngte laang als Norm gegollt hunn, ze änneren. Et ass eng laangwiereg Tâche an d'Kommissioun weess d'Efforte vun der Regierung an dësem Kader ze schätzen. Et bleift awer nach vill ze maachen, sief et an de Beräicher wéi Education a Formation professionnelle, oder a Beräicher wéi d'Bekämpfung vun der sozialer Ausgrenzung.

D'Bekämpfung vun der Aarmutt huet nëmme e Sënn, wann déi ugewannte Strategie geschlechtsspezifesch Elementer incorporéiert. Dofir brauch een och esou Donnéeën an déi feele gréisstendeels nach ëmmer, obwuel d'Kommissioun des Öfters schonn drop higewisen huet. 1999 huet d'Chamber an deem Sënn eng Motioun gestëmmt, déi d'Regierung opgefuerdert huet esou Donnéeën opzustellen. An dësem Sënn wëll ech dofir eng Motioun areecheen.

### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant les engagements pris par le Luxembourg lors de la signature de la Déclaration et du Programme d'action adoptés par la 4<sup>e</sup> Conférence mondiale sur les femmes qui s'est tenue à Pékin en 1995;*

*- considérant que le Traité d'Amsterdam a formalisé en 1997 l'engagement vis-à-vis de l'intégration de l'égalité entre les femmes et les hommes au niveau européen qui s'inscrit dès lors parmi les missions de l'Union européenne;*

*- considérant le plan d'action 2000 adopté par le Gouvernement en Conseil en mars 1997 et destiné à mettre en oeuvre la Déclaration et le Programme d'action de Pékin, ainsi que le plan d'action «Pékin + 5» adopté en juin 2001 afin d'intégrer dans la stratégie-cadre les recommandations émises à l'occasion de l'assemblée extraordinaire à laquelle l'ONU avait convié les gouvernements et autres acteurs concernés au courant de l'année 2000;*

*- rappelant sa motion adoptée dans le cadre du débat d'orientation sur la participation des femmes dans la prise de décision le 3 mars 1999 par laquelle le gouvernement fut invité plus particulièrement «à introduire, en se conformant au principe du mainstreaming, l'établissement généralisé de données statistiques ventilées par sexe dans tous les ministères et services publics chargés par l'Etat de l'établissement de telles statistiques»;*

*- réaffirmant l'importance d'une approche sexospécifique de toute action, programme, mesure ou décision politique;*

*- constatant qu'une telle approche nécessite au préalable la mise en place d'une banque complète de données ventilées par sexe;*

*invite le Gouvernement*

*- à poursuivre et multiplier de manière plus soutenue les efforts afin de généraliser à court et moyen terme l'établissement de données ventilées par sexe dans tous les domaines et à tous les niveaux ministériels, administratifs et autres.*

(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Jeannot Belling, Jean Colombero, Marie-Josée Meyers-Frank, Maggy Nagel, Marco Schank.

D'Kommissioun ass och der Mee-nung, datt d'sozial Acteuren iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Mann-Frau-orientéierter Approche vun der Aarmutt a sozialer Ausgrenzung ze informéieren wieren.

Iwwert d'Strategie vum Gender-mainstreaming eraus, huet d'Regierung an deene leschte Joren eng ganz Rei vu Moosnamen geholl. Dovunner verschiddener, déi sech ganz speziell op d'Frae bezéien an déi zum Zil hunn d'Chanc-gläichheet ze fördern.

Ech denken do un déi verschidde Reforme vun der Sécurité sociale, wéi d'Aféierung 1988 vun de Babyjoren, eng Moosnam déi nodréiglech verbessert gouf, oder den Achat rétroactif vu Versécherungsperioden. Dës Moosnamen ginn de Fraen d'Méiglechkeet sech eege Rechter ze sécheren. D'Moosnamen, déi am Kader vum Rentendesch decidéiert goufen, droen och zur Ofsécherung vun der sozio-ekonomescher Lag vun de Frae bäi.

De Congé parental oder de Congé pour raisons familiales, déi kommunal a staatlech Politik a puncto Structures d'accueil fir Kanner, och dat si Moosnamen déi et erlaben, Familljeliewen a Beruff besser kënnen mateneen ze verbannen. Ech verweisen op déi grouss Efforten, déi a vill Gemenge gemaach gi sinn. Erlaabt mer hei d'Stad Lëtzebuerg ze zitieren, déi op deem Gebitt zënter 20 Joer Pionéieraarbecht leescht a wierklech ganz grouss Projete realiséiert huet. Wat de Congé parental ugeet, deen am Juli wäert oflafen, zumindest an där Form wéi d'PAN-Gesetz e virgesäit, do hofft d'Kommissioun datt dës Moosnam, esou wéi se elo besteet, weidergefouert gëtt. Falls d'Minimaldauer vu sechs op dräi Méint sollt erfogaset ginn, misst een den Eltere méi villsäiteg Congéformulen offéieren, sou wéi dat och an der Etüd vun der KPMG festgehal gouf.

■ Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Mir hoffen, datt dat net de Fall ass.

■ Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice. - Jo, mir hoffen och datt dat net de Fall ass. Mä et ass nëmme, datt mer eng Geleeënheet do hätten, wann ee misst anescht operéieren.

Eis Kommissioun ass sech de finanziellen Efforte vun der Regierung an de Gemengen am Kader vun den Opfangstrukture fir Kanner bewosst. Si hofft, datt dës Efforten unhal wäerten, well d'Demande fir esou Strukturen nach ëmmer méi grouss ass wéi d'Offer. D'Kommissioun hofft des Weiteren, datt de Stat an d'Gemengen nach méi enk zesumme schaffe wäerten, fir esou flächendeckend optimal Opfaangstrukture fir all eis Kanner ubidden ze kënnen.

Et gëtt och eng Rei vu Moosnamen déi zum Zil hunn d'Beschäftegung vun de Fraen ze fördern, wéi zum Beispill Mesures positives an de Privatbetreiber oder speziell op d'Fraen axéiert, beruflech Formatiounen. D'Kommissioun erënnert an dësem Kontext drun, datt et net duergeet Formatiounen fir Fraen ze reservéieren an deene Beräicher, wou si beruflech present sinn. D'Kommissioun plädéiert fir eng diversifiéiert Offer a freet sech, ob et net opportoun wär, d'Prise en charge vun de Käschten, déi a Verbindung ze setze si mat enger Formation continue, ze generaliséieren. Bis elo dierfe just elengerzéiend Elteren, déi manner wéi 1,5-mol de Mindestloun kréien, vun esou enger Moosnam profitéieren.

Ech wëll just kuerz op déi Moosnamen zrëckkommen, déi am Kader vun der Prise de décision économique geholl gi sinn, respektiv ze huele wäeren. Eng Etüd, déi 2001 op Ureegung vum Fraeministère a verschidde Unternehmen duerchgefouert gouf, huet net nëmme bewisen datt d'Fraen ënnerrepresentéiert waren um Niveau vum Entscheidungspouvoir, mä och op d'Noutwendegkeet vun enger kohärenter an aktiver Politik an dësem Beräich.

Sensibilisationcampagné si wichteg, mä näischt geet iwwer eng geziilt Formatioun a Saache Féierungspositionen. D'Chamber hat schonn eng Motioun an deem Sënn gestëmmt, am Kader vun der Fraendebatt 1999. Sécher, verschidde Seminare goufe vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers organiséiert, mam Zil Fraen, déi eng Entreprise



grënne wëllen, ze informéieren. Et bleift och nach ëmmer e gréissere Problem, an dat ass dee vun der Finanzéierung. Fraen, déi eng Firma grënne wëllen, hu generell méi Problemer wéi hir männlech Kollege fir e Kredit bei enger Bank ze kréien. Et gëllt sech Gedanken ze maachen, innovativ Finanzéierungsprogrammer oder Instrumenter ze entwéckelen, mat deenen een de weiblichen Entrepreneuriat fördere kënnt, wéi zum Beispill d'Mikrokreditter.

D'Mikrofinanzéierung gëtt als Prioritéit vun der europäescher Kommissioun ugesinn, fir ënner anerem den Esprit d'entreprise an Europa ze fördern. Verschidden Initiativen hu sech schon europawäit entwéckelt, zum Beispill a Frankräich, wou de Mikrokredit Enn vun den 80er Joren agefouert ginn ass. Déi gewéinlech Finanzinstrumenter sinn e Prêt non-bancaire, eng Garantie bancaire oder eng Prise de participation. Doniewent gëtt de Bénéficiaire och am Prinzip encadréiert an deenen Démarchen, déi e muss maachen.

Zu Lëtzebuerg ass de Mikrofinanzement esou gutt wéi inexistent. D'ADA (Appui au Développement Autonome) schafft virun allem fir a mam Ausland. Et kann een eventuell d'A.s.b.l. ETIKA hei zitëieren. Si huet als Objet verschidde Projeten, déi e sozialen oder ekologeschen Impakt hunn, ze finanzéieren, andeem se den Zougank zu esou engem Kredit vereinfacht. ETIKA huet eng Rei Projeten zu Lëtzebuerg finanzéiert, andeem se mat der Spuerkeess zesummeschafft. De Prinzip ass einfach. All Persoun, déi e Spuerkont bei der Spuerkeess opmécht, ka sech fir eng alternativ Epargne décidéieren. Mat esou engem Konto huet een d'Méiglechkeet ze kontrolléieren, wat fir e Projet d'Bank mat engem senge Sue finanzéiert. Den Epargneur verzicht op een Deel vu sengen Interessen, déi dem Bénéficiaire vum Prêt dann zegutt kommen.

De Mikrokredit ass en interessant finanziellt Instrument fir déi Fraen, déi sech selbststänneg maache wëllen. D'Kommissioun invitéiert d'Regierung sech Gedanken ze maachen, iwwer Mikrokreditter als Instrument zur Verwierklechung vun der Chancëgläichheet. An deem Sënn wëllt ech eng zweet Motioun déposéieren.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- constatant que les femmes sont toujours sous-représentées au niveau de la prise de décision économique;

- constatant qu'une participation accrue des femmes au pouvoir économique permettrait d'utiliser toutes les énergies et capacités productives disponibles et constituerait non seulement un facteur d'amélioration des performances économiques, mais également de promotion du statut de la femme et d'égalité entre les sexes;

- considérant que la mise en place d'une stratégie cohérente et active en la matière est nécessaire et que celle-ci exige également des actions concrètes favorisant l'entrepreneuriat féminin;

- constatant que le principal problème auquel se heurtent les femmes qui souhaitent créer leur propre entreprise est celui de l'accès au crédit;

- constatant qu'il existe actuellement un courant en faveur du microcrédit au sein de l'Union européenne et que certaines initiatives se sont développées notamment dans nos pays voisins;

- considérant que le recours aux petits crédits peut s'avérer particulièrement efficace dans le contexte d'une activité économique indépendante s'exerçant de manière individuelle et en dehors de besoins infrastructurels marqués;

- considérant que la facilitation de l'accès au financement des activités économiques indépendantes peut contribuer à une implication plus importante des femmes dans la création et la gestion d'entreprises;

invite le Gouvernement

- à intégrer l'aspect de l'accès au financement ainsi que celui des microcrédits dans les discussions du groupe de travail ad hoc que le Gouvernement entend mettre en place sous la présidence du Ministère de la Promotion féminine afin de discuter de la problématique de la création d'entreprises par des femmes.

(s.) Ferny Nicklaus-Faber, Marie-Josée Meyers-Frank, Maggy Nagel, Marco Schank, Théo Stendebach.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift nach vill ze maache fir datt d'Fraen an eiser Gesellschaft déi Plaz kréien, déi hinnen niewent de Männer zousteet. Mir dierfen net mat eisen Efforten nolossen an eis ëmmer nees Gedanken maachen, wéi ee kënnt d'Gläichheet tëschent Männer a Frae promouvéieren. Esou laang dëst Zil net erreecht ass, esou laang brauche mir e Fraeministère an eng parlamentaresch Kommissioun, déi sech mat der Problematik vun der Chancëgläichheet auserneesetzt. Mir zielen do wéi bis elo op d'ënnerstëtzung duerch eis männlech Kollegen, op déi déi wäitsichteg a fortschrëttlech sinn an eis dobäi hëllefen eis Ziler ze erreechen. Mir zielen awer och ganz staark, wéi bis elo, op d'Fraenorganisatiounen déi eis hëllefen alle Fraen hei am Land déi beschte Chancen ze garantéieren, an dat am Sënn vun enger echter Demokratie.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischter Riednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nelly Stein (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Sujet vun haut läit mer ganz besonnesch um Häerz, an dat ëmsou méi, well ech a menger Funktioun als fräier Buergermeeschtesch ville Leit begéint sinn déi an Nout gerode sinn an déi dréngend op Hëllef vun der Gemeng hu missen zrëckgräifen. Leider konnt een net ëmmer hëllefen, oder vläicht dach e bëssen doduercher, datt ee sech Zäit geholl huet fir déi Leit a fir hinnen nozelauschteren. Mä Gott sei Dank konnten awer a ville Fäll Léisunge fonnt ginn, wat fir mech perséinlech ëmmer eng ganz grouss Satisfaktioun an esouguer eng Freed war, wann een de Prinzip an d'Missioun eescht hëlt, datt d'Missioun vum Hëllefen eigentlech d'Quintessenz vun de Gemengeresponsabelen ass.

Ech viséieren heimaddeer virun allem de Volet vum Logement. Ech wëllt vu menger Riedezäit profitéieren, fir un Hand vun e puer konkrete Beispiller an de Gemengen op dëse Sujet anzegoen a mech an der Haaptsaach um Rapport vun der Egalitéskommissioun orientéieren. Natierlech wëllt ech menger Fraktiounskolleege, der Madame Ferny Nicklaus-Faber, villmols merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi si am Kader vun dëser Debatt geleescht huet, an och félicitéiere fir deen excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech denken datt de Rapport eng detailléiert Bestandsopnahm vun der sozialer an ekonomescher Situatioun vun de Fraen zu Lëtzebuerg duerstellt. Och wa mer um Niveau vun der Emanzipatioun vun de Fraen an de leschte Joren a Jorzénge grouss Fortschrëter erziilt hunn, an ech géif soen, hei ganz besonnesch Dank dem Fraeministère, déi der Gläichheet tëschent Mann a Fra dénglech waren, esou

ass d'Debatt vun haut awer net vu Muttwëll. De Rapport an déi doran enthalen Donnéeë si Fakten déi beleeeën, datt haut nach e gutt Stéck Wee ze goen ass. Dofir fanne ech och déi alljährlech Fraendebatt wichteg, a mer sollten dës Chance notze fir op Mëssstänn um Niveau vun der Chancëgläichheet an um Niveau vun der Gläichheet tëschent Mann a Fraen opmierksam ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mer wëssen datt sech d'Situatioun um Lëtzebuurger Wunnengsmaart an deene leschte Joren zougespëtz huet. Ouni dat elo wëllen ze dramatiséieren, esou muss een dach awer feststellen, datt et fir Famillje mat engem bescheidenen Akommes haut ëmmer méi schwéier gëtt fir eng Wunneng ze fannen, wou se e moderéierte Loyer bezuelen. Vu Kafé kann iwwerhaupt keng Rieds goen, an dëst trëfft virun allem op de Ballungsraum vun der Stad Lëtzebuerg an op de Süde vun eisem Land zou. Dat heescht also do wou sech déi ökonomesch, sozial, associativ a kulturell Aktivitéiten an der Haaptsaach konzentréieren. An d'Perspektiven, datt sech dës Situatioun an de kommende Jore berouegt, gesinn éischter däischter aus, wa mer beispillsweis de Bevëlkerungszouwuess a Betruecht zéien.

An dës prekär Situatioun verschäerft sech ëmsou méi fir Famillje mat Kanner, a besonnesch fir Famillje mat engem Elengerzéier. An an de meeschte Fäll sinn et d'Fraen, déi duerch den Doud vun hirem Mann oder Partner, duerch eng Scheedung oder duerch eng Trennung eleng mat hire Kanner zrëckbleiwen an hir Wunneng verléieren, well se duerch eng kleng Rent gezwonge sinn hir Wunneng opzeginn. An domat fänkt fir vill Fraen en Däiwelskrees un, en Däiwelskrees dee schwéier ze duerchtrennen ass.

Fir iwwert d'Ronnen ze kommen a fir sech zumindest de Loyer fir e Logement leeschten ze kënnen, mussen dës Frae schaffe goen, wat d'Fro erëm opwerft fir Structures d'accueil ze fannen, déi entweder vun öffentlecher oder vu privater Hand finanzéiert ginn, an am Kontext vun de private Strukturen ass et oft esou datt vill Frae sech dat iwwerhaupt net leeschte kënnen. Et ass wouer, datt an deem Domän an de leschte Jore ganz vill geschitt ass, an trotzdeem hänkt d'Offer der Demande ëmmer e Stéck hannendrun. Vill Fraen, déi an dës schwierig Situatioun kommen, hunn och en déiwe Bildungsniveau, komme munchmol aus anere Länner a verstinn dann och eis gewinnte Sproochen net, déi mer eigentlech fir d'Aarbechtswelt brauchen. Et doe sech deemno net ganz vill Méiglechkeeten op fir dës Fraen, déi da schlecht rémunéréierten Aarbechten nogoe mussen. De Salaire geet oft nëmmen duer fir dat allernoutwendegst, an et ass deemno kloer datt de Loyer e groussen Deel vum Salaire anhëlt. Dobäi kommen aner Facteure psychologescher Natur, déi d'Situatioun vun de Fraen nach verschlëmmen: Isolatioun, Depression, Resignatioun sinn déi Gefillern, déi den Alldag vun der eleng erzéiender Fra an esou enger Situatioun begleeden.

Wann d'Gemengen och heiansdo - ech soen heiansdo - d'Méiglechkeet hunn eng Noutënnerkonft fir d'Iwwergangsphas proposéieren ze kënnen oder wann d'Fraen eventuell an anere Strukturen ënnerkomme kënnen, esou sinn dës awer keng dauerhaft Léisungen. Ech brauch nëmmen d'Beispill vu menger Gemeng ze huelen - an et sëtze genuch Gemengepappen a -mammen heibannen, déi mer dat sécher net kënnen falsch maachen -: Zu Schëffleng eleng hu mir

eng Dose Leit, déi de Moment ganz dringend eng Wunneng bräichten. Et ass awer keng fräi. Da kann ee soen: Da soll d'Gemeng duefir suergen.

Ech muss awer soen, datt d'Gemeng Schëffleng net déi Gemeng ass, déi net fir sozial Wunnenge gesuergt hätt. Mir si souguer an deene leschte Joren dozou iwwergaangen, dass mer a Sozialwunnengen, déi fir eeler Leit bestëmmt sinn, den drëtten an de véierte Stack geholl hu fir jonk Familljen oder Erlengerzéier mat Kanner, awer nach ëmmer geet et net duer. Dobäi hu mer e Fonds du logement zu Schëffleng, wou sécher, ech weess et net, op 60 bis 70 Wunnenge sinn.

E krass Beispill ass, an dat deet mer haut nach wéi, mä mir hunn awer Gott sei Dank eng Léisung fonnt oder si ass no bäi: Do hu mer eng Fra mat véier Kanner, déi op der Strooss wier, a mir hate keng esou grouss Wunneng - et muss ee jo och wëssen, datt ee se net kann iergendwéi an en Zëmmer eraperechen -, do hu mer se an eis Noutwunneng gesat, déi mer ëmmer fir Katastrophefäll hunn. Déi Fra sëtzt awer elo schon annerhalleft Joer do. D'Fra géif eraus goen, mä si fënnt näischt. Si huet gesicht, an ech sinn Zeien datt si op de Wunnengsmaart siche gaangen ass, mä soubal wéi se seet „véier Kanner“, da fënnt se keng Wunneng.

D'Gemeng huet elo eng Léisung gesicht, mä dat kann een net ëmmer maachen. Mir maachen elo aus zwou Wunnengen eng, mä dat heescht datt mer aus deenen zwou Wunnengen déi Leit erëm mussen délogéieren an an eng aner Wunneng setze mussen. Dat alles brauch Zäit. D'Fra, déi gedëlleg ass, kritt awer elo déi Wunneng. Ech géif denken an deem nächste Mount misst dat geritzt sinn, mä do gesäit ee wéi onméiglech et fir verschidde Familljen ass fir iwwerhaupt ënnerdaach ze kommen.

Ech géif soen hei ass de Stat gefuerdert fir sech dësem Problem an engem globale Kader unzehuelen an iwwert déi vereenzelt Moossnamen, déi mer zum Deel an der Kommissioun abordéiert hunn, eraus ze goen. Ech wëll awer soen: Net nëmmen de Stat, och d'Gemenge mussen duefir suerge genügend Wunnengen zu soziale Loyerer ze schafen.

Wuel hëlleft de Stat scho ganz vill, mä mir wëssen allegueren, dass vill Leit net an de Genoss kënnen komme vun dëse staatlechen Hëllefen, well dës Hëllefen adresséiere sech an éischter Linn un déi Stéit, déi sech en Eegenheim oder eng Wunneng kënnen kafen, an un déi Stéit mat engem nidderege Loun, déi Locataire sinn an enger Sozialwunneng mat engem Loyer, dee sech hirem Loun upasst.

Eng aner Kategorie, déi an de Genoss vun esou enger Hëllef komme kann, ass déi déi den RMG bezitt. All déi aner Stéit, déi net an der Lag si fir sech en eegent Logement ze kafen an och net kënnen vum Loyerszouschlag am Kader vum Mindestloun profitéieren an déi doriwwer eraus keng Wunneng vum soziale Wunnengsbau kréien, well der net genuch do sinn, stinn ouni Hëllef do. An deem Fall si si meeschtens gezwongen eng Wunneng um fräie Maart ze lounen, mat engem Loyer deen hire Salaire sprengt.

Vläicht kéint d'Madame Minister eis iwwer hir Sicht zu dëser Thematik eppes méi soen a wat si och eventuell mam Minister Fernand Boden ënnerhëlt fir dëser Situatioun bäizekommen.

Ech wëll awer nach eng Kéier betounen, datt et sech hei nëmmen ëm e puer cibléiert Moossname kann handelen. D'Recht op eng Wunneng ass e Mënscherecht. D'Fro vum Wunnengsmaart muss dofir virun allem am Kader vun der sozialer Ausgrenzung vun de Betraffenen a besonnesch vun de concernéierte Frae mat Kanner beliicht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Chance fir dës Fro nozekomme besteet sécher bei der kommender Orientéierungsdebatt iwwert de Logement, déi an den nächste Wochen an der Chamber wäert stattfannen. Ech denken, datt mer déi Politik musse konsequent verfolge, déi am Programme d'action logement vun der Regierung virgeeechent ass. Ouni dem Rapport vun der Commission des Classes moyennes du Tourisme et du Logement wëlle virzegreifen, esou wëllt ech awer just eng vun de Konklusiounen aus dem Rapport ervirhiewen, déi d'Schaffung vu Logementer zu engem moderéierte Präis als prioritär Moossnam ugesäit.

Ech hoffen, datt mer am Kader vun där Debatt am Detail op dës Thematik zrëckkomme wäerten a mat dësem Appel wëll ech meng Interventioun zu Enn bréngen.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydia Mutsch virgesinn. D'Madame Mutsch huet d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir konnte fir d'Zu-Stanekomme vun dëser Debatt op eng Dokumentatioun zrëckgräifen, déi, mengen ech, hiresgläiche sicht. Rare virdu konnt e Rapport op Basis vun esou vill Material gemaach gi wéi op deem Material wat eis Kommissioun dës Kéier zur Verfügung hat: CEPS, Caritas, Croix-Rouge, Banque mondiale, Ministère, Beruffskummeren, Conseil national des femmes, Centres de recherche, Charte de Rome, Nations unies an esou weider. Mir hatten onheemlech vill Quelle fir eis ze dokumentéieren.

De Rapport vun der Kommissioun, wéi en eis an der Form wéi mer e kenne virläit, beschränkt sech virun allem op eng Analys vun deenen Documents de base. E mécht e guddé Résumé vun der Situatioun a geet souguer a Richtung vun enger deelweiser Auswärtung vun deenen Donnéeë fir domadder e Besuch op eis Lëtzebuurger Situatioun ze huelen. Eng kleng Fläissaarbecht also, déi sech mat deene villen allgemenge Remarque wéi „définir la place de la femme au sein de la société, apprécier les progrès accomplis et tracer le portrait socio-économique des femmes“ an esou weider an deem Rapport, deen 53 Säiten huet, op all Säit ausdréckt.

Eng kleng Fläissaarbecht hunn ech gesot, awer leider och net vill méi wéi eng kleng Fläissaarbecht, well Sait 35 vun deem Rapport, dee wéi gesot 53 Säiten ëmfaasst, gëtt dann eng Konkusioun vun der aktueller Situatioun gemaach an do steet dran, ech zitëieren: „Il résulte de ce qui précède que toute société a à gagner d'une participation pleine et entière et d'une représentation égalitaire des femmes dans tous les domaines. Or, une telle participation et représentation appellent la mobilisation de toutes les forces vives de la nation en faveur d'une promotion continue du statut socio-économique de la femme.“

Et bien, no 35 Säiten hätt ee sech do vläicht méi als Konkusioun vun der Bestandsopnahm erwaart. Zumindest ass dat näischt fir eisen Hären heibannen oder op anere politesch wichtige Plazen d'Schweesspären op d'Stir ze bréngen, datt mer elo géifen heibanne lassleeden.

Beim Etat des lieux kréie mer gesot mir hätten e Bilan globalement positif oder mer kréie gesot: „Actions et mesures concrètes adoptées en vue de promouvoir l'égalité n'ont pas réussi à éliminer toutes les discriminations“. Dat konnte mer eis scho bal denken, dass et net duer gaange war, well soss wiere



mer wahrscheinlech méi wäit wéi mer dat sinn. Dat heescht, wann een esou eng Behauptung opstellt déi Mesuré wieren net duergaangen, da kann ee just soen: Dat ass dat mannst, wat ee ka soen.

Mir hunn am Moment d'Situatioun hei zu Lëtzebuerg, dass 41% vun de Lëtzebuerger Fraen nëmme Primärschoulof Schloss hunn. Bei de portugisesche Fraen, fir nëmme dee Grupp erauszehiewen, sinn et iwwer 70%. Et bien, wann een do ka soe Bilan globalement positif, ech weess et jo net. 54% vun RMG-Empfänger si Fraen. Bei de Fraen iwwer 60 Joer sinn et bal 70%. D'Frae verdéngen am Duerchschnitt 28% manner wéi hir männlech Kolleegen. Den Taux de chômage lounge schonn 2000 - ech hunn déi aktuell Chifferen nach net mat verschafft, well se zum Deel nach net confirméiert sinn - bal duebel esou héich wéi d'Zuel vun hire männleche Kolleegen, ouni d'Donkelzifferen iwwerhaapt mat anzebeziéien, déi bei der Fraenarbechtslosegkeet vill méi héich ass wéi bei der Männerarbechtslosegkeet.

Bal 25% vun den elengerzéiende Frae leien ënnert der Aarmuttsgrenz wéi se am Rapport definéiert ginn ass. Iwwert 20% vun de Frae mat Conjoint an och mat Kanner, déi net berufstätig sinn, leien ënnert där Aarmuttsgrenz. Den Taux d'emploi féminin mat 40,2% ass ee vun deenen niddregsten a ganz Europa. Mir sinn op der fénneftleschter Plaz. Um EU-Gipfel zu Lisbon krute mer als Zilvirgab 60% bis 2010. Wéi mer do sollen hkommen, ech kann dat am Moment nach net ofschätzen, op alle Fall net opgrond vun den Aussoen am Rapport.

Da bei de Femmes dans la prise de la décision: Bilan globalement positif. Menger Meinung no net. 16,7% Fraen an der Chamber. Mir haten d'Chance fir déi schwedesch Ambassadrice bei eis an der Kommissioun ze hunn an och den Ombudsmann, dee sech a Schwede fir all Froe vun der Gläichstellung vu Mann a Fra asetzt. A Schwede si mer bei 46%. Ech wëll net soen, dass mir elo vun enger Woch op déi aner op 46% komme mussen, mä et soll ee just wësse wou d'Lat leie kann. Bei 46%.

Mir hu keng Fra am Büro vun der Chamber. 9% vun de Buergermeeschtere si Frae bei eis am Land. 29% vun de Kandidature ware bei de leschte Wahlen Fraekandidaturen. Déi Wahlen virdru waren et der 28%. Bilan positiv? Dat ass Interpretatiounssaach.

10% Fraen an de Gemengeréit.

**(Interruption)**

Gliff?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.* - Fofzeng.

Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Dann ass dat awer ganz nei, Madame Minister.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.* - Esou ass et zënter deene leschte Gemengewahlen.

Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Da mussen mir dat nach eng Keier vergläichen. Ech hat gemengt et wieren 10%, mä och 15% wieren der nach net genuch. Awer merci.

**(Interruption)**

Gutt! Tëscht 10 a 15% Repräsentatioun vun de Fraen an de Gemengeréit, dat ass, mengen ech, net déck an dat ass awer och net wäit ewech vum Status quo, wann een eis vergläicht mat de leschte Wahlen.

Dausende vun Demandé leie fir op nationalem Plang - fir elo net an d'Regiounen ze goen - fir Structures de garde, virun allem vu Ménages monoparentaux awer och vu berufstätige Koppelen. Dofir géif ech zumindest wëllen déi Ausso,

dass mer e Bilan globalement positif bei deenen Aktiounen hätten, déi an deene leschte Jore geschitt wieren, contestéieren. Meng Virriednerin, déi zum Logement geschwat huet, huet dat eigentlech nëmme confirméiert an am leschte Rapport vum Conseil économique et social, dee vu bal 7.000 Wunnengen zu erschwéngleche Präisser geschwat huet, déi géife feelen, geet och alles an déi dote Richtung.

Elo sinn ech awer e positive Mensch an dofir hunn ech dat och positiv interpretéiert, wat am Rapport stoung, dass mer d'accord wiere fir „les actions et mesures concrètes adoptées en vue de promouvoir l'égalité, du moins certaines d'entre elles, méritent d'être renforcées, complétées et/ou revues“. D'Ouverture ass do. D'Richtung ass ageschloen an et ginn dann och déi Beräicher genannt an deenen dat soll geschéien: an der Dimension du genre, der Protection sociale, dem Marché de l'emploi an op dem Niveau Prise de décision économique a politique. Et ass méi allgemeng gehalten.

Bei de Virschléi, déi elo ausgeschafft ginn, invitéiert d'Kommissioun d'Regierung, zum Beispill am Kader vun de Mesures de réemploi, ech zitieren: „Remboursement avantageux de la quote-part de l'indemnité par exemple au niveau des contrats d'auxiliaire“, dat si 40%, déi do u Frae ginn, bäize behalen, fir esou d'Occupatioun vun deem ënnerrepräsentéierte Geschlecht, also an deem Fall de Fraen, ze favorisieren.

Dozou ass ze soen: De Gesamtbudget - an ech hoffe Madame Minister, dass ech elo dës Keier déi richtig Zuel hei hunn - vum Ministère mécht 7,5 Milliounen Euro aus. En ass ferme an d'Luucht gesat ginn, wat eng gutt Geschicht ass, allerdéngs si just 262.395 Euro fir d'Promotion du travail féminin. Dat sinn eppes méi wéi 3% vum Gesamtbudget, wéi zum Beispill d'Mesures en faveur de l'égalité de traitement, Emploi et revalorisation des ressources humaines a Subsides pour mesures novatrices dans l'intérêt de l'emploi des femmes. Dat geet eiser Meinung no net duer fir elo offensiv d'Situatioun vun der Fra um Aarbechtsmaart ze verbessern. Elo äntwert Der mer vläicht: Ma jo, dat si jo och net déi eenzeg. Dozou kommen ech nach.

Et gëtt dann och Bezuch geholl op déi bestehend Mesuren, déi elo schonn zum Droe konnte kommen. Et gi folgend Mesuren do opgezitt. D'Campagnes de sensibilisation misste méi regelméisseg kommen. Et gëtt vum Rôle vum Observatoire geschwat, deen zënter 1998 fonctionnéiert. Et gëtt vun de Services d'accueil jour et nuit fir Femmes en détresse geschwat, wou jo e groussen Deel vum Budget vum zoustännege Ministère opbruecht gëtt, also vum Ministère pour la promotion féminine. Et gëtt vun Actions a Campagnes médiatiques d'information geschwat an et gëtt och vun der Mise en place d'organes de l'égalité geschwat, zum Beispill um Gemengenniveau vun engem Délégué à l'égalité des chances oder enger Commission consultative. Do hunn ech mech gefrot firwat de Service à l'égalité des chances net dobäi stoung. Wahrscheinlech well jiddfree weess, dass et annerhaleft Joer dauert bis een an iwwerhaapt accordéiert kritt, mä dat stéing trotzdem gutt hei dobäi.

Fazit ass deen: Natierlech si Campagnes d'information wéi zum Beispill d'Sensibiliséierungscampagne „Partageons l'égalité“ ganz wichteg fir déi Iddi vun der Egalité des sexes an der Opinion publique méi fest ze verankeren oder iwwerhaapt eréischt ze etabléieren. Eiser Meinung no missten awer elo siwe Joer no der Inauguratioun vum Ministère de la promotion féminine méi zousätzlech Mesuré concretiséiert gi mat sougenannten Actions de fond, déi d'Verankerung vun der Chancëgläichheet an alle

Beräicher vun eiser Gesellschaft erméiglechen, souwuel um berufleche Plang wéi am Privatliwen, an der Vie associative oder beim Engagement volontaire vun de Fraen.

Mir hunn dann nach eng Rei vu konkrete Virschléi am Rapport beim Exkurs iwwert d'Structures d'accueil, wou ech herno nach kuerz dozou kommen, mä deen awer relativ zrëckhalend ass an den Aussoen. Dee konkreteste Virschlag, dee sech op iwwer dräi Säiten erauszitt, ass de Virschlag vu Mikrokreditter als Outils de financement fir Fraen, déi eng Entreprise kreéiere wëllen. Do ginn eng Rei vun Ausféierunge gemaach, eng Rei vun Descriptifs, an déi Microfinance als Instrument beschriwwen, déi en Intérêt certain fir d'Fraen hätt.

Als Konklusioun vun deem Exkurs iwwert déi Microfinance gëtt da gesot: „Il y aurait lieu non seulement de réfléchir à l'utilisation plus soutenue des différents types de microcrédits“ - ech iwwersprangen dann dräi, véier Wieder - „mais également de réfléchir à leur utilité en tant qu'instrument de promotion du statut de la femme“. Dat ass dann den Ofschluss vun deem Kapitel.

Bon, d'Kommissioun encouragéiert dann dat, wat se nennt une telle réflexion, a fuerdert d'Regierung op - an da kënnt et - „à intégrer cet aspect dans les discussions“. Domat wiere mir souguer bei deem konkretste Virschlag net esou ganz vill weiderkomm. A wat ass dann d'Konklusioun vum Gesamtrapport, deen op der Sait 53 vun 53 Säite steet? Do wëllt ech gären d'Konklusioun zitieren, well ech se awer interessant fannen: „La société est en phase avec les avancées les plus hardies de la connaissance, qu'elle le soit également avec la condition féminine en se débarrassant du reste de conservatisme archaïque qui la caractérise encore.“ Dat ass jo awer ganz kämpferesch.

Ech géif awer bal behaupten, dass et kee kleng Rescht vu Conservatisme hei am Land gëtt, mä dass et nach e grouse Bagage, e grouse konservativen Donschtschleier hei am Land gëtt. Fir eis dovunner ze befreien, mengen ech, geet et net duer fir eng Konklusioun an e Gesamtrapport ze erstellen, mä ech menge fir eis vun deem Konservatismus ze léise misste mir eis vun der aktueller Regierungskoalitioun trennen a probéieren et besser ze maachen, Madame Minister.

Ee vun den Haaptschlësele schéngt eis, souwuel...

**(Interruption)**

Gliff?

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine.* - Ech kann awer démissionéieren, wann Der wëllt.

Mme Lydia Mutsch (LSAP). - Iwwerdreift elo net, Madame Minister. Dir sidd net déi Schlëmmst, déi do ass.

**(Interruptions diverses)**

Ee vun den Haaptschlësselen, souwuel fir d'Roll vun der Fra an der Gesellschaft ze festge wéi fir eng beschtméiglech Preventioun géint de sozialen Ofstieg, géint de Misär a géint d'Onselbststännegkeet vun der Fra am Berufsliwen, ass d'Beschäftigungsquot vun de Frae probéiere konsequent eropzesetzen.

Mir ass net bekannt, mä ech loosse mech gären do beléieren, dass eist Land eng national Zilvorgab hätt wéi a mat wat fir enger Strategie a virun allem mat wéi engem Moosnamekonzept mir déi 60%-Bedelegung vun de Fraen um Berufsliw bis 2010 wëllen erreechen,

esou wéi se um EU-Gipfel als Richtlinn vereinbart ginn ass: Stéchwuert besser Aarbechtsplaze fir Fraen, Stéchwuert Aarbechtsbedingungen, Stéchwuert Kannerbetrieuungsrichtungen, Stéchwuert Vereinbarkeet vu Schoul- an Aarbechtszäiten, Stéchwuert finanziell a sozial Ofsécherung.

Firwat soll eis Absicht d'Beruffstätigkeit vun der Frau eropzesetzen eng absolut Prioritéit genéissen? Schon als Co-rapporteur vun der Gläichstellungskommissioun zum Budget hat ech am Co-rapport probéiert déi Mesuren opzeléischen, déi et dann och erméiglechen, dass d'Egalité des chances, an engem fortschrëttleche Land wéi Lëtzebuerg et ass, och e Gradmesser ass, wann et drëm geet fir d'Bedelegung vun de Fraen um Berufsliwen ze moossen. Och dat ass e Stéck fir méi no un d'Egalité des Chances ze kommen, wann et engem geléngt d'Frae méi ze mobiliséieren, fir sech am Berufsliwen ze engagieren.

Mir hate schonn 1997 eng Debatt an der Chamber iwwert d'Situation des femmes au sujet du travail des femmes. Dat war eng interessant Debatt. Do gouf ganz interessant Pisten opgefuert, zum Beispill am Zesummenhang mat der Educatioun, mat der Garde vun de Kanner, mat den Infrastrukturen déi dorunner hängen, am Zesummenhang mat der Formation professionnelle initiale et continue, am Zesummenhang mat der Réintégration vum de Fraen an d'Berufsliwen an aner Mesuren, déi eis eise Zil fir d'Frae verstärkt an d'Berufsliwen ze réintégrieren géife méi no bréngen. De Gros vun hinnen ass nach ëmmer ganz gutt a se gëllen och nach ëmmer als Leitlinie fir eise Zil méi no ze kommen. Mir sinn allerdéngs net wäit genuch komm an eisen Absichten, och wann den Taux an der Tëschenzäit an d'Luucht gaangen ass, allerdéngs net esou wéi ee sech dat hätt kënnen erhoffen. Dobäi geet et net nëmme ëm eng Nécessité démocratique, mä et geet och ëm eng Nécessité économique. Déi rezent wirtschaftlech Entwécklung, déi geet op alle Fall net konträr an déi Richtung.

E Land wéi Lëtzebuerg däerf sech net méi laang net op de Potenzial vun der Main-d'oeuvre féminine beruffen, dat heescht si ka sech et einfach net méi erlaben nëmme op de Savoir-faire an op d'Kompetenz zrëckzegräifen, och wann et ëm de wirtschaftleche Plang geet.

Mir hate jo d'Chance, an ech wëll dat ausdrécklech ervirhiewen an och positiv ervirhiewen, ganz interessant Gesprächspartner an eiser Gläichstellungskommissioun ze hunn a ware beandrockt, dat ass wahrscheinlech jo näischt Neies, wat ech hei soen, wann ee Besuch huet vu Vertrieeder vu skandinavische Länner. Mir haten elo kierzlech den Ombudsmann vun der schwedescher Regierung bei eis, deen e bëssen esou e Rôle de coordinateur bei hinnen huet.

Mir haten och d'Chance, wéi ech dat d'Éinescht scho gesot hunn, d'schwedesch Ambassadrice bei eis ze hunn, an do koum am Fong eraus, dass et relativ egal ass - ech wëll dat elo nuancéiert soen - a wéi engem Ministère sech mat Froeronderëm d'Intégratioun vun der Fra an hiert Berufsliw sech beschäftigt gëtt. Et kann a la rigueur esouguer de Ministère de l'Économie sinn, de Ministère du Travail oder de Ministère de la Famille. Dat ass eigentlech egal. Et muss just ee Ministère ginn, deen e Rôle de coordination kann hunn an och e Rôle de concertation, fir et ze erlaben eng vernetzte Planifikatioun ze maachen. Wéi et elo net de Fall ass.

Zu Lëtzebuerg ass zum Beispill, ouni dat elo wëlle péjorativ ze soen, well et ass eng wichteg Saach, d'Hëllef fir Femmes en détresse oder fir Fraen a besonnesch schwéiere Liewenssituatiounen d'Prérogative vun dem Ministère

de la Promotion féminine, wat sech schonn eleng doduerch erëspigelt, dass bal dräi Véierel vum Budget an esou Begleetmesuren oder Infrastrukturen investéiert ginn. Dat ass eng wichteg Saach, allerdéngs ass et esou, fir nach ee Moment bei deem Beispill ze bleiwen, fir d'Frae besser, verstärkt a méi schnell an d'Beruffsliewe sech ze integréieren. Dat ass keen ausdrécklechen Objet, op alle Fall net wann et drëm geet, deen Objet fächergräifend ze behandelen, et ass kee prioritären Objet vun eise Ministère de la Promotion féminine. De Ministère huet keng oder nëmme wéineg Emprise op d'Planifikatioun, ob dat elo ëm den Aménagement vu Kannerbetrieuungsinfrastrukturen geet, oder ob et ëm d'Formation initiale a continue geet. Fir nëmme déi ze nennen.

Ech hunn éineschters gesinn eng Rei vu Leit de Kapp rëselen, wéi hei gesot ginn ass, et kéint och een anere Ministère sinn, well mir si jo hei zu Lëtzebuerg eigentlech der Meinung, dass et misst de Ministère de la Promotion féminine sinn. Ech fannen et dofir ganz bedauerlech, well et tatsächlech esou kéint sinn, well grad dee Ministère besonnesch gutt placéiert ass an e besonnesch gudden Know-how huet - ech bezweifelen dat guer net - fir kënne konkret a realistesch Proposen ze maachen, ganz einfach well déi Persounen, déi an deem Ministère beschäftigt sinn, ganz vill um Terrain aktiv sinn, och oft aus Milieue komme wou se scho bewisen hunn, dass se den Terrain gutt kennen, an och Fraen a verschiddene Liewenssituatiounen gutt genuch kenne geléiert hu fir kënne Mesuren en connaissance de cause ze proposieren.

Datselwecht géllt zum Beispill fir spezifesch Mesuren am Kader vum PAN-Gesetz. All d'Acteure rassembleieren, Synergie maachen, eng enk Zesummenaarbecht tëscht deenen ënnerschiddleche Ministèren, wou mer am Moment vill Ministèren hunn déi Kompetenzen hunn zu deem dote Sujet, zum Beispill d'Famille fir d'Structures de garde, oder d'Économie fir d'Orientation générale, och den Aarbechtsministère fir alles ronderëm de Marché de l'emploi.

Esou en Usproch géing och éischer dem Konzept vum Mainstreaming entsprechen, deen et erlabe soll, all Aspekt ronderëm d'Situatioun vun der Fra an engem Gesamtprozess vun der Prise de décision anzubannen. Ech mengen aneschtens kann et och net goen.

Eleng schonn d'Tatsaach, dass et véier Haaptfaktoren gëtt, déi kënnen hei am Land zu Aarmutt féieren, esou wéi et definéiert ass am Rapport a wéi et och elo vun der Presidentin skizzéiert ginn ass, nämlech d'Feele vun enger rémunéierter beruflecher Aktivitéit, de Statut vum Elengerzéier, d'Presenz vu Kanner an engem Stot nom Eraustriede vun der Fra aus dem Berufsliwen an den niddrege Formationsniveau, eleng schonn d'Tatsaach, dass et déi véier Haaptfaktoren gëtt, misst Encouragement genuch si fir der Fro ronderëm den Emploi féminin eng Priorité absolue zouzesécheren, net nëmme fir dem sozialen Ofstieg vun de Fraen entgéint ze wirken an entgéint ze trieden, mä och fir der Egalité de fait e Stéck méi no ze kommen.

D'finanziell Onofhängegkeet vun der Fra ass nowieslech ontrennbar mat der Méiglechkeet hiert Liewen als Fra selwer ze bestëmmen. Et ass an deem Haus an och op anere Plaze schonn oft a vill iwwert de Mangel u Betrieuungsstrukturen fir Kanner geschwat ginn. Den Déséquilibre tëscht dem Opdeele vun der Charge familiale an dem Mangel u Structures de garde ass ganz oft d'Uersach firwat Fraen deelweis oder ganz en définitive ophale mat schaffen. Eng besonnesch Opmierksamkeet sollt mer an deem Kontext de Femmes rentrantes zoukomme loos-sen.



Am Kloertext, wann een d'Aar-becht vun de Fraen oder d'Intégratioun an d'Reintégration vun de Fraen an d'Beruffswelt wëllt ënnerstëtzen a fördern, da muss een, do laanscht kënn een net, parallel Structures d'accueil développée- ren, a wann et nëmmen iergendwéi geet schnell développée- ren. Dobäi sollt een am Besonneschen och d'Öffnungszäiten an d'Betreiungsméiglechkeeten ausserhalb de Schoul- a Betreierungszäite mat berücksichtegen.

Déi Gemeng, wou ech mech am beschten auskennen, nämlech Esch, setzt op Ganzdagsbetreiung. Firwat Ganzdagsbetreiung? Ganz einfach well an deem Kontext et besonnesch wichteg ass fir d'Fra an enger berufstäteger Koppel, also als ee vun de berufstätege Partner, fir d'Fra monoparentale, fir déi e Précoce, fir nëmmen deen elo als Beispill ze nennen, deen oft als Allheilmittel fir schoulesche Mësserfolleg, fir Intégratioun a fir all méiglech sozial Atout-en duergestallt gëtt, eigentlech net vill fir déi Sparte vu Leit bréngt, wann en net e ganzen Dag oder weinstens en halwen Dag offréiert gëtt, well da kann ee sech jo nach organiséieren. Däers sollt ee sech och kloer sinn, wann een doriwwer schwätzt, an däers sollt ee sech och kloer sinn, wann een iwwer Ganzdagsbetreiung am Zesammenhang mat der Diskussioun ronderëm de Précoce schwätzt, well soss ass eis och an där doter Diskussioun, zumindest wann et ëm eng besser Intégratioun vun der Fra an d'Beruffsliewe geet, net onheemlech vill gehollef.

Eis Partei wäert an deenen nächste Wochen a Méint ronderëm sozial Debatten, ronderëm Diskussiounen iwwert d'Wunnengsmaartpolitik, zum Beispill an deem Débat, dee mer elo kréien iwwert d'Politique du logement vun eiser Regierung, konkret Virschléi ronderëm aktuell an zukünfteg Mesurë bréngen, ronderëm Mesures de sécurité sociale, ronderëm Mesures de fiscalité, ronderëm de Logement, ronderëm Infrastructures de garde a ronderëm all méiglech Regeln, déi et sollen erméigleche fir en allgemengt Aarbechts- a Sozialëmfeld ze kréien, wou sech net nëmmen dat Gesamtëmfeld ännert, mä wou sech och virun allem d'Prémisen änneren, fir dass sech d'Fra och an deem Ëmfeld ka bewegen a behapten.

D'Debatt vun dësem Joer, wéi och d'Debatt vun all deenen anere Joren, kann eiser Meenung no nëmmen e Sënn hunn, wann een eng Strategie développéiert, wann een e konkreten Aktionsplang opstellt, wann een en nach méi konkreten Zäitplang opstellt, wéini een deen Aktionsprogramm wëll realiséieren.

An da soll eis Chamber dat an där Debatt maache wat se an esou enger Situatioun am allerbeschte kënnt, nämlech vu Joer zu Joer als Kontrollgremium kucke wat erreecht ginn ass, wéi et erreecht ginn ass a wéi eng zousätzlech Instrumenter ee sech ka ginn, fir esouwuel déi Mesuren ze erreeche wéi och deen Zäitplang, deen ee sech opgestallt huet, anzehalen. Well dat eiser Meenung no net ginn ass, net gi war an deene leschte Joren an och net ginn ass an dësem Joer, hu mir bewosst drop verzicht fir Motiounen anzubréngen a soen awer trotzdem merci fir d'Opmierksamkeet, op alle Fall déi, déi ech elo scho kritt hunn.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Madame Maggy Nagel agedroen. D'Madame Nagel huet d'Wuert.

**Mme Maggy Nagel (DP).** - Här President, Dir Mammen an Dir Hären, eis Gesellschaft befënnt sech säit enger Rei vu Jorzéngten an engem rasante Wandel. D'Liberalisierung grosso modo, mä och d'Vitesse an där sech déi allgemeng Liewensëmstänn déve- loppéieren, spigele sech net nëm-

men an eise traditionelle Famillje- bild erëm. Och d'Bild vun der Frau an d'Bild vum Mann, d'Verhältnis tëschent de Geschlechter, hu sech am Laf vun deene vergaangene Jorzéngten déifgräifend verännert.

Als Illustratioun vun dëse Verännerunge wëllt ech lech e puer Beispiller aus dem Code civil zitieren, Beispiller déi haut am Joer 2003 méi oder weëneger pittoresk klén- gen, mä ganz daitlech weise wou sech d'Frae virun net allze laanger Zäit an eiser Gesellschaft nach si- tuéiert hunn. Huele mer zum Bei- spill den Artikel 1124, dee besot huet: „Les incapables de contracter sont les mineurs, les interdits et les femmes mariées“. Oder d'Arti- kelen 229 an 230: „Le mari pourra demander le divorce pour cause d'adultère de sa femme“, a bei de Fraen allerdéngs huet et ge- heescht: „La femme pourra de- mander le divorce pour cause d'adultère de son mari, lorsqu'il au- ra tenu sa concubine dans la mai- son commune“.

Dës an aner Artikelen aus dem Code civil sinn erëischt an de 70er Jore geännert ginn.

Mat deenen zwee Gesetzer vum 12. Dezember 1972 an dem 4. Fe- bruar 1974 iwwert d'Rechter an d'Flichte vun der Fra, respektiv der gläichberechtigter Administration des biens vun enger bestueter Koppel, ass mat Sécherheet dee gréisste Wandel vun der Situatioun vun der Fra an eiser Gesellschaft agetrueden. Un Hand vun dëse Beispiller wëll ech och ganz kloer weisen, datt d'Politik vun deene leschte Jorzéngten oft nëmmen eng Reaktioun op Verännerungen an der Gesellschaft a vun der Posi- tioun vun der Fra an der Gesell- schaft wor.

D'Demokratesch Partei awer gesäit d'Roll vun der Politik esou, datt si d'Condition féminine définiert an hëllef weider entwéckelen, fir op dës Manéier aktiv politesch Moos- stänn ze setzen anstatt enger ge- sellschaftlecher Entwécklung ein- fach hannendrun ze lafen.

Här President, d'Politik vun haut huet an deene leschte Joren oft ën- ner Beweis gestallt, datt si net wëllt hannendru lafen. Si huet Initiative geholl, déi e grouse Schrëtt no vir fir d'Frae bedeiten. Am PAN- Gesetz vum 12. Februar 1999 gouf d'Hallefdagsaarbecht nei de- finéiert. D'Entreprisë mussen aller- déngs nach méi ënnerstëtzt gi fir datt si méi intensiv op dëse Wee kënnen goen.

A puncto Sozialversécherung den- ken ech méi spezifesch un d'Uner- kennung vun de Babyjoren oder un d'Gesetz vum 28. Juni 2002, wat de Forfait d'éducation an d'Aus- dehnung op dräi Joer vun den Er- zéijungsjoren agefouert huet.

Mä och d'Ënnerscheeder vum Ren- tendesch, oder vill méi d'Entscheede- dunge vum Rentendesch fir d'Ren- ten erop ze setzen, an d'Honger- renten esou gutt et geet aus der Welt ze schafen, wore wichteg Ini- tiativen. Initiativen, Här President, déi virun allem deene Fraen a Mammen zegutt koumen, déi net d'Chance haten an enger moder- ner Gesellschaft grouss ze ginn, wou d'Meedercher an déi jonk Fraen d'Méiglechkeet hunn ze stu- déieren an e selbststänneg Lie- wen ze féieren.

Wa mir vun enger aktiver Promoti- on féminine schwätzen, dierfe mer net dës Frae vergiessen an all Ini- tiativ, déi an dësem Sënn geholl gëtt, muss ënnerstëtzt ginn.

Et ass deene vergaangene Gene- ratiounen ze verdanken, datt d'Fra haut gréisstendeels de Choix huet dat Liewen ze féiere wat si sech vir- stellt, sief dat doheem an der Famill oder sief dat um berufleche Plang.

Mam Risiko d'Wierder vun der Ma- dame Rapportrice ze widderhuelen - ech wëll eng Klamer opmaachen, wollt ech félicitéiere fir hiren excel- lente mëndlechen a schrëftleche Rapport -, wëll ech dofir kuerz op déi aktuell sozio-ekonomesch

Situatioun vun der Fra an eiser Gesellschaft agoen.

Enn der 60er an Ufank der 70er Jore wore nëmmen 30% vun der aktiver Bevölkerung Fraen. Haut, 30 Joer méi spéit, läit dëse Pro- zentsaz bei 51,7%. D'Zuelen, déi eis am Beräich vun de Studien zur Verfügung stinn, schwätzen eng nach vill méi daitlech Sprooch.

1984/1985 goufen et nëmme 37% Studentinnen, haut ass d'Paritéit vun de Geschlechter erreecht. Dat weisen och d'Zuelen iwwert déi staatlech finanziell Studienënner- stëtzung, wou 50,9% vun de Fraen an de Genoss vun enger finanziel- ler Ënnerstëtzung kommen. D'Tat- saach ass och, datt net nëmme gläich vill Meedercher a Jongen an eise Lycéë sinn, mä d'Meeder- cher ënner 30 Joer, déi mindestens e Bac+3 besëtzen, hu mat 20,2% vis-à-vis vun 18,4% bei de Jongen e vill méi héijen Taux de Réussite.

Och um politesche Plang kann een eng identesch Evolutioun feststel- len. Et ass scho gesot ginn, të- schent 1965 bis 1999 ass d'Zuel vun de Fraen am Parlament vun enger op zéng geklommen. En Drëttel vun hinne sinn haut an der Regierung.

Här President, ech hunn lech dës Zuele genannt fir daitlech ze ën- nersträichen, datt déi Fraen, déi sech entscheet hu politesch oder beruflech ze rësséieren, duerch- aus an der Lag sinn eng Carrière opzebauen, esou wéi hir männlech Kontrahenten.

Méiglechkeete bestinn, an datt d'Fraen d'Potenzial hunn ze rëus- séieren, egal op wéi engem Plang, stellt hautdësdays wuel kee méi a Fro. D'Fakten um Terrain sinn also do a si loosse och keng Zweifel iwwert déi weiblech Presenz an alle wirtschaftleche Sparten zou. An awer, trotz dësen Zuelen, trotz dëse Gesetzer, déi déi verschide Regierungen geholl hunn, kommen déi kritesch Stëmme, déi sech haut wéi gëscht mat Vehemenz fir d'Förderung vun der Egalitéit tëschent de Geschlechter asetzen, nach net zur Rou. Un dëser Stell wëll ech daitlech betounen, datt d'Demokratesch Partei, no besch- tem Wëssen a Kënnen dës Stëm- men ënnerstëtzt. Awer ech wëll och genau esou daitlech drop hiwei- sen, datt mir an der Fraeförderung op kee Fall dierfen higoen an d'Acquisë vun haut praktesch erofspillen an ëmmer nach op Schratt an Tratt hannert all Dier Dis- kriminatioun vis-à-vis vun de Frae gesinn.

Nach ass sécherlech net alles esou wéi et kënnt oder misst sinn, mä fir mech steet fest, déi modern Fra vun haut dierf net méi a priori an eng Opferroll eragezwängt ginn. Déi gläichwäerteg Unerken- nung vun engem Liewe wéi d'Fra sech et virstellt, heescht nämlech weder datt d'Frae vu vieren an e weiblichen Opferstatus gezwängt ginn, nach heescht et datt d'Frae- politik Synonym ass mat Famillje- politik. Eng reell Förderung vun der Fra an eiser Gesellschaft bedeit näischt méi an näischt manner, wéi datt d'Fra als een autonomt a selbststänneg Individuum be- truecht gëtt. Eng Persoun déi fräi entscheede kënn muss wat se wëll a wat net. D'Gesellschaft huet domat ganz einfach ze akzeptéie- ren, firwat déi eenzel Fra sech ent- scheet, ausschliesslech fir hir Fa- mill oder Kanner do ze sinn, oder sech entscheet fir Famill a Carrière mateneen ze verbannen.

Et dierf net sinn, an dat hu mer alt schonns haut héieren, datt déi Fraen, déi sech entscheeden do- heem ze bleiwe bei hirer Famill, bei hire Kanner, praktesch als Schma- rotzer duergestallt ginn, déi op d'Käschte vun der aktiver Bevölke- rung liewen. Et dierf och net sinn, datt déi Fraen, déi sech entschee-

de beruflech oder politesch Car- rière ze maachen, ze héiere kréien, si géifen hir Kanner vernoléisse- gen.

D'Demokratesch Partei schwätzt sech daitlech fir de libre Choix aus vun all Fra, ob bestuet oder net, ob Kanner oder net. Eis Aufgab als politesch Responsabel an als déi, déi mir vun de Bierger gewielt gou- fen, ass et dës gesellschaftlech Barrieren, déi leider ëmmer nach bestinn, ofzebauen un Hand vun enger fraefrëndlecher Politik, déi d'Mëttelen zur Verfügung stellt, fir datt fräi Entscheedungen eng Evi- denz gëtt an net eng Eventualitéit ass.

Här President, no eise Verständ- nis ass d'Fraeförderung net souge- nannte weiblech Defiziter an enger reng männlech dominierter Ge- sellschaft ausgläichen. D'Fraeför- derung ass fir ons vill méi d'Chan- ce d'Fäegkeeten ze fördern, déi bis haut opgrond vu gesellschaftle- che Konventiounen oder ebe ge- schlechtsspezifischer Sozialisa- tioun verbuerge bliwwen sinn. Haut geet déi klassesch Fraeförderung leider allze oft nach Hand an Hand mat Duerchsetze vu Quoterege- lungen.

Mir mengen net, datt eng Quotere- gelung der heiteger moderner a selbststänneger Fra zegutt kënnt. D'Demokratesch Partei selwer ass de beschte Beweis. Ouni iergend- wellech Quoteregierung huet d'DP mat engem Prozentsaz vu 40% an de leschte Wahlen dat beschte Re- sultat opzewiese wat d'Fraen an der Politik betrëfft. Et ass also méiglech, datt d'Fraen ouni Geset- zer oder Reglementer fir d'Politik ze mobiliséiere sinn. A wat um poli- tesche Plang méiglech ass, ass och sécherlech um berufleche Plang net onméiglech.

D'Demokratesch Partei ass der Meenung, datt d'Frae selbstänneg, ouni Interventioun vu baussen, sol- len handelen.

Fir eis sinn d'Fraen an der Politik zu enger Selbstverständlechkeet ginn. Anstatt op kënschtlech Agré- fer wéi zum Beispill d'Quoterege- lung zréck ze gräifen, hu mir eis entscheet, de noutwendige Men- talitéitswiessel sech natierlech ent- wéckelen ze loosse. D'Resultat ass haut, datt mir am Verglach mat anere Parteien e grouse Schrëtt méi wäit sinn, an dat net zu Lescht well mer erkannt hunn, datt et sech hei ëm eng gesellschaftspolitesch Evolutioun handelt, déi an eischer Linn emol an de Käpp vun eise Bierger stattfanne muss a sécher- lech och schonns stattfonnt huet.

Här President, de jure ass déi rechtlech Egalitéit tëschent Fra a Mann erreecht. D'Realitéit awer, an do besteet leider keen Zweifel, ge- säit zum allerofstent anescht aus. D'Fraen hunn an deene leschte Jore praktesch an all Gebitt opge- holl. An obwuél ëmmer méi Fraen an de Chefétagen ze fanne sinn, bestinn ëmmer nach grouss Enner- scheeder tëschent Männer a Fraen, an zwar a puncto Akommes an a puncto Carrièrechancen. Datt an deem Beräich nach esou mun- ches ze dinn ass, läit op der Hand.

Erstaunlecherweis huet sech am Laf vun deene vergaangene Joren awer erausgestallt, datt weder eng haart Quoteregierung nach rigid Gesetzer zur Gläichberechtigung vu Fra a Mann zu deene beschte Resultater féieren, fir carrière- bewosst Fraen ze ënnerstëtzen.

An der Analys vum Sonja Bischoffs iwwer „Männer und Frauen in Führungspositionen der Wirtschaft in Deutschland“ vun 1999 stellt sech eraus, datt dës klassesch Förderungsmoosnamen d'Frae weder a Chefétage bruecht hunn, nach konnte si hir Pai nennens- wäert erhéien. Op Quoteplaze sët- zen zwar Fraen, déi hire Beruff och nach vläicht gutt maachen, mä am Verglach zu hire männleche Kon- kurrente wore si nach laang net déi Bescht. Ech géif souguer esou wäit goen a soen, datt Quote bal eng Diskriminatioun vun der Fra sinn.

An anere Wierder, eng Fra déi duerch d'Quoteregierung de Sprong no uewe gepackt huet, kann net mam Mann konkurréieren, well si hier Carrière de Quoten ze verdanken huet an net hirer per- seïnlecher Kompetenz.

Ausserdeem sinn ech der Mee- nung, datt d'Aféierung vu Quoten e grouse Schrëtt zréck ass. Mir brie- chen dann nämlech mat dem Prin- zip vun der Emanzipatioun: ze re- fuséieren d'Mënschen no natierle- chen Distinctionen ze katalo- giséieren. Mir stellen och de Prin- zip vun der Universalitéit a Fro. Un dëser Stell wëllt ech d'Evelyne Pi- sier, Jurist a Professor fir Droit privé a Sciences politiques zu Paräis zitieren: „Evidemment l'humanité n'est pas simple. Non parce qu'elle est double, ce serait trop simple, mais parce qu'elle est multiple. Sinon pourquoi la dire universelle?“

Et schéngt mir evident ze behaa- pen, datt andeems mir déi sexuell Dualitéit zu engem konstitutive Prinzip vun der Mënschheet maa- chen, de Wee fir d'Pluralitéit vun der Mënschheet verspéert gëtt. Mir kënnen d'Mënschheet dach net a Kategorien andeelen. Dat ass ge- féierlech, well mer soss och nach aner Differenzatioune musse be- truechten. Mir als Gewielten awer hunn d'Aufgab all eis Bierger ze vertrieeden, onofhängeg vun hirem Sexe, hirer Hautfaarf an hirer sozia- ler Herkunft.

Virun allem jonk Frae gesi sech net als sougenannte Quotefraen. Si wëllen um berufleche Plang eppes erreechen, well si d'Potenzial, d'Kënnen an d'Wëssen hunn, net well si als Fra gebuer goufen. Fir d'Demokratesch Partei ass d'Leeschtung net geschlechtsver- bonnen.

Här President, fir dës Situatioun ze verbessern, denken ech datt mir ee ganz anere Wee wéi deen iw- wert d'Quoten oder Ähnlech musse goen. Fir mech ze erklären, géif ech nach eng Kéier gären op eis Schoulen zréckkommen.

Wéi aganks gesot, wësse mir, datt an eise Lycéëen d'Paritéit erreecht ass. Mir wëssen och, datt méi Frae wéi Männer héich Diplomer hunn. Folglech misst ee kënnen dovun- ner ausgoen, datt all d'Konditiou- nen erfüllt sinn, fir enger Fra de Wee an d'Beruffswelt ze erméigle- chen an domat och an héich Posi- tiounen, sief dat an enger Firma oder an der Politik. D'Zuele weisen awer och, datt d'Realitéit dëser Prémisse net entsprécht.

Et ass haut ëmmer nach esou, datt vill Frae sech fir Beruffer entschee- den, déi um wirtschaftleche Plang einfach keng grouss Carrières- méiglechkeete bidden. Et sinn dat virun allem Beruffer, déi an de Beräicher vun de Sozialwëssen- schafter oder der Science humai- ne falen. Nëmme weëneg Frae wei- sen Interesse fir Ingénieurswë- senschaften oder technesch Beruf- fer. Dat läit zu engem groussen Deel a bis haut un der institua- lisierter Rolleverdeelung an eiser Gesellschaft. Ech sinn der Mee- nung, datt et net dermat gedoen ass, fir vun enger sexistescher Prä- gung an eiser Schoul ze schwät- zen. Et ass leider eis Gesellschaft, déi sech an dësem Beräich muss weider entwéckele fir vun deem Rollemuster Fra-Mann ewech ze kommen.

### (Interruption)

Dat soen ech lech elo.

Mir brauchen eng aktiv Mädchen- politik. An anere Wierder heescht dat, datt an eise Schoulen an och an eiser zukünftiger Universiteit eng grondsätzlech Berodung muss sinn, fir datt sech d'Meedercher an déi jonk Frae fréizäitig mat Beruffs- felder auserneesetzen, déi laang Zäit als klassesch männlech agestuift goufen an doduerch am Ënnerbewosstsinn guer net an déi enger Wiel vum eventuelle Studie- fach kommen.

Domat ass et awer net gedoen, well wéi mir wëssen, ass et haut zu



engem groussen Deel ëmmer nach esou, datt et d'Frae sinn, déi sech nieft hirem Beruff ëm hir Kanner këmmen an net de Mann. An deem Kontext plädéieren ech enger-säits fir d'Förderung vun enger Männerpolitik, déi sech mat weiblichen Aufgaben auserneeetze kann, anerersäits ass et d'Aufgab vun de politesche Responsabele fir déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir datt d'Frae béides, Beruff a Carrière, kënnen ënnert een Hutt bréngen. Ech denken hei spezifesch un déi bestänneg Förderung vu parascolairen Infrastrukturen, mä ech denken awer och un nei Aarbechtsformen.

D'Förderung vu méi flexibelen Aarbechtsforme bedeit virun allem fir d'Fraen eng nei Chance fir hirt Liewen esou ze organiséiere wéi si dat fir richtig fannen. An et freet mech dofir ëmsou méi, datt zum Beispill d'Reform vum Beamtestatut an deem Kontext eng wegweisend Roll wäert spillen. Aarbechtsforme wéi den Télétravail oder Hallefsdagsaarbecht wäerten an Zukunft an der Fonction publique een neie Stellewäert kréien.

An deem Sënn ass d'Aufgab vun der Politik net fir op Béien a Briedchen eng Egalitéit ze schafen déi, an och dat muss ee soen, net ëmmer ka geschafe ginn, well Mann a Fra sinn net gläich. Et gëtt Ennerscheeder an der Liewensastellung an am Choix vum Liewen dat gefouert wëll ginn. Et geet dofir net drëms des Ennerscheeder ze verkennen oder auszeradéieren. Et geet vill méi drëms des Ennerscheeder positiv auszeleeën, fir datt Fra a Mann an eiser Gesellschaft alle béid hire flexibele Choix maache kënnen.

D'Aufgab vun der Politik ass et d'Viraussetzungen ze schafe fir dat ze erméiglechen, an net fir nei rigid Kaderen ze kreéieren, déi alt erëm d'Fraen an d'Männer an eng fix Roll eranzwängen, well d'Bild vun der Fra, déi trotz Mann a Kand Carrière gemaach huet, ass nämlech gewässermoossen och nees eng fix Roll schafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi sëllech Gesetzter, déi an deene vergaange Jore gestëmmt goufe fir d'Rechter vun de Fraen ze stäerken, a virun allem fir hirer heiteger selbstänneger Roll an der Gesellschaft Rechnung ze droen, weisen, datt de Mentalitéitswiesel an de Käpp vun de Leit an domat an de Käpp vun de politesche Responsabele stattfonnt huet. Mä esou laang et Beispiller gëtt wou d'Fraen ze kuerz kommen, esou laang ass dese Prozess nach net ofgeschloss. D'Fraeförderung ass keng exklusiv weiblech Sparteolitik, mä si richt sech och un eis Männer, fir datt déi traditionell Geschlechtszouschreiwung an der Erziéung lues awer sécher ausstieft. Mir brauche selbstbewosst Meedercher a selbstbewosst Fraen, déi an der Politik, am Beruff an an der Gesellschaft net méi fir hir Rechter kämpfe mussen, mä fir déi des Rechter als selbstverständlech gëlen.

Ech soen lech merci fir Äert Nolauschteren.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin ass d'Madame, pardon den Här Colombera agedroen.

**M. Jean Colombera (ADR).** - Merci, Här President. Ech si géiert, dass ech hei elo verweblecht gi sinn. Ech wäert och versiche fir d'Conditions féminines ganz gutt ze verteidegen. Erlaabt mer vläicht am Ufank fir nach eng Kéier meng Trauregkeet auszedrëcken, Här President. Mir hätte kéinten haut d'Geschicht schreien als Parlament.

**(Interruption)**

Mir hätte kéinten haut een neie Wee beschreiden an der Chancëgläichheet mat der Electioun vun enger Vize-Presidentin.

**(Interruption)**

Här Loes, et ass net un lech. Et deet mer Leed.

Mir hätte kéinten haut d'Geschicht schreien. Mir hunn et verpasst fir an den Olymp opgeholl ze ginn.

Leider muss mer de berühmte Gang no Canossa ugoen. Erënnert lech un 1077 wéi den Heinrich de IV. vum päpstleche Bann getraff gouf. Hien ass op Canossa gaang. Hien huet dräi Deeg Bouss gemaach an dunn ass hie vum Gregor de VII. vum päpstleche Bann befreit ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Parlament geet net dräi Deeg op Canossa, mä 15 Méint. Ech mengen an deenen nächste 15 Méint, bis déi nächst Wahle kommen, muss dës Parlament beweisen ob et fir Chancëgläichheet ass oder net, soss wäert et sanctionnéiert ginn, an zwar vun der weiblicher Wielerschaft.

**(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass et déi aachte Kéier dass hei am Parlament eng Debatt iwwer eng spezifesch Fraenthematik diskutéiert gëtt an déi véierte Kéier an deser Legislaturperiod. No den Debatten iwwert d'Wahlbedelegung, der Gewalt am Stot an der Dimension du genre diskutéiere mir haut iwwert déi ekonomesch a sozial Situatioun vun der Fra. Wat mer am Rapport vun der Madame Nicklaus, där mir zu hirer zolitter Aarbecht félicitéieren, opgefall ass sinn haaptsächlech zwou Saachen. Eischstens de Fait dass bei deeneselwechten Aarbechtskonditiounen 12% vun de Frae manner Loun kréie wéi d'Männer, an dat eleng well se Frae sinn. Zweetens huet mech de Begrëff vun der Aarmutt ganz staark gestéiert.

Diskriminatioun an Aarmutt, zwee Begrëffer déi an enger Demokratie wéi Lëtzebuerg schwéier ze argumentéiere sinn, trotzdem awer zur Alldagsrealitéit gehéieren. Wann an engem vun de räichste Länner vun der Welt des zwee Begrëffer optauchen, da misst een awer menger Meenung no déi Gesamtsituatioun nei iwwerdenken. Et wäert keen heibane verwonneren, wann ech als Vertrieeder vum ADR mat der Problematik vun de Pensionen ufänken. Hei schielt sech eng Differenz, déi ganz notable ass, eras.

Als Referenz huelen ech den Dezember 2000 mat Pensionen déi ënner 50.000 Frang waren. Bei den normale Pensione bei den Aarbechter lunge 55,7% ënner 50.000 Frang, bei den Aarbechterin 96,6%. Bei de Privatbeamtenmänner 16% a bei de Privatbeamtinnen 66,5%. Bei den Indépendantmänner 22%, bei den Indépendant-fraen 92%. Bei de landwirtschaftliche Betriber an dem Wäibau 98% bei de Männer an 100% bei de Fraen. Quitte dass Dir vläicht argumentéiere géift dass d'Fraen ënner anerem nëmmen eng Deelcarrière hunn an dat esou déi kleng Pensionen erkläre géif, trotzdem bleift desen Ennerscheid eng Realitéit mat ekonomesche Répercussionen.

Als Partei ware mir duerfir frou, dass d'Grondrent ëm 11,6% erhéicht gouf, well déi kleng Renten heivunner am stäerkste profitéiert hunn. Och ware mer frou, dass d'Mindestrenten ëm 7% erhéicht goufen an d'Mindestwitwerenten ëm 31,9%. De 5. Juli d'lescht Joer ass des Schwéiergebuert endlech Realitéit ginn. Am selwechten Otemzuch wéilt ech och d'Mammerent zitéieren, wat eng Unerkennung vun der Aarbecht vun der Hausfra ass, déi e groussen Déngscht fir d'Gesellschaft mat der Kannererziéung gemaach huet. Dat war e Schratt an déi richtig Richtung.

Grad des Fraen haten, obwuel se en onverzichtbaren Déngscht fir d'Gesellschaft gelescht hunn, iwwerhaupt keng Rent oder si mat sougenannten Hongerrenten ofgespeist ginn. Si konnte während de

Joren, wou se hir Flichten als Mamm gelescht hunn, keng Rentenbeitrëg leeschten. Mir als ADR hu verlaangt, dass d'Mammerent duerch Beitrëg vum Stat an d'Pensionskeess an der Héicht vum qualifizéierte Mindestloun finanziéiert sollt ginn, an dat bis zum 12. Liewensjoer vum jéngste Kand. Dës Mammerent war da méi héich ausgefall a méi sécher gewiescht, well se op den Numm vun der Fra an d'Rentekeess abezuelt gi war. Dat war also en Eigentumsrecht vun der Fra gewiescht un dat keen hätt kéinte réckele goen an d'Fra hätt dorobber eng eege Rent opbaue kënnen.

Dat ass awer leider net geschitt an et ass ze fäerten, dass an Zäite vu knappe Statskeesen déi Mammerent, déi 3.000 Frang pro Kand wéi se elo besteet, gekierzt oder gestrach gëtt, zudeem dass ee weess dass verschidde sozial Parteien hei am Haus net ganz waarm ware fir des Mammerent anzeféieren.

Wat heibäi nach ze bemierken ass, ass de Fait dass bis haut des Mammerent nach net jiddferengem ausbezueelt gouf. Et gëtt gesot, datt 800 Frae schonns hir Mammerent kritt hunn, awer déi meescht hunn nach keen Euro gesinn. Duerfir wéilt ech d'Madame Minister froe wéi des Situatioun haut no néng Méint nach iwwerhaapt ze veräntwerten ass. Wéi ass dat méiglech, dass mat all deene Computere, déi mer hunn, do nach net vill Substanzielles passéiert ass?

Ech weisen op de Symbolcharakter vun deenen 3.000 Frang hin. Wann eng Fra 3.000 Frang vum Stat fir hir Erziéungsaarbecht kritt, dann ass dat eng gewëssen Unerkennung déi entsteet a si ka soen: De Stat huet u mech geduecht. Elo sinn awer zënter néng Méint eng ganz Rei vu Frae gestuerwen, déi leider ni behaapte konnten dass si ee Frang vum Stat kritt hunn, ob-schonn hir Famill vläicht réckwierkend op den 1. Juli 2002 dese Beitrag ausbezueelt kritt. Also wann ech glift, waart net ze laang mam Ausbezuelen.

**(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Am Kontext vun der Mammerent zitéieren ech dann och déi auslännesch Mammen, déi hir Kanner am Ausland op d'Welt bruecht hunn, no e puer Joer hei an d'Land komm sinn, 20 Joer hei waren, an déi kréie keen ee Frang. Ass dat keng Diskriminatioun? Ech zitéieren och déi ganz kleng Rente vun de Baue-refraen, déi vum Stat en Zouschoss kritt hunn, déi awer net an de Genoss vun deser Mammerent kommen, well mir gemengt hunn dass se mam Zouschoss genuch kritt hätten.

En anere Punkt am Kontext mat de Fraerenten, deen ech wéilt ervirsträichen, ass dee vun de Fraen déi hirt ganz Liewen een handicapéiert Kand oder méi handicapéiert Kanner opgezunn hunn. Kanner, déi ouni déi permanent Presenz vun der Mamm iergendwou an enger Struktur hätte Plaz fanne missen. Mer wëssen awer, dass net an all Eck esou eng Opnahmstruktur ass. Dës Fraen hätte vläicht och eng eegen Aarbechts-carrière opbaue wëllen, si hunn awer missen doheem bleiwe fir hirem Kand oder hire Kanner bäizestoen. Dës Fraen, Här President, hu bis haut nach keng Unerkennung kritt, emol net eng bleche Medail.

**(Interruption)**

Grad awer elo am Joer 2003, Madame Minister, dem Joer vum handicapéierte Matbierger, misst ee sech awer och eppes fir des Fraen afale loosser. Mir wëssen emol net wéi vill handicapéiert Leit mir hei am Land hunn. Et gëtt geschat tëschent 5 an 10%. Ech fannen et

traureg, dass mir den exakte Chiffer net wëssen. Et war awer einfach dee Chiffer erauszefannen. All Joer, wann deen Ziedel an d'Haus kënnt, wou een ausfëlle muss wéi vill Leit am Stot wunnen, wéi vill Hënn am Stot sinn, do misst et dach awer vläicht méiglech si fir eng Case do ze maachen an drop ze schreien „an deem Stot wunnt een Handicapéierten“.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - ...behënnert Persoun doheem, an déi wäerten lech soe wat se dovun halen.

**Une voix.** - Très bien.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Also wann dat doten awer d'Proposition ass...

**M. Jean Colombera (ADR).** - Madame Minister, des Mammen, déi hirt ganz Liewe fir hirt Kand do waren...

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Déi kréien zousätzlech zwee Joer Babyjoren ugerechent. Wann Dir d'Gesetzter net kennt, duerfir kënnen déi aner Leit awer net.

**M. Jean Colombera (ADR).** - Jo, et ass gutt Madame Minister.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Ma neen, et ass net gutt. Gitt elo hei keng Ligen erzielen.

**M. Jean Colombera (ADR).** - Neen, dat ass keng Ligen.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Ma jo sécher ass dat eng Ligen.

**M. Jean Colombera (ADR).** - Dat geet leider net duer, Madame Minister.

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Ah jo, dat ass eppes anescht, mä sot net et géif näischt gemaach ginn.

**M. Jean Colombera (ADR).** - Wéi gesot, Madame Minister, des Mammen, déi hirt ganz Liewe fir hirt behënnert Kand do waren, hunn nach net vill vum Stat guttgeschriwwé kritt...

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Dat ass ewell eppes anescht.

**M. Jean Colombera (ADR).** - ...an et ass eréischt duerch d'Fleegeversécherung,...

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.** - Ma dat ass jo iwwerhaapt net wouer.

**M. Jean Colombera (ADR).** - ...déi mer hei viru kuerzem agefouert hunn, Madame Minister, dass déi Leit, déi behënnert Persoun betreien, vum Stat eng Cotisation, e Bäitrag an d'Pensionskeess abezuelt kréien. Et bleiwen awer nach ëmmer behënnert Leit, déi net an de Genoss vun der Fleegeversécherung kommen, déi awer eng zweet Persoun brauchen. Ech hoffen, Madame Minister, dass Dir lech grad dës Joer Gedanken iwwert des Leit maacht, haaptsächlech fir déi Mammen déi behënnert Kanner betreien a betreit hunn, an dass Dir déi eng oder déi aner Proposition op den Dësch leeë wäert. Grad des Fraen hunn dem Stat vill Suen erspuert, well se hir Kanner doheem betreit hunn an nach betreien.

En anere Punkt deen ech an deem Kontext wéilt usprechen, ass dee vun der medezinescher Betreierung. Mir hunn deier Medikamenter um Maart. Al Leit si bekanntlech méi ufälleg fir Krankheeten. Viru kuerzem hunn ech mat enger Persoun geschwat, déi mer gesot huet dass si 10.000 bis 12.000 Frang

Medikamenter pro Mount bezuele misst, an dat bei enger klenger Pension.

Mir wëssen dass déi behënnert Leit, wa se keen Auto hunn, sech mat enger Ambulanz oder enger anerer Organisation wéi der Croix-Rouge, der Amiperas oder der Croix de Malte déplacéiere mussen, sief et bei den Dokter, sief et fir an e grousst Geschäft ze kommen. Si kréien den Trajet nëmmen zréckbezuelt, wa se an der Ambulanz leien an net sëtzen. Wa se an en Akafszentrum gi musse se wéi gesot esou eng Organisation hunn, an do bezuele se och e ganz stolze Präis. Do kann ee rechnen, dass vun Duelem bis an d'Belle Etoile bei verschiddenen Organisation 4.000 bis 5.000 Frang gefrot ginn.

Mir wëssen, dass jiddferree beim Dokter eng gewësse Participatioun muss bezuelen. Mir wëssen datt d'Statute vun de Krankekeessen nëmmen zéng Consultatioun pro fënnf Méint erlaben, anerefalls de Patient seng Consultatioun net rembourséiert kritt, ausser wann den Dokter eng Justificatioun an eng ganz Litanei un de Kontroll-dokter vun der Krankekeess schreift. Mir wëssen, datt d'Zänn-dokteren zimlech héich Präisser hunn, déi net vun de Krankekeessen integral gedroe ginn. A wann ee keng Suen huet, da kritt een eng Bréck vun der drëtter Kategorie.

Mir wëssen, dass verschidde Prestatiounen bei der Fleegeversécherung net rembourséiert ginn. Ech weisen op d'Ausso vu mengem Kolleg Aly Jaerling hin deen hei zitéiert huet, datt d'Pillboxen, an deenen déi déiglech Pëlle fir de Patient preparéiert ginn, mat 22 Euro pro Woch verrechent ginn an datt all Kéier, wou de Patient seng Pëlle kriit, hien nach muss 4,5 Euro bezuelen. Wann de Patient also dräimol den Dag seng Pëlle kritt, dat kascht hien 13,5 Euro den Dag, oder 405 Euro de Mount, déi net rembourséiert ginn. Dës Zoustänn sinn ontragbar, haaptsächlech fir eng Mindestrent. Fir Frae mat maner Akomes ass dës nach méi brenzlech.

Ech kéint mir virstellen, dass ab 60 Joer, am Pensionsalter, awer och fir behënnert Matmënschen, d'Medikamenter frä wieren an datt een esou oft wéi noutwendeg bei den Dokter kënnt goen ouni eng Participatioun ze bezuelen; datt ee bei der Fleegeversécherung manner kommerziell géif virgoen, dat géif villen eelere Leit, haaptsächlech Fraen, eng besser finanziell Situatioun garantéieren.

Madame Minister, ech géif lech bieden dem Gesondheetsminister des Considérations ze ënnerbreiden.

Dës Weideren hu mir eis als ADR ëmmer agesat fir den öffentliche Transport, dee sollt gratis sinn.

**(Interruptions et hilarité)**

Mir hunn ëmmer gesot, den öffentlichen Transport misst gratis sinn. Heimat kéint een awer och manerbemëttelt Leit ënnerstëtzen. Doriwwer misst Dir, Madame Minister, mam Här Grethen lech ënnerhalen.

**(Interruptions diverses)**

Wann ech glift, loosst déi domm Witzer do sinn. Dat bréngt der Saach guer näischt. Dir misst lech schummen.

E weidere Punkt vum ADR ass déi sougenannt negativ Steuer an déi individuell Besteuerung. Esou wéi et de Moment ass, gëtt de Mann besteiert. Wann d'Fra schaffe geet, gëtt si och besteiert. An enger zweeter Phas gëtt alles zesumme geschloen an et kënnt zu enger zousätzlicher Besteuerung, esou datt ee ka soen datt d'Fra praktesch fir näischt schafft.

Mir fuerderen d'Afféierung vun der individueller Besteuerung, well déi ënner anerem d'Ophiewung vun de fiskale Benodeelunge vu bestuete Fraen ophieft. Am selwech-



ten Otemzuch fuerdere mir d'Ofschaffung vun den Abbattementer zu Gonschte vun Allocatiounen. Zum Beispill, eng Botzfra geet vun lechternach an d'Stad schaffen. Dat sinn all Dag 35 Kilometer. Si bezilt keng Steieren, well se e klenge Loun kritt, a kann also kee Steierfräibetrug kréien. Dogéint kann ee Bankdirekter fir déiselwecht Streck 101.400 aler Frang fir Frais de route ofsetzen. Op dëser Zomm huet hien 52.758 aler Frang u Steiere gespuert bei dem héchste Steiersaz vun 48%. D'Botzfra huet näischt zegutt.

Wann een elo eng negativ Steuer géif aféieren, da géif d'Botzfra e Forfait vum Steieramt ausbezuelt kréien. Dat wier sozial méi gerecht. Datselwecht Beispill kann ee fir all Kand, dat am Stot ass, uwenden. Fir all Kand en Abatement vun 48.000 Frang, fir zwee Kanner 96.000 Frang. Wann een awer keng Steiere bezilt, da kann een déi 96.000 Frang net ofhalen. Wann d'Steieramt awer an dësem Fall e Forfait ausbezuele géif, da géif jiddfreee vun dëser Bonifikatioun profitéieren.

Madame Minister, mir bieten lech an dësem Fall mam Finanzminister Récksprouch ze huelen.

All dës Beispiller, déi ech zitéiert hunn, kéinten d'Aarmutt bei de Frae substanzuell reduzéieren.

Wat d'Diskriminatioun vun de Fraen ugeet, esou wäert et keen heibanne wonneren, datt ech d'Problematik vun der Prostitutioun uschwätzen.

Eng berühmt amerikanesch Feministin, d'Kathleen Berry, huet an hirem Buch déi weiblech sexual Sklaverei beschriwwen: Den eelste Beruff op der Welt ass net d'Prostitutioun, mä de Proxénétismus. Ouni Zuhälter géif et keng Prostitutioun ginn. Ech muss hir an dësem Punkt Recht ginn.

Mir gesinn ëmmer méi an de Landregiounen, datt verschidde Caféeën ëmstrukturéiert ginn. Ech wëllt e puer Uertschaften zitéieren: Schieren, Grolënster.

**Une voix.**- Net esou séier. Ech schreiwe se op.

**M. Jean Colombero (ADR).**- Réimech, Gëtzen, Olm, Hëncheneng. Aner Uertschafte riskéieren an déiselwecht Richtung ze goe wéi Péiteng, Diddeleng, Stengefort, Larochette. Mir wëssen awer alleguerten, datt hei auslännesch Frae schaffen, déi am Ausland och e gewëssenen Niveau mat engem Diplom haten, Fraen déi ënnerbezuelt ginn, déi keng Kotisatioune bezuelen, déi e gewëssene gesondheetleche Risiko lafen.

D'lescht Joer hu mir hei an der Chamber eng Motioun deponéiert, déi ugeholl gouf, wou mer d'Regierung invitéiert hu fir substanzuell eppes am Beräich vum Proxénétismus an der Prostitutioun ze ënnerehuelen.

Wat ass bis haut mat där Motioun geschitt? Madame Minister, hei ass et evident datt net vill ënnerholl ginn ass. Weder Dir nach den Här Frieden hutt eppes Substanzielles virzeweisen. Dir hutt näischt gemaach an Dir wäert och näischt maachen. Dir wëllt och näischt maachen, mä zu Ärer Verteidigung wëll ech soen, datt Dir näischt kënnt maachen, well Dir déi ganz Saach net am Grëff hutt.

An engem Punkt trotzdeem kloen ech lech un, Madame Minister, nämlech an dem Punkt datt Dir als Fraeministesche, menges Wëssens, nach ni hei op der Chambertribün eppes Substanzielles iwwert d'Prostitutioun an de Proxénétismus gesot hutt. Mir kennen Är Meenung nach guer net. Dofir géif ech lech biede fir herno hei op der Tribün lech net Ärer Verantwortung ze entzéien an zu dësem Problem Stellung ze huelen. Et kann een net, Madame Minister, sech fir Fraerechter asetzen, sech fir Chancëgläichheet staark maachen op där enger Säit an op där anerer

Säit nokucke wéi Fraen exploitéiert ginn, wéi Fraen ënnerdréckt ginn, wéi Frae profitéiert ginn, wéi Fraen ënner Drock gesat gi vu Leit déi keng Schimm hunn.

Madame Minister, wann Dir fir d'Fraerechter sidd, an Dir hutt bewisen datt Dir fir d'Fraerechter sidd, da wann ech gelift bis zum Schluss ouni faul Kompromisser. Vill Leit wäerten lech op deem Wee do begleeden. Dir wäert net eleng sinn. Dofir wann ech gelift beweist e bësse méi Courage, Dir wäert genuch Ënnerstëtzung fannen. Meng Ënnerstëtzung wäert Dir jiddefalls kréien. Dës Diskriminatioun muss ophalen.

Mat dësem Uleies wëllt ech meng Ried ofschléissen a mäi Kolleeg, den Här Jaerling, wäert herno iwwert de Volet vun der Aarbechtswelt bei de Frae schwätzen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Nom Här Colombero kënnt d'Madame Renée Wagener. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Merci. Här President, eng vun de Kriticken, déi mer an der Kommissioun par rapport zu deem Thema an och zum Rapport geäussert hunn, war déi datt de Beräich, iwwert dee mer haut schwätzen, ze vill wäit gefaasst wär. Ech wëllt mech och dofir op zwee Aspekter vun deem Thema beschränken. Dat eent sinn d'Ecarts de salaires an dat anert ass déi weiblech Aarmutt, woubäi ech mengen, datt déi zwee Themen net ganz wäit ausenaner leien.

Zu de Salairen. Zënter datt d'Ausbildung fir den Aarbechtsmaart esou eng wichteg Roll spillt, datt Aarbechtskräfte vun no wäit musen importéiert ginn, kréie weiblech Aarbechtskräfte Chancen, déi se bis elo net haten. Net weinst Demokratie a Chancëgläichheet, mä well Lëtzebuergesch Fraen eise Bildungssystem duerchlaf sinn, oft mat méi Succès wéi d'Männer, a véier Sprooche schwätzen, kréien al feministesch Fuerderungen op eemol Sekurs vun ongewinnter Säit.

Dat heescht awer net datt, sozial Maartwirtschaft sei Dank, um Lëtzebuerg Aarbechtsmaart elo par décret déi absolut Gläichberechtigung duerchgezu géif ginn, et läit am System vun eiser Wirtschaft dran, datt en ëmmer nëmmen esou vill Zougständnisser mécht wéi et onëmgängelech ass, fir datt op där anerer Säit eppes amplat dobäi erauskënt. E Beispill. Well Fraen an den Aarbechtsmaart nëmme kënnen integréiert gi wa Betreungsstrukture fir Kanner existéieren, huet och deenen hir Entwécklung elo zu Lëtzebuerg endlech méi eng grouss Chance krut. Mä well de Congé parental de Patronen däeremoosse wäit geet, och wéi deet, a se eng Verbreedung vun dëser neier Epidemie befäerten, baggere se elo scho ganz fläisseg fir déi Krankheet vun Congé parental, wann net auszemaären, da weinstens an en erdréigleche Stadium zréckzedrängen, dat heescht zréckzefuere vu sechs op dräi Méint Congé parental.

**M. Marcel Glesener (CSV).**- Dat kënnt awer net a Fro.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Ech huelen lech eng Kéier beim Wuert, Här Glesener.

Datt esou eng Haltung eigentlech esouguer fir d'Wirtschaft kontraproduktiv ass, ass zumindest am Ausland schonn erkannt ginn, wou an deene grouss Betriber ëmmer méi och kannerfrëndlech Moossname geholl a gefördert ginn.

Déi däitsch Wirtschaftsberoderin Gertrud Höhler seet dozou: Esou wéi all Firma gezwongen ass Déifgaragen ze bauen, misst se och fir Kannerbetreuung suergen.

D'Wirtschaft mécht wéi wann d'Welt just aus Erwuessener géif

bestoen. Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'Fro vun der sozialer Verantwortung vun den Entreprisë gestallt. D'Schafe vu Betreungsstrukturen ass awer natierlech och eng Verantwortung vum Stat a mir kënnen an den Zuelen, déi mer vum Ministère de l'Education kritt hunn, liesen, datt bis elo 76 Gemengen Education précoce ubidden an datt fir de Primaire an de Préscolaire 79 eng Kantin an 73 e Foyer de jour mat Prise en charge complète proposéieren. Mir ginn awer net gewuer aus deenen Zuelen, ob da weinegstens an deenen dote Gemengen elo e flächendeckend Angebot besteet. Vläch kann d'Ministesch eis dorop herno Äntwert ginn.

Ech wëllt dann awer drop hiweisen, datt um Sommet vu Barcelona europäesch Standarde festgeluecht gi si wat d'Kannerbetreuung betrëfft. Do ass gesot ginn, datt bis 2010 sollen op d'mannst 33%, wann ech mech net ieren, vun de Kanner ënner dräi Joer a mindestens 90% vun deene vun dräi Joer un, iwwer Kannerbetreuung verfügen. Ka Lëtzebuerg dës Standarden erreechen? Wéi gesinn d'Zuelen zum Beispill bei de Kanner ënner dräi Joer fir Lëtzebuerg aus? Och dat wier interessant gewuer ze ginn.

Här President, datt et der Ekonomie net prioritär ëm méi héich Ziler wéi Demokratie oder Gläichstellung geet, wa Fraen als Aarbechtskräften entdeckt ginn, dat läit op der Hand. Et sollt d'Politik awer zur Virsicht urreegen. Beispill, Congé parental. Wa gutt Mesurë wéi déi heiten no enger Zäit erëm kënnen a Fro gestallt ginn, wann dat iwwergens och schonn am Gesetz mat agebaut ass, datt et kann a Fro gestallt ginn, dann huet d'Politik hir Roll net erfëllt.

Et gëtt awer oft vun der Politik gesot, datt se kuerzsichteg wier. D'Beispill Demographie weist, datt een dat och vun der Wirtschaft ka behaapten, well méi Kanner jo eigentlech och méi zukünfteg Aarbechtskräfte bedeiten. Do hunn ech eng relativ interessant Etüd vum CEPS konnt noliessen, déi schonn e bësse méi al ass, wou d'Frae gefrot gi si wivill Kanner datt se eigentlech gär hätten a wivill datt se der finalement kritt hunn. An déi Ennerscheeder tëschent Wonsch a Realitéit, déi sinn zimlech drastesch. Natierlech gëtt et fir deen Ecart och nach aner Grënn wéi d'Problematik vun der Kannerbetreuung. Mä et weist awer, datt et Contraintë gëtt mat deenen d'Frae konfrontéiert sinn, an eng vun deenen ass d'Conciliatioun vu Beruff a Famill.

Ech kéim da méi prezis zum Thema vun den Ecarts de salaire an ech wëllt d'Fro opwerfen, firwat et dës Ecarten ëmmer nach gëtt. D'Zuelen, déi mer fir Lëtzebuerg hunn, si schonn e bësse méi al, an neier schénge sech um Horizont ze annonciéieren. D'Madame Minister wénkt mam Kapp. Ech hat an eisen Texter gelies, datt fir déi nächst Joren eng nei Etüd an Ausaarbechtung wär oder an Ugrëff soll geholl ginn. Jiddefalls erkennt een awer an deenen Zuelen, déi eis bis elo virleien, datt et eng Opdeelung gëtt tëschent strukturell bedéngten Differenzen an deenen - an dat wär vläch och un d'Adress vun der Madame Nagel interessant - Differenzen an de Salairen, déi net anescht kënnen erkläert gi wéi duerch de Fait datt een eng Fra ass. Dobäi sollt een awer net vergiessen, datt och déi strukturell Differenzen op Fraendiskriminierung kënnen fousen, wann een zum Beispill, dovunner schwätzt, datt et Leichtlohngruppe gëtt, wou ëmmer erëm Frae sech dran erëm fannen, dann ass dat jo keen Zufall, oder wann een iwwert den Niveau de formation bei den eelere Genera-

tioune schwätzt a feststellt, datt d'Fraen do oft guer net konnt, oder nach a méi klengem Mooss wéi d'Männer, hire Berufswönsch oder Ausbildungswönsch an där Zäit fréier Rechnung droen, oder wann een iwwert d'Durée de carrière schwätzt, wou et sécherlech fir d'Fraen och ganz kloer Diskriminierung gi sinn an och nach gëtt.

Een Thema, wann et dorëms geet fir d'Ecarts de salaire ze erklären, ass Orientéierung a Berufswiel. Wa mer eis dee Beräich ukucken, dann ass et zumindest zu Lëtzebuerg een, wou nach munches am Uerge läit a wou eiser Meenung no och de Fraeministère sech d'Fro muss gefale loosser, ob hei déi richteg an effikass Strategien agesat gi fir Meedercher vun deenen ëmmer erëm sech widderhuelende Choixen ewech ze kréie vu Coiffeuse, Vendeuse, Serveuse, Sekretärin, oder fir déiselwecht Litanei op de méi héije Qualifizierungen ze transposéieren, Beaux-Arts, Education, Sproochen a Sciences sociales.

Firwat, Dir Dammen an Dir Hären, wielen déi jonk Meedercher och haut nach dës Beruffer, déi sech besonnesch an de Carrières inférieure et moyenne duerch eng relativ schlecht Bezuelung auszeichnen? Ass et well se déi Beruffer léiwer maachen, amplat méi e lukratiivt Handwerk ze wielen, oder eng Ausbildung an der Informatik oder Naturwëssenschaften ze studéieren? Ass et, well d'Fro, wat dann herno um Paiziedel steet, hinnen ze onweiblech virkënt? Oder ass et, well se ëmmer nach an hirem Kapp déi kleng Stëmm spazéiere féieren, déi hinne seet: Ma du brauchst der keng Gedanken ëm d'Pai ze maachen, well du verdéngs herno just derbäi, a wie weess ob s de iwwerhaupt laang muss schaffe goen, wann s de eng gutt Partie méchs?

Oder, Dir Dammen an Dir Hären, ass et well se vu vir eran déi Beruffer op der Säit loosse wou se mengen, datt se net mat hirem Kannerwonsch vereinbar sinn? Et ginn also vill méiglech Explicatiounen, Dir kënnt lech déi eraussichen, déi lech am beschte gefalen. Vläch misst een och hei emol Etüden driwwer uestellen. Wie deem auch sei, un der Politik wär et jiddefalls bei deene jonke Fraen ze thematiséiere wat d'Konsequenze vun deene spezifesche berufleche Choix sinn, och herno um Paiziedel, an hinnen déi Chancen opzeweisen, déi sech aus engem gudden Notze vun hiren Talenter erginn.

E weideren Aspekt bei den Ecarts de salaire sinn d'Fraen an de Spëtzepositiounen. Mir hunn, wann een d'Zuele vergläicht mat deenen anere Länner, e relativ héije Prozentsaz vu Femmes-cadre an deene Beräicher. A Frankräich hu mer anscheinend just 5 bis 9%, jee no Gréisst vu Betrib. An Däitschland just 3%. A Lëtzebuerg hu mer laut deenen offiziellen Zuele 15%. Do stellt sech menger Meenung no zwar d'Fro vun der Comparabilitéit vun de Statistiken, well et schéngt mer e bëssen erstaunlech ze sinn, datt mer do esou wäit vir solle sinn, wou mer dach an anere Beräicher strukturell awer relativ schlecht ausgesinn, wann et ëm d'Vertriedung vun de Fraen an der Aarbechtswelt geet.

Op alle Fall, hannert deenen Zuele verstoppe sech oft ganz konkret Problemer. Esou weist eng Etüd vun 2000 iwwert d'Femmes dans la prise de décision économique op, datt Fraen oft als net crédibel ugesi ginn, wann et drëms geet si op verschiddene Posten anzusetzen. Dat heescht, datt do ganz kloer och carrément fraeifendlech Approche vun de Chefen, respektiv an de Chefetagen existéieren, déi hiert Weltbild nach net esou wäit geännert hunn, datt se sech Fraen op deene Poste kënnen virstellen.

Eng Rei vu Fraen üben dann och eng Fonctioun aus ouni den hierar-

chechen Titel ze hunn, deen deem entsprécht. Dat ass zum Beispill am Statsssecteur de Fall, wou ee muss Statsbeamte si fir en Titel an déi entsprechend Pai ze kréien, wou een awer mat enger Deelzäit-aarbecht, zumindest am Moment nach, guer net ka Statsbeamte ginn, sou datt et menger Meenung no eng ganz Rei vu Plaze gëtt, déi zwar vu Fraen exekutéiert ginn, mä wou se net dat Geld dofir kréien, wat hinnen eigentlech géif zegutt kommen.

Ëmmer nach, Dir Dammen an Dir Hären, gëtt et awer och d'Tendenz vun de Frae selwer sech ënner Wäert ze verkafen, wa se Serveuse ginn amplat Kach, wa se Primärschoulmeeschtesch ginn amplat Proff am Secondaire, wa se als Chefsekretärin hirem Chef virdenkt amplat selwer Chefin ze ginn, wa se als Responsable an engem Secteur net dat Gehalt froen, wat männlech Responsabel a vergläichbare Secteuren hunn a wa se bei Atellungsgesprächen, an dat schéngt mer och e ganz wesentleche Punkt ze si fir de Privatsektor, net offensiv hir Salairesvirstellungen artikuléieren, mam Resultat datt si duerno oft jorelaang musse kämpfen, fir mat de Kollegee gläichzeziehen.

Ecartë gëtt et awer net nëmme bei de Spëtzepositiounen, mä och um aneren Enn vun der sozialer Leeder. Ech wëllt ganz kuerz déi méi prekär Aarbechtsverhältnisser uschwätzen. Ee Beispill sinn d'Zäitkontrakter. Och do gëtt d'Fonction publique e gutt Beispill hier. Mir hunn d'Zuele geliwwert krut, wou ee gesäit datt den Däiwal am Detail stécht. Bei de Statsverwaltungen, déi ëmmer erëm als Champion vun der Geschlechterparitéit duergestallt ginn, stellt een awer och niewent deene scho bekannte Ségrégiatiounen tëschent de Carrièren, respektiv tëschent der Astufung als Fonctionnaire, Employé oder Aarbechter fest, datt et nach aner Problemer gëtt. Et gesäit een zum Beispill bei deenen Zuelen, dass et beim Stat enorm vill Frae gëtt, déi à contrat à durée déterminée agestallt ginn. Vun deenen 1.030 Zäitkontrakter beim Stat hu Fraen der 786.

En anert Beispill ass d'Deelzäit-aarbecht, déi jo och ëmmer als Lösung vun alle Problemer duergestallt gëtt. Hei erweist et sech da ganz oft, dass, wann een Deelzäit-aarbecht schafft, een da kaum Méiglechkeeten huet fir an enger Carrière virunzekommen. Och hei nach eng Kéier d'Beispill Statssektor, an ech fäerten dass dat am neie Projet iwwert d'Fonction publique och nach net geléist ass, dass, wann een do an deenen iewechte Carrière wëllt mathalen, een net hallef Deeg respektiv ëmgedréint schaffe kann. Wann een hallef Deeg schaffe wëllt, da muss een op dee Luxus a sengem Beruff virunzekomme verzichten.

Dee leschte Punkt, deen ech an deem Kontext wëllt uschwätzen, ass d'Thematik vum Chômage. Um Sommet vu Lissabon - an d'Madame Mutsch huet et virdru schonn ugeschwat - goufe quantitativ Ziler fir d'Beschäftigung festgeluecht. Fir d'Frae sollten dat 60% sinn, fir d'Männer 70%. Ech mengen, dass mer effektiv zu Lëtzebuerg ëmmer nach wäit dovun sinn, an et géif mech och interesséieren wéi eng Strategien dass d'Regierung gedenkt sech unzëeegne fir déi Ziler ze erreechen, well dat wat am PAN-Gesetz bis elo virgesinn ass léist vläch momentan d'Problemer vun der Kannerbetreuung, mä et léist sécherlech ganz weineg d'Problematik vun der Tatsaach, dass d'Frae méi staark ënnert dem Chômage leide wéi d'Männer.

Och do krute mer Ënnerlage fir d'Diskussioun. Mir kruten zum Beispill e Paper vun der ADEM, wou eng ganz Rei vun Zuelen och opgefouert goufen, wou een awer huet misse feststellen, dass do eigentlech kaum Reflexionsmaterial besteet. Mir si weineg doriwwer gewuer gi firwat den Undeel vum



Chômage bei de Frae méi héich ass an ob et e fraespezifesch Profil gëtt bei de weibliche Chômeuren. Mir sinn drop opmierksam gemaach ginn, dass verschidden Hëlfelefen net gräifen, wéi zum Beispill déi Hëllef beim Transport. Dat ass haaptsächlech gemengt gewiescht fir wann een als Chômeur Formations continues wëllt maachen, wat grad fir d'Frae geduecht war, déi oft net motoriséiert sinn an da Schwierigkeeten hunn iwwerhaapt kënnen u Formatiounen deelzehuelen. Auscheinend ginn déi Hëlfele ganz wéineg genotzt. Méi wësse mer awer net. Do war et gutt méi Detailler ze kréien, an ech denken dass et do och un enger ADEM wier fir vläicht emol nozefroen, firwat déi Mesure, déi mer awer wichteg schéngt, net fonctionnéiert huet.

Da gëtt och gesot, et war e Forum „femmes et entreprises“ ginn, wou relativ vill Frae sech bedeelegt hunn. Wat waren d'Konklusiounen vun deem Forum, dee vun der UEL organiséiert ginn ass? Och do gi mer net ganz vill gewuer.

Här President, ech kéim dann zu de Mesuren, déi ee géint d'Ecarts de salaire kéint huelen. D'lescht Woch war zu Bréissel e Colloque. Do huet déi hollännesch Professorin Janneke Plantenga festgestallt, dass a just fénnef EU-Länner an deene leschte Joren eng Reduktioun vun deem Gender gap festzestelle wier. Lëtzebuerg gehéiert awer zu deene Länner wou d'Situatioun stagnéiert, respektiv sech verschlémmert. Wou ass hei d'Strategie vun der Regierung fir déi Ecarten ze reduzéieren, wou dach auscheinend och bei deene jonke Fraen ënner 30 Joer déi Ecarte weider bestinn?

Ech wëilt do nach vläicht eng Klamer opmaachen. D'Madame Nagel huet virdrun esou vill vun de Quote geschwat. Déi Propositionen, déi si du selwer hannendrop gemaach huet iwwer eng spezifesch Männerpolitik, iwwer eng besser Orientierung vu Meedercher, déi kënne mir all mat droen, déi fanne mir ganz sennvoll, mä och dat si geschlechtsspezifesch Mesuren, och do geet ee vun der Feststellung aus, dass et eng Problematik ass, déi eppes mam Geschlecht a mat der Rolleverdeelung ze dinn huet.

Wat d'Quote betrëfft hunn ech d'Impressioun, dat mer an deenen Diskussiounen, déi mer hei féieren, vläicht um politeschen Niveau vill iwwer Quoten diskutéieren, mä, ech géif soen, leider am Beräich vun der Aarbechtswelt eigentlech guer net. Do si mer wäit ewech. Ech hat zwar virun enger Rei vu Joren eng Proposition de loi gemaach, mä ech hunn awer net d'Gefill wéi wann an der Wirtschaft respektiv an der Tripartite iwwer Quote géif diskutéiert ginn, esou datt Dir, Madame Nagel, Äre Kapp an deem Beräich jiddefalls kënnt a Rou leeën.

A wéi wäit awer déi ganz Basic-Saache geschéien, och do muss een Zweifel hunn. Wann ech zum Beispill drun denken, dass mer e Gesetz hunn iwwer Egalité de traitement, da froen ech mech, ob do d'Sanktiounen, déi dra virgesi sinn, wäit genuch ginn. Ech froe mech och, ob dat Gesetz heiandsdo applizéiert gëtt fir ze kontrolléiere wéi et mat där Egalité de traitement ass a wat da bei deene Kontrollen erauskënnt.

En anert Beispill ass dat vum neie Kollektivvertragsgesetz, dat jo deemnächst och hei wäert diskutéiert ginn. Ech hunn an enger gudder Wochenzeitung gelies, dass am Avant-projet virgesi war, datt an de Kollektivverträge d'Moosname fir d'Förderung vun der Gläichstellung obligatoresch misste ginn. Dat ass elo schonn auscheinend net méi de Fall. Den CNFL, wou jo och ganz vill DP-Frae fläisseg matschaffen, fret a sengem Avis, datt Plans d'actions positives dora misste virgesi ginn. E weist och spezifesch op d'Ecarten an de Salären hin.

Och déi Gréng hunn dozou schonn en Amendement gemaach a mir hoffen - an dat geet dann un d'Adress vum Här Glesener -, dass deen dote Punkt erëm eng kéier an dee Projet de loi kënnt, well et schéngt mer wierklech och au vu vun de Realitéiten an deene mer dra sinn, och par rapport zu deem Gesetz iwwert d'Chancégläicheitsdelegéierten an de Betriber, eng absolut Noutwendegkeet ze sinn, dass mer do e Schrëtt viru ginn an zu méi contrainanten - wann een dat esou ka soen - Mesuren ze kommen, och wann et „nëmmen“ drëm geet emol Pläng opzestellen, Analysen opzestelle wéi vill Fraen an de Betriber sinn a wat ee kéint maache fir hir Situatioun ze verbesseren an hir Zuel ze vergréisseren.

Jiddefalls schéngt et eis wéi wann dat heiten, wann een dat héiert, dass dat, wat am Avant-projet virgesi war, schonn net méi dran ass. E Beispill ass, dass zu Lëtzebuerg keng offensiv Politik géint d'Ecarts de salaire gemaach gëtt, respektiv dass d'Regierung allze vill schnell virum Drock vun der Wirtschaft an d'Knée geet.

Här President, dat war dat, wat ech haut hei zum éischte Punkt wollt traitéieren. Ech kéim dann zum zweete Punkt, deem vun der Aarmut.

No all deem, wat ech bis elo gesot hunn, misst et eigentlech zu Lëtzebuerg eng méi staark Précaritéit bei de Frae ginn an déi misst sech och statistesch kënne feststelle loosse. Déi hollännesch Professorin, déi ech virdu scho beméit hunn, huet fir ganz Europa festgestallt, dass et géif, ech zitieren: „a clear gender difference in the risk of being poor“ ginn. Frae wieren och méi wéi d'Männer dem Phänomen vun der Aarmut iwwer laang Zäit ausgesat. Dat schéngt awer laut offiziellen Zuele fir Lëtzebuerg net esou ze sinn. Mir hunn eis do an der Kommissioun beléiere gelooss, dass d'Fraenaarmut an d'Männerarmut zumindest statistesch op deemselwechten Niveau vun 11 oder 12% vun der Bevëlkerung léichen.

Menger Meinung no läit dat awer éischer dorunner, dass net no der weiblicher Form vun der Aarmut gefuerscht ginn ass, dass keng spezifesch Profiler ausgeschafft gi sinn, an dat zum Deel vläicht weil an der Lëtzebuerger Sozialfuerschung selwer d'Dimension du genre nach net richtig verstane gëtt. Oder wéi ass ze erklären, dass eis e Vertrieeder vun der Caritas hei proposéiert huet, mir missten niewent de Foyers pour femmes en détresse och Foyers pour hommes en détresse schafen? Dat ass sécherlech eng gutt gemengte Fuerderung gewiescht, mä se verkennet awer absolut d'Mission vun de Foyers pour femmes en détresse, wou et jo och ëm d'Thematik vun der Violence geet, déi, wann ech gutt informéiert sinn, awer esou d'Männer net betrëfft.

Och dem CEPS seng Zuelen haten eng begrenzten Aussokraaft wat déi spezifesch Fraenaarmut betrëfft. Et ass just en erhéichte Risiko festgestallt gi fir monoparental Fraen a fir Wittfraen. Et konnt keng Differenzierung innerhalb vun de Koppele gemaach gi wéi do d'Geld opgedeelt gëtt, well et sech ëm eng reng monetär a quantitativ Approche gehandelt huet. Hei wäeren dréngend méi verdéiften an nieft deene ville quantitativen och vläicht qualitativ Etüden noutwenneg, fir do zu engem méi klaren a vläicht och méi richtige Bild ze kommen. Op alle Fall waren d'Beméiunge vun der Kommissioun, fir iwwert deen heite Beräich Donnéeën ze kréien, net besonnesch fruchtbar.

Wat wësse mer vun der Aarmut vun den auslännesche Fraen, déi jo eng duebel Diskriminéierung erfueren, well se Frae sinn a well se Ausländerinne sinn? Wat wësse mer haut iwwert d'Problematik vun der ländlecher Aarmut, déi beson-

nesch Frae betrëfft? Wat wësse mer iwwer eeler Fraen, déi a Précaritéit liewen? Wat wësse mer iwwert déi ëmmer méi grouss Zuel vu jonke Fraen, déi keen Daach iwwert dem Kapp hunn an an de Strudel vun Toxicomanie a Prostitutioun geroden? Wat wësse mer iwwer weiblech Sans-abrien? Wat wësse mer iwwer Fraen, déi an enger Koppel dra sinn, déi vum RMG oder vum Mindestloun leeft? Ass do den Accès zu deem wéinege Geld gläichberechtigt opgedeelt? A schlussendlech, wat wësse mer zu fraespezifesch Aspekter vun der Verscheldungsproblematik?

Dat sinn nëmmen eng Rei vu Froen déi een an deem Kontext stelle kéint, mä op déi mer haut awer keng Äntwert hunn. Ech mengen, dat weist drop hin, dass do nach Handlungs- a Fuerschungsbedarf besteet.

Wat d'Approche vum CEPS betrëfft, wëll ech awer och hei nach eng Klamer opmaachen a soen, dass déi Approche mir éischer konservativ, jo bal schonn tendenziös virkomm ass. Esou ass eng vun de Konklusiounen, dass Fraen ouni Conjoint méi en héijen Aarmuttsrisiko hätten. Ech weess net, ob dat bei der Aarmut vun de Männer géif esou definéiert oder formuléiert ginn, wou ee jo och ka soen dass en zweete Revenu felt an dass, wann en zweete Revenu do wier, se besser gestallt wäeren. Wahrscheinlech wier d'Formuléierung méi appropriéiert, dass Fraen en ze vill niddregen oder guer keen eegene Revenu hunn.

Da wëllt ech nach déi drëtt Associatioun erwähne mat där mer op deem klengen Hearing, dee mer haten, a Kontakt komm sinn. Dat war de Service de proximité vun der Croix-Rouge. Ech wëllt do een Zitat eraus huelen, wat menger Meinung no drop hiweist, wou d'Problematik grad an deem dote Beräich läit: „Nous ne voyons presque pas de femmes dans notre service qui avant la séparation exerçaient une activité professionnelle leur procurant un revenu suffisant. Celles qui viennent nous voir sont surtout des femmes au foyer sans revenu professionnel propre ou des femmes à revenu très bas.“ Ech mengen dass dat Zitat fir sech schwätzt. Op alle Fall ass et awer laut CEPS eng Tatsaach, dass besonnesch elengstehend an inaktiv Fraen sou wéi Frae mat Kanner, déi inaktiv sinn, en héijen Aarmuttsrisiko hunn.

Dat féiert mech zrëck zur Problematik vun der ekonomescher Ofhängegkeet vun de Fraen, Ofhängegkeet entweder vun de Männer oder vum Stat. Meng Konklusioun ass, dass et nieft deene villen anere Grënn, firwat d'Selbstständigkeit vun de Frae wichtig ass, vläicht och nach méi misst betount ginn, wat déi reell Risiko vun Aarmut a sozialer Exclusion kënne sinn, wann een als Fra net selbstständig ass a säin eegene Revenu huet.

Mat deser Konklusioun, Här President, wëllt ech d'Boucel boucléieren an d'Problematik vun der Aarmut a vun der ekonomescher Ongläichheet an de Kontext vun deenen Aussoe setzen, déi ech am Ufank gemaach hunn, a vläicht nach eng kéier zrëckkommen op d'Roll vun der Wirtschaft.

Ech wëllt do nach eng kéier d'Madame Janneke Plantenga zitieren: „There is a danger that this economic debate has a rather instrumental perspective on gender equality, focussing rather heavily on the female employment rate. Equal opportunities, however, should not only be seen as a means to another (economic) end - for example a higher growth rate. Equal opportunities policy is also important in itself. In economic terms: it is not only a production factor but also

creates a final good, a consumer good. We derive a direct utility, welfare, from a just, a caring and an equal society.“

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Den nächste Riedner ass den Här Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President. „Déi Länner, déi sexuell Diskriminatioun bedreiwen, bezuelen en héijen Tribut ënner Form vun Aarmut, luessem Wuesstum, schlechter Gestiou vun den öffentliche Affären an niddregem Liewensniveau.“ Dëst Zitat aus engem Bericht vun der Weltbank iwwert d'Stimuléierung vun der Entwécklung duerch Gläichheet tëschent Männer a Fraen schéckt d'Commission de l'Egalité des Chances hirem schrëftleche Bericht fir des Debatt virus, e Bericht an deem si sech ausschätzt fir eng, ech zitieren: „wierklech egalitär Gesellschaft, wou de Statut vun enger Persoun net méi vu sengem Geschlecht ofhänkt“.

Eleng déi Zilstellung mécht kloer, dass et sech hei net ëm eng Debatt handelt, déi nëmmen déi eng Hallschent vun der Mënscheet betrëfft, och wann dat schonn eleng géif duer goe fir se zu engem zentrale gesellschaftlechen Thema ze maachen, mä déi Debatt mécht au contraire kloer, dass se all déi ekonomesch a sozial Problemer touchéiert, déi sech an eiser Gesellschaft stellen, an dat souwuel fir d'Männer wéi och d'Fraen. Dat beweist eleng schonn den Inventaire vun de Problemer, déi am Rapport ugeschnidde ginn.

Fänke mer bei der Situatioun um Aarbechtsmaart un. Ech ginn dovun aus, dass déi gläichberechtigt Bedeelegung vun de Fraen un der Berufswelt, do wou de kollektive Räichtum vun der Gesellschaft geschafe gëtt, den entscheidenden Hiewel net nëmme vun enger méi gläicher an enger méi gerechter, mä och vun enger méi produktiver an enger méi kreativer Gesellschaft ass.

Dat war net ëmmer esou unerkannt. Souwuel d'Kierch wéi och heiandsdo déi traditionell Aarbechterbewegung hunn dat am leschte Jorhonnert net onbedéngt esou gesinn. Haut ass en Émdenken an der ganzer Gesellschaft do a laanscht gewësse Realitéite kënnt kee méi. Et ass just d'Fro gestallt, wéi een en neie Konservatismus an der Fraefro ka verhënnern, an ech mengen dat ass zimlech daitlech a kloer op enger Table ronde an der Televisioun gesot ginn, en neie Konservatismus, deen d'Frae géif an Deelzäitaarbecht erandriewen a se géif a gewësse wirtschaftleche Beräicher cantonnéieren.

Heiansdo kritt een awer Zweifel, ob net grad dat geplangt ass, zum Beispill wann een dee Rapport liest, deen eis hei virläit, wou zum Beispill sech Gedanken driwwer gemaach gi wat ee soll maachen, wann de Patronat sech géif duerchsetze mat senger Fuerderung fir d'Erofsetze vum Congé parental op dräi Méint. Da gëtt an deem Rapport no Alternative gesicht amplatz ganz kloer an daitlech ze soen: Do hu mir eng Opposition formelle dergéint an dat därëf ënner kengen Émstänn geschéien, dass dee Congé parental erofgesat gëtt.

Da gëtt zum Beispill och an deem Rapport geschwat - op eng bedenklech Aart a Weis, menger Meinung no - vun engem verstärkte Réckgrëff op Deelzäitaarbecht als Léisung vum Problem Beruff a Kannererzierung, awer dann héchstwahrscheinlech an der gesellschaftlecher Realitéit um Bockel vun de Fraen, amplatz offensiv zum Beispill d'Fuerderung vun der Aarbechtszäitverkierzung fir Mann a fir Fra ze stellen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Dir Dammen an Dir Hären, wuel ass d'Beruffstätégkeet vun de Fraen zimlech daitlech geklomme par rapport zu de 70er Joren, wou nëmmen e bësse méi wéi all drëtt Fra geschafft huet. Haut schafft méi wéi all zweet Fra, mä géigeniwwer vun dräi vu véier Männer, déi schaffen, ass dat nach eng kloer Ennerrepresentierung. D'Fraenaarbecht ass och ganz ongläich verdeelt. Wann een zum Beispill d'Nationalitéite kuckt, esou schaffen nëmmen 48% vun de Lëtzebuerger Fraen, awer 63% vun de portugisesche Fraen. Oder et kuckt ee wéi d'Fraenaarbecht opgedeelt ass op déi verschidde Beruffer a wirtschaftlech Beräicher. Frae si virun allem iwwerduerschneitlech vertrat am Bildungs- a Gesondheitswiesen, an de Servicer, am Bankesektor oder och an de Verwaltungen insgesamt, wann een den Enseignement derbäi rechent. Woubäi se sech awer virun allem an deene mëttlere Carrièren erëmfannen. Si sinn och do vertrat, wou am mannste verdéngt gëtt, zum Beispill am Botzsektor oder bei de Servicer allgemeng.

Lounënnerscheeder zu de Männer à carrière égale weise sech am mannsten an de Verwaltungen a bei de wëssenschaftleche Beruffer, also virun allem a staatleche Beräicher, déi duerch Gesetzer och geschützt sinn, an a Branchë wou virun allem weiblech Aarbechtskräfte beschäftegt sinn, wou also kaum eng Konkurrenz mat Männer besteet.

Wat prekär Aarbechtsplazen um regulären Aarbechtsmaart ugeet, esou muss ee feststellen, dass si zu Lëtzebuerg Gott sei Dank nach net esou verbreet si wéi an anere Länner. Esou hunn nëmmen 3,4% vun alle Salariéen e Contrat à durée déterminée, dorënner falen awer daitlech méi Frae wéi Männer. Während d'Interimsaarbecht virun allem jénger männlech Frontaliere betrëfft, esou maachen d'Fraen awer erwaardungsgeméis de Gros vun der Deelzäitaarbecht aus: 35% vun den aktive Frae schaffen deelweis, awer nëmmen 8% vun de Männer.

Deelzäitaarbecht ass zwar wäitgehend fräiwëlleg gewielt, trotzdem muss ee sech awer Gedanken maachen iwwert déi Obstacelen, déi nach ëmmer verhënnern, dass d'Frae gläichberechtigt mat de Männer op der Aarbecht sinn. Déi Obstacel si villfälteger Natur.

Dat huet ze dinn zum Beispill mat der Ausbildung. Dat betrëfft virun allem déi méi eeler Fraen. Hei gëtt nach ëmmer keng seriö an och staatlech unerkannte Berufswiederbildung bedriwwen.

An der Tëschenzäit sinn d'Meedercher, wann och nach ëmmer mat sektoriellen Ausprägungen, deenen een awer muss wäitgehenst entgéintsteieren, an der Schoul de Jongen op d'mannst ebenbürtig. Dat mécht och Hoffnung fir d'Zukunft, wat d'Situatioun op der Aarbechtsplaz ugeet.

Et bleiwen awer ëmmer nach an der Schoul déi sozial Bremsen, déi iwwerdaitlech ervirtrieden. Dat huet och seng Ursachen. Mir hunn am Fong geholl ze di mat enger paradoxer Entwécklung. Zënter 20 Joer gëtt, favoriséiert duerch déi wirtschaftlech Entwécklung, eng daitlech Fraeförderungspolitik gemaach, déi haut hir Friichten dréit. Mä gläichzäiteg ass awer an deene selwechten 20 Joer alles gemaach gi fir d'sozial Gläichheet vun de Mënschen, déi an den 80er Joren en appréciablen Niveau erreecht hat, duerch staatlech Dëngschtleeschungen ënnert dem Gestehungspräis, finanzéiert duerch Steieren op de Betriber an och duerch déi sozial Sécherheet, déi mer hunn, et ass alles gemaach gi fir déi sozial Gläichheet schrittweis an ëmmer méi accélériert zrëck ze rullen duerch déi neoliberal Offensiv, ënnert där awer och erëm eng kéier iwwer-



duerchschnéttlech et d'Frae sinn, déi dodrënner ze leiden hunn.

Wat d'Lëtzebuerger Schoul ugeet, vun där ech virdu geschwat hunn, do sinn déi egalitär Usätz, déi et an de 70er Joren, ganz punktuell zwar nëmmen, gouf a Richtung Gesamtschoul, ëmmer méi selektiv zrëck geholl ginn, an eis Lëtzebuerger Schoul ass haut esou selektiv an esou segregationistesch wéi een et sech nëmme ka virstellen. Mer hunn an der PISA-Etüd ganz däitlech d'Resultater dovun matgedeelt kritt.

Mä och an der Schoul, mengen ech, kucken d'Schülerinnen, d'Schüler an hir Elteren net méi laang no wéi systematesch no ëne selektionéiert, segregationéiert a getruede gëtt. Och wäerten d'Meedercher an d'Frae virbäi si bei deem Widderstand, dee sech maache muss, och an der Schoul, géint déi Ausrichtung do. Do wäerten och Meedercher a Frae mat dobäi sinn, déi grad an der Diskussioun ëm d'Fraerechter geléiert hunn, dass een et nëmmen zu eppes bréngt, wann ee sech aktiv a vun ëne fir Verbesserungen asetzt. Drock entsteet nëmme vun ënnen. Dat gëlt och fir aner Froen, déi méi an den direkte private Beräich eraginn.

Ech schwätze vun der Opdeelung vun der Hausaarbecht a vun der Erzéiungsaarbecht tëschent Männer a Fraen. Natierlech sinn do an éischter Linn d'Männer gefuerdert. Mä et stellt sech awer och d'Fro vun der Haushalts- an Erzéiungsaarbecht an dem Kontext vun enger substanzierter Aarbechtszäitverkürzung, déi elo scho méiglech ass, well jo méi Leit schaffe ginn. Wa méi Frae schaffe ginn, gi méi Leit insgesamt schaffen, gëtt och méi wirtschaftleche Wäert geschaffen, an d'Fro ass, dass dee Wäert ëmgewandelt gëtt a méi Fräizäit an net a méi Profit. Dat ass déi Fro, mengen ech, déi sech hei ganz däitlech stellt.

Et stellt sech och d'Fro vu méi kollektive Betreuungsméiglechkeete vun de Kanner, wou et grouss Karenze gëtt. Et gëtt laang Waardeschichte bei de Crèche. Et gëtt net genuch paraschoolesch Aktivitéiten a villen, besonnesch kleng Gemengen, an et gëtt awer dat onbezuelt Asprange vun de Grousselteren, déi an Zukunft awer och méi aktiv an der Berufswelt wäerten tätég sinn a keng Zäit méi dofir wäerten hunn.

Et ass och d'Fro gestallt vu gudde kollektiven Transportméiglechkeeten op d'Aarbecht, vun enger gudder Offerte vun Akafsméiglechkeete a vun deene villfältigsten Dénegschleeschungen an den Dierfer a Quartiere fir de Familljen d'Aarbecht ze erliichten. Dat setzt awer erëm eng Kéier, Här President, eng ganz aner Politik viraus, déi och déi néideg Steiermëttelen heifir zur Verfügung stellt, fir déi kollektiv Infrastrukturen de Mënschen an enger Form zur Verfügung ze stellen, dass se sech se och leeschte kënnen, also ënnert dem Gesteungspräis, respektiv un de Loun ugepasst. Et ass awer de Contraire, wat de Moment geschitt.

Et ass och d'Fro gestallt - a si muss endlech geléist ginn - vun der individueller Ofsecherung bei der Sécurité sociale, zum Beispill am Fall vun Ënnerbrieche vun der Carrière, och vun der individueller Besteuerung, fir dass d'Aarbecht an net d'Opgi vun der Aarbecht méi interessant gëtt. Dat setzt eng ganz aner Ëmverdeelungspolitik viraus, déi de Präis vun der Aarbecht unerkennt, amplaz se systematesch ze dévaloriséieren. Dat setzt och erëm politesch Ziler viraus, déi de Wuelstand an d'Gläichheet vun de Leit, vun alle Leit, zum Zil hunn, an net Compétitivitéit à tout prix, net d'Course au profit an net d'Explosioun vun Inégalitëten.

Déi Ziler, déi sech hei an deem Rapport gestallt ginn an déi deelweis och ganz richteg sinn, déi Ziler vu Gläichstellung a vu Förde-

rung vun de Fraen, stinn awer a ganz wesentleche Punkte systematesch am Widdersproch a ginn hannerdriwwen vun der offizieller Politik, déi vun dëser Regierung gemaach gëtt. Dofir mengen ech, dass och weiderhin nach ëmmer dat gëllt, dass sech nëmmen eppes uewen deet, wa sech ënnen eppes réiert.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Lydie Err agedroen. D'Madame Err huet d'Wuert.

**Mme Lydie Err (LSAP).**- Keng Gesellschaft, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kann ongestrooft op d'Halschent vun der Aarbechtskraaft vum gesellschaftlechen Asaz a vu kulturellen Talenten vu senger Bevölkerung verzichten. Wa Lëtzebuerg dat mécht, da mécht och Lëtzebuerg dat net ongestrooft.

Zum Thema vun dem Rapport vun dëser Debat wollt ech ganz kloer am Ufank soen, dass ech net d'accord war mam Choix vun dësem Thema. Ech wollt kuerz erklären, firwat dat de Fall ass an op dat zrëckkommen, wat meng Propositione waren, vu dass de Sujet esou vaste ass, alles an näischt erapasst, jiddefalls och heiranner passe kann.

Ech sinn der Meenung, dass e Sujet wéi deen heiten: „La situation économique et sociale des femmes“ esou weit ass, dass ee sech net kann erwaarden, besonnesch wann de Rapport sech op eng Bestandsopnahm a sengem groussen Deel reduzéiert, fir dass ee konkret Konklusiounen kënn doraus zéien, déi et engem géifen erméigleche mat engem konkreten Impakt an der Zukunft ze rechnen.

Déi zwou Motiounen, déi hei virleien, déi weise ganz kloer, dass meng Bedenken, déi ech ugangs beim Choix vum Thema ausgedréckt hat, sech an der Praxis nidschloen, well ausser Statistiken a Mikrofinanzen an enger ganz vager Formulatioun - an ech komme spéider dorobber zrëck -, keng Konklusioun aus dësem Bericht ze zéien ass an domadder och vu viran ausgeschloss ass, dass konkret Retombéeën sech dovunner ze erwaarde wäeren.

Ech wëll kuerz op e Rapport zrëckkommen, dee mer zum 8. März hei gemaach hunn am Joer 2001, an zwar ee Virbericht esou ze soen iwwert d'Violences domestiques, dee ganz kloer weist, dass dat eppes ass wat praktesche Mehrwäert huet, well haut si mer op deem Punkt, dass deen zoustänneg Ministère en Text ausgeschafft huet dee problematesch ass, dee komplizéiert ass, deen op vill Oppositione stéisst, deen aviséiert gëtt, ëmgeännert gëtt, mä deen a kuerzer Zukunft kënn, ob et passt oder ob et net passt. Ech mengen, dat ass den Zweck vun engem Dag wéi dem 8. März, fir eppes heibannen ze maachen, wat mar oder iwwermer praktesche Mehrwäert kënn hunn.

Dat ass leider dës Kéier net de Fall. Dat ass och déi Ursaach, firwat ech mech enthalten hu beim Rapport, an dat ass och déi Ursaach, firwat ech elo wëll vun anere Saachen schwätze wéi vun deem, wat am Rapport steet, well dat a mengen Ae méi wichteg ass oder prinzipiell méi wichteg ass wéi Statistiken sammelen, déi mer mol net kënnen ganz oft mat konkreten Zuelen ënnerleeën.

Ech wëll vläicht kuerz soen, dass meng Konterpropositione fir de Rapport vun haut ënner anerem d'Mikrokreditter waren. Dat ass verworf ginn. Mir hunn awer elo eng Motioun iwwer Mikrokreditter hei virleien, an ech wollt just virgräifen a soen, dass ech déi Iddi vun de Mikrofinanzen en général eng ganz interessant Iddi fannen, besonnesch well ech och an der Coopératioun ganz vill domat geschafft hunn, an dat och weider an

der Coopératioun esou leeft, mä dass ech mer leider net sécher sinn, wat een, op engem Entwécklungsstand, wéi et zu Lëtzebuerg de Fall ass, mat Mikrokreditter kann ufänken, wat d'Héicht vun deene Montante muss sinn, wat d'Formalitéite sinn, kuerz alles dat wat eventuell de Fraen et géing erlabe sech selbststänneg ze maachen.

Dofir hunn ech bei eiser spezialisierter ONG vu Lëtzebuerg, bei der ADA, Appui au développement autonome, gefrot, si sollten eng Enquête maachen, fir festzestellen wéi vill kleng Kreditter eis Banken an deene leschte Jore ginn hu fir kleng Betriber opzerichten, notamment fir Fraen, fir ze kucken ob ausser de Garantie fir ee Prêt ze kréien, ausser Autorisatiounen an administrativ Schikanen et aner Obstacle gëtt. Ech hu versprochen, fir an zwee oder spëitstens dräi Méint eng éischt Etüd iwwert déi Froen do virleien ze hunn, an da kënn ee weider kucken, op Basis vun deene Renseignements an deem Comité de Travail, deen an der Motioun ugeschwat ginn ass, ob et iwwerhaupt Sënn mécht déi Mikrofinanzen zu Lëtzebuerg am Kader vun der Selbststännegkeet, besonnesch vun de Fraen, anzesetzen. De Moment wësse mer menges Erachtens net genuch fir déi Motioun 2 an dësem Stadium unzehuelen, an ech géif och dofir proposéiere sech de Moment ze enthalten an ofzwaarde wat déi éischt Enquêtes op deem Gebitt do bréngen wäerten.

Eng zweet Proposition, déi ech gemaach hunn, war de CEDAR-Bericht hei auserneeunzehuelen. Dat ass de véierte Bericht, deen op Basis vun der UNO-Konventioun géint d'Eliminatioun vun Diskriminatiounen géint d'Fraen zu New York am Januar presentéiert ginn ass, a wou et a mengen Aen ëm essentiell Froe geet, essentiell Froen net nëmmen an Texter, well ganz oft ass et jo hei esou, dass wann een op international Rechtsinstrumenter steet, dass de Kapp gerëselt gëtt a geduecht gëtt, dat géif de Fraen um Terrain konkret näischt bréngen. Ech wäert probéieren ze beweisen, dass deem net esou ass, an dass déi Konklusiounen, déi beim véierte Lëtzebuerger CEDAR-Bericht erauskomm sinn, sécherlech, wa se aneschtens gewiescht wieren, de Fraen an de Männer zu Lëtzebuerg konkret hätte kënnen weiderhëlfen.

Ier ech zu deem Sujet méi prezis kommen, wollt ech just nach ee Wuert soen zur Aarbechtsmethod an der Kommissioun zu dësem Bericht, wéi iwwerregens och zu deenen anere Berichter virdrun.

Mir haten en Hearing mat zwou, dräi Organisatiounen, an alles wat vu Material agesammelt ginn ass, ass probéiert ginn an enger geraffter Form zu enger Bestandsopnahm an e Rapport erafléissen ze loossen, deen a sech och keng Konklusiounen geholl huet, an d'Motiounen beweisen, dass et schwéier, wann net onméiglech ass, aner Konklusiounen ze huele wéi déi, déi proposéiert gi mat engem Bericht, deen esou vague ass. Ech fannen et dramatesch, dass ëmmer erëm d'Chamber sech muss Leit vu baussen eraruffen, fir eppes virgeknat ze kréien, fir Froen ze beäntweren, déi mir eigentlech gutt placéiert wäere fir selwer ze kennen, fir domadder eppes ze maachen, wou ee konkret näischt ufänke kann, an och fir d'Zukunft keng Jalone méiglech mécht ze setzen.

Ech fannen et bedauerlech an ech géif et begrëssen, wa bei engem nächste Rapport wierklech géif kontradiktöresch diskutéiert gi fir e gemeinsame Sujet erauszeseichen, dee konkret Répercussiounen kann hunn, dass gemeinsam géif dru geschafft ginn, gemeinsam diskutéiert ginn, an dass net op eemol

vun engem Dag op deen aneren e fäerdege Bericht virläit, deen een nach just kann huelen oder stoe loossen. Ech fir mäin Deel hunn op jidde Fall léiwer esou ee Bericht stoe gelooss, wéi en unzehuelen, just fir dass alles sech an allgemenger Gefällegkeet soll opléisen.

Positiv zur Egalitéitskommissioun war een Element an dësem Joer, dat leider net zu dëser Debat matgeduecht huet, an dat war en fait eppes wat ee kënn ënnert d'Rubrik Mainstreaming fale loossen a wat op Initiativ vum Renée Wagoner zrëckgaangen ass, wou e Bericht gemaach ginn ass, d'Position vum der Kommissioun vun der Promotion féminine iwwert d'Loi électorale. Ech fannen dass dat eng ganz interessant Approche ass. Leider war den Impakt an der Praxis null, well scho virdrun ofgemach war, anscheinend tëschent de Parteien, dass een an eng gewësse Marschrichtung géif goen an dass all déi Saachen, déi richtig waren an deem Rapport - an déi hätte missten hiren Nidderschlag fannen an der Loi électorale - net ugeholl gi sinn.

Dat ass bedauerlech. Et kann een trotzdem awer begrëssen, dass et esou eppes wéi eng Aart Mainstreaming an der Kommissioun jee eng Kéier ginn ass, an et kann ee just an deemselwechten Otemzuch bedauern, wiwill verpasste Chance vu Mainstreaming mer hate bei anere Gesetzesprojeten, wéi beispillsweis dee vun der Horesca, vun der Horeca, dee vun der Mindestloundebatt oder vun der Erhéijung vum Kannergeld, alles Dossieren déi wierklech eng ganz wichteg Dimensioun hunn, déi d'Frae betrëfft, an déi ganz logesch gewiescht wiere vun der Fraekommissioun analyséiert ze ginn, a wat gëschter an haut net war, ka mar vläicht ginn.

Dofir meng Proposition, amplaz seicht Berichter ze maachen zu engem Thema, mat deem ee konkret näischt kann ufänken, wier et interessant déi Texter ze kucken, déi an deenen nächste Wochen a Méint sollen hei ofgestëmmt ginn, an déi d'Gender-Dimension an deene Berichter ënnersträichen, an hei eng Position zu normale Gesetzer aus anere Spezialkommissiounen ze huelen, net am Nimm vun engem Einzelnen, mä am Nimm vun enger Kommissioun, déi censéiert ass sech ëm Gläichberechtigungsfroen an der Gesetzgebung en général ze interesséieren.

Esou wäit zu deene puer Iwwerleeungen. Zum CEDAR-Bericht selwer, an dat ass eppes wat mer um Häerz läit, och wann de Chamberbureau net fonnt huet, dass et noutwendeg wier d'Chamber ze associéieren un déi Übung, déi wäit méi wéi eng theoretesch Übung zu New York war, och da wann d'ONGen zwar d'Recht hatten, an ech begrëssen dat prinzipiell, fir Partie ze maache vun där Delegatioun, déi dee Bericht zu New York vertrauden huet, fannen ech, dass et trotz allem derwäert ass, mat deem wat mer aus de Pabeieren erausfonnt hunn, e Wuert op dëser Tribün ze soen an ze weisen wéi och déi Saachen, déi zu New York diskutéiert gi sinn, am deegleche Liewen zu Lëtzebuerg hiren Nidderschlag könnte fannen.

E puer Wuert dofir zu de Konklusiounen, déi vun dëser „Examenskommissioun“ zu New York zum Lëtzebuerger Bericht komm sinn, Examenskommissioun wou iwwregens, Madame Minister, an ech leeën lech dat ganz besonnesch un d'Häerz, et ganz schéi wär, wann och e klengt Land wéi Lëtzebuerg enges Daags kënn e Member dran hunn. Ech war virun e puer Wochen op enger Sitzung an Ungarn, an ech hunn do eng Fra begéint, déi an der CEDAR-Kommissioun war, an Ungarn war net e bësse stolz als klengt Land, als nei Demokratie, déi Eier ze hunn, do vertrauten ze sinn. Ech mengen dat wat Ungarn ënnert deenen Emstänn, déi seng sinn, gepackt

huet, misst eigentlech och fir Lëtzebuerg méiglech sinn.

D'Komplimenter zu New York, Madame Minister, Dir hutt se héieren, et deet mir dofir Leed, dass Der lech dat nach eng Kéier musst unhéieren. Dir héiert se net oft, ech zielen lech déi puer Komplimenter op, an déi puer Problemer, déi do ënnerstrach gi sinn, well ech wierklech der Meinung sinn, dass dat wichteg ass.

Begréisst ass ginn, dass e Protocole facultatif op der Procédure législative war, an ech fannen et eigentlech bedauerlech, dass net déi Saachen, déi mam CEDAR zesummenhängen, dat sinn zwee oder dräi kleng Projeten, haut hätte kënnen am Kader vun dëser Debat zesummen evakuéiert ginn. Dat wier wahrscheinlech ze vill zesummenhängend an ze vill logesch gewiescht. Dofir konnt et dach och net sinn.

Dat zweet Kompliment, wat gemaach ginn ass, ass eben, dass och e Gesetz iwwert d'Violence domestique ënnerwee ass, an och wa mer allegueren, oder verschidde Leit heibannen, déi Krämp kennen, déi dat Gesetz nach kaschte wäert, esou ass dat sécherlech derwäert, fir sech driwwer ze freeën. Och dass mer zënter deem leschten nationale Bericht e Gesetz iwwert den Harcèlement sexuel hunn, e Gesetz kruten iwwert d'Procédure d'asile, dass eise Prozentsaz vu Fraen, déi schaffen, eropgaangen ass, dass eis Coopératioun a développement och Fraeprojekte mécht. Déi puer Saache si sécherlech begréisst ginn, an déi maachen eis trotz aller Onzeffridenheet iwwert déi aner Saachen alt e bësseleche Freed.

Begréisst ass och ginn, an ech mengen dass dat e Kompliment ass wat derwäert ass och hei eng Kéier ënnerstrach ze ginn, dass d'Ministesch selwer op der Spëtzt vun der Delegatioun war, déi zu New York deen Examen do passéiert huet, an dass de Prozentsaz vun de Fraen an der Politik net deen allerschlechtsten aus ganz Europa ass, och da wann en nach ëmmer ze niddreg ass par rapport zu deem wat mer gären hätten.

Dat ass et awer dann och scho mat deene gudden Nouvelles. Ech kommen dann zu deenen aneren, an eigentlech sinn och déi vill méi interessant, well dat ass do wou Handlungsbedarf ass a wou ech probéiere wäert lech ze beweisen, firwat et praktesch wichteg wier, dass mer géingen eppes maachen.

Zwou Saachen si fir mech essentiell vun deenen, déi zu New York gesot gi sinn. Eischstens ass bedauert ginn, a mat Recht, dass nach ëmmer den Egalitéitsprinzip an eiser Verfassung net ageschriewen ginn ass an dass mer nach ëmmer keng Autorisatioun fir positiv Aktiounen an iergendengem Text hunn, net nëmmen an der Verfassung, mä och net an engem anere Gesetz.

Firwat ass dat heite wichteg, firwat ass dat heite prakteschen Nährwäert, net nëmme fir d'Fraen zu Lëtzebuerg, mä och fir d'Männer, wäert ech probéieren lech ze beweisen. Wa mer nämlech, an ech wëll an deem Kontext vläicht och ganz kuerz op deen zweeten Avis complémentaire vum Statsrot zum Artikel 11.2 hiweisen, deen eng Proposition gemaach huet, mat där mir Männer a Fraen heibannen an dobausse vill besser zerwéiert wiere wéi dat, wat de Moment vun der Chamberskommissioun virgeschloe ginn ass. Firwat, well eben déi Actions positives an deem neien Text vum Statsrot dra sinn, déi an enger Form, an esou enger verwässerter Form implicite an der Formulatioun virdrun dra waren, dass een net sécher hätt kënnen sinn, dass, wann een den Artikel vun der Verfassung, wéi d'Chamberskommissioun e virgeschloen huet, wëll um Geriicht geltend maachen, een net sécher weess, wat eraus komm wier bei enger Décisioun um Geriicht.



Wa mer déi Formulatioun, wéi se de Moment vum Statsrot virläit, géifen unhuelen, da géif dat beispillsweis heeschen, wa festgestallt gëtt, dass an engem gläichwäertegen Beruff mat enger gläichwäerteger Ausbildung zwee Leit déiselwecht Aarbecht maachen, mä de Mann beispillsweis méi verdéngt wéi d'Fra, dass kënnt dann op Basis vun engem Artikel, wou Actiouns positives an der Verfassung méiglech gemaach gi sinn, kënnt geklot ginn a gesot ginn, dass dat onzoulasseg ass par rapport zu deem Artikel an dass dann, wa positiv Diskriminatiounen oder positiv Aktiounen an der Verfassung stinn, an net an engem Gesetz, d'Gerichter logescherweis misste soen, wa se feststellen dass déi Gläichwäertegkeet vun der Aarbecht a vun der Ausbildung ginn ass, et onannehmbar ass, dass dee Moment eng Differenz am Gehalt kënnt justifiéiert sinn.

Dat heescht, dass een net nëmme bei Gehaltdiskriminatiounen mä och bei Astellung keint op een Artikel aus der Verfassung zrëckgräife fir déi Egalitéit, déi mer an der Praxis wëssen, dass se net besteet, Schrëtt fir Schrëtt kënnen an d'Praxis ëmzesetzen, mä dat setzt viraus, dass mer net nëmmen ee Gesetz kréie wou Gläichstellung en général méi wäit geet wéi am Gesetz vun 1983, virun allem fir net ze riskéieren, dass d'Gerichter géinge soen, dass eng Klo, déi fir Diskriminatioun gemaach gëtt, net am Aklang géif stoe mam Egalitéitsprinzip, an dofir misste mer absolut déi positiv Aktiounen an eis Verfassung erakréien.

Iwwregens ass et och esou, dass déi europäesch Jurisprudenz vum Kierchbiereg eng Evolutioun gemaach huet, déi sech weise léisst. A wann eis Riichter géife mat op dee Wee goen, et duerchaus denkbar wär, wann den Egalitéitsprinzip an déi positiv Aktiounen an d'Verfassung géinge kommen, dass iwwert de Wee vun der Jurisprudenz verschidden Diskriminatiounen, déi zu Lëtzebuerg bestinn, kéinten de Garaus gemaach kréien.

Ech fannen, dass et wichteg dofir wär, net nëmme vu Paien a vu Crashen ze schwätzen, mä vun Instrumenter déi et méiglech maache sech an der Praxis op konkret Saachen ze baséieren.

Eng zweet Fro, déi zu New York ugeschwat ginn ass - an och déi läit mer um Häerz -, ass déi vun der Ophiewung vun de Reserven zur Konventioun, déi mer schonn éiweg versprach hunn awer nach ëmmer net gemaach hunn, wou mer fir eng jiddefalls zoustänneg sinn, an zwar déi Reserv, déi mer gemaach hu wat den Numm vun de Kanner vu bestuetene Leit ubelaangt. Déi aner ass d'Ierffolleg an der Maison Grand-ducale. Do hu mer manner Handlungsspillraum.

Et bleift dass dat, wat Dir, Madame Minister, zu New York gesot hutt, well ech hu gelies wat Dir gesot hutt, a mengen Aen net duergeet fir dem Artikel 16 vun der Konventioun Rechnung ze droen, well och wann Der de Choix opmaacht fir Kanner vu bestuetene Leit, dass se kënnen der Mamm oder dem Papp hiren Numm huelen, an dass en cas de désaccord deem Éischten am ABC vir ass, do ze soen, dass dat nëmme ka gëlle fir déi Kanner, déi mar oder iwwermer op d'Welt kommen, dat heescht nach ëmmer, dass als déi Kanner, déi haut schonn en Numm hunn an déi eventuell vläicht aus perséinlechen oder wat fir engen Ursachen och ëmmer den Numm vun hirem aneren Elterendeel gären hätten, deem net kënnen huelen. Dofir denken ech, dass dat do net duergeet.

A wann Der net nach gären eng Kéier, Madame Minister, Dir oder soss een, op d'Fangere geklappt kritt mat deemselwechten Artikel, mengen ech, wäer mer alleguer gutt beroden, eng kleng Schépp bäizeleeë bei deem Gesetzesprojet, deem de Justizminister jo ageerecht huet an deem, weinstens wat

d'Apparence ubelaangt, géif Satisfaktioun ginn an engem gewësse Mooss deem Artikel 16.

Déi lescht Fro, op déi ech wëll zrëckkommen, ass déi vum Fraenhandel, wou Der jo och net douce ëmfaange gi sidd. Ech wëll hei net déi ganz Problematik opwerfen, mä et ass eng Tatsaach dass, esou wéi et zu Lëtzebuerg geet wat Fraenhandel, Prostitutioun, Proxénétismus ubelaangt, et net esou ka weidergoen. Et kann net sinn, dass esou genannten Artistinnen ouni Ausbildung ganz kloer gewosst als Prostituéiert op Lëtzebuerg kommen. D'Land gëtt iwwerschwemmt mat enger Zort vu Leit, déi exploitéiert gi vun enger ganzer Fauna déi do ronderëm spillt, ob dat elo Leit sinn aus de Cabareten, Zuhälter im wahrsten Sinn des Wortes, Propriétaires déi hir Wunnenge zu horrente Präisser verloungen, och wa se wësse wat an hiren Appartementer geschitt, an Ähnliches. Et kann net sinn, dass och mar nach, wann e Problem do ass, déi Fraen, also d'Victimen, ausgeweise ginn, während déi, déi se exploitéieren, hei nach ëmmer stolz dorëmmer spadséieren. Dat waren déi puer Reflexiounen, déi ech wollt zur CEDAW-Konventioun maachen.

Ech wollt awer nach zwou Déceptiounen Ausdrock ginn, déi dëse Rapport vun haut mir inspiréiert, an zwar dass et méiglech ass an dësen Zäiten e Rapport zur Egalitéit ze maachen a kee Wuert ze schwätzen iwwer e grouse Problem, deem a mengen Aen deem ass vun der europäescher Konventioun, wou och mir als Chamber gutt berode gewiescht wäeren eise Pefferkär bäizeleeën, wat d'Inscriptioun vum Egalitéitsprinzip, vum Principe de non-discrimination an eis zukünftigen europäesch Verfassung betrëfft; och wann een iwwert déi sozial Situatioun vu Lëtzebuerg schwätzt, kee Wuert gesot ginn ass iwwert de Congé parental, dee jo net ganz kloer ass wat d'Zukunft ubelaangt a wou Verbesserungsverschléi iwwer Liewensdauer an ähnlech Froen, déi ganz wichteg wäeren, prinzipiell méi wichteg wéi praktesch sécherlech, hätte misse ugeschwat ginn. Dofir eng Hoffnung fir d'nächst Joer, dass mer et da wäerte fäerdeg bréngen e prezise Rapport ze maachen, mat deem mer iwwermer eventuell kënne konkret Konkusiounen zu Lëtzebuerg erwaarden.

Zu de Motiounen ganz kuerz. Bei der éischter Motioun stellen ech fest, dass, obschonn d'lescht Woch, wéi de Rapport an enger eenzeger Sëtzung diskutéiert an ugeholl ginn ass, ech proposéiert hat, et wär net domm eng Motioun gemeinsam als Kommissioun ze maachen, ech natierlech do vun der Majoritéit ëmgedréint gi sinn, an ech elo hei eng Motioun virfannen, déi vu Leit mat ënnerschiwwen ass, déi an der Kommissioun net derbäi waren a wou et am Fong just drëms geet fir Statistiken ze verlaangen, déi zweifelsohne noutwendig sinn, mä déi Statistike gi verlaangt vun deene Leit déi wuel ënnerschiwwen hunn, awer net déi Amendementer vun der Loi électorale matgedroen hunn, déi d'Madame Wagener proposéiert huet, wéi dat Gesetz ofgestëmmt ginn ass, an déi et emol méiglech gemaach hätten d'Wahlverhale vun de Lëtzeburger an de Lëtzebuergerinne méi genau ze analyséieren. Ech fannen, dass déi Motioun hei vun enger Iwwerflächlechkeet ass, besonnesch wann ee gesäit dass déi Leit déi froen net amstand waren, wat d'Analys vu politesche Wahlsultater ubelaangt, op dee Wee matzegoen. Ech fannen, dass et net derwäert ass, déi Motioun ze stëmmen.

Zu der zweeter Motioun, déi iwwert d'Mikrofinanzen, hunn ech lech aganks gesot, wat ech dovunner halen. Ech denken, dass et eng gutt Iddi ass et ze checken an dass dee Groupe de travail ad hoc, deem d'Regierung wëllt en place setzen am Fraeministère oder am

Gläichheetsministère, eng gutt Saach ass, mä dass et de Moment ze fréi ass, well mer absolut keng Donnéeën hunn, wat déi Montanten an déi Techniken ubelaangt, déi ee misst kennen, fir dass dee Groupe de travail iwwerhaapt kéint schaffen. Dofir mengen ech, dass et e bësse verfréit ass an dass ee soll ofwaarde wat déi éischt Resultater vun der ADA sinn, an dass een déi da weidergëtt an deem Aarbechtsgrupp. Ech hu kee Problem mam Fong, ech denke just dass deem Aarbechtsgrupp, wéi en elo virgesinn ass, absolut nâischt ka schaffen, well mer keng Donnéeën hunn.

**M. le Président.**- Den Här Jaerling ass als leschten Diskussionsriedner agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Härren, nodeem meng Virriednerinnen a méi engem engagéierte Stil hir Siicht iwwert d'Situatioun vun de Fraen hei virbruecht hunn, wëll ech versichen dëst Thema esou objektiv wéi méiglech unzegoen, awer aus der Siicht vun de Männer.

Engersäits wëll ech dem ADR seng politesch Positioun am Zesummenhang mat der Gläichberechtigung vun de Fraen hei virbréngen, anerersäits awer och d'Praxis um Aarbechtsmaart belichte wat d'Gläichberechtigung vun de Fraen ubelaangt. Den ADR ass eng sozial engagéiert Partei, dat weess heibanne jiddferen, déi sech asetzt fir Gläichberechtigung op allen Niveauen, also och Gläichberechtigung tëschent de Geschlechter.

Dem ADR säi Programm gesäit vir, dass een all Familien an domat all Frae soll d'Méiglechkeet loosse ze wéile wéi se hiert Liewen organiséieren, a weder de Stat an nach soss een huet sech do anzemëschen. De Stat muss just d'Begleetmoosname fir déi Gläichberechtigung schaffen.

Wann eng Fra, déi bestuet ass a Kanner huet, wëll schaffe goen, da muss de Stat dofir suergen, dass se hiert Familljeliewen esou kann organiséieren, dass d'Kanner net drénner leiden. Den ADR trëtt dofir an, dass déi néideg Infrastrukture geschafe ginn, wéi zum Beispill Crèche, Kantinen an de Schoulen, d'Upassung vun de Schoulzäiten un déi wierklech Besoinen an esou weider.

Wann awer d'Frae sech entscheede fir sech doheem ausschliesselech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmern, da muss och dofir gesuergt sinn, dass se dat kënnen maachen. Engersäits andeem hinne während der Erzéiungszäit déi néideg finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt gi fir dat ouni Précaritéit kënnen ze maachen, anerersäits awer och dass se sozial esou ofgeséichert sinn, dass se spéider och eng Rent kréien an net vum Mann ofhängeg sinn. D'Viraussetzung fir dës sozial Ofsecherung an der Pensioun muss doduerch geschafe ginn, dass d'Pensiounsrechter während der Erzéiungszäit vun de Kanner garantéiert sinn, eng Erzéiungszäit déi net därerf nëmmen op véier Joer begrenzt sinn, mä déi eréischt no 12 Joer därerf eriiwwer sinn. Den ADR kann och dofir net d'accord si mat deenen, déi versichen de Mammen, déi doheem bleiwe fir hir Kanner ze erzéien, e schlecht Gewëssen anzerieden oder - nach méi schlëmm - se als liddereg ze bezeichnen.

Et kann een nëmmen eng seriö Léisung an dësem Zesummenhang fannen, wann een de Choix vun alle Frae respektéiert. Et ass nämlech net esou dass all Frae sech besser fille wa se schaffe ginn an hir Kanner eleng loosse.

Et gëtt och Fraen, an dat ass dee groussen Deel, déi sech léiwer géifen ëm hir Kanner këmmern, wann dës Gesellschaft hinnen déi néideg Viraussetzungen dofir géif schaffen.

Här President, dem ADR seng Iddie sinn zum Deel de 5. Juli 2002 scho realiséiert gi mat der Aféierung vun der Mammerent, déi jo och elo endlech soll ausbezuelt ginn. Et ass just bedauerlech, dass dat Ausbezuelen esou laang dauert. D'Regierung erkläert dat domadder, dass immens vill Demanden erakomm sinn, an dass se net nokommen. D'Regierung hat sécherlech erwaart, wéi se der Mammerent zougestëmmt huet, dass sech der vläicht nëmmen eng Dosé melle géifen.

Den ADR wäert sech op jidde Fall weiderhin dofir asetzen, dass och seng aner Fuerderungen duerchgesat ginn, an zwar net nëmmen d'Ofsecherung vun de Pensiounsrechter während der Erzéiungszäit, mä och déi finanziell Ofsecherung während där Zäit, fir dass d'Fra wierklech de Choix kritt dee se brauch fir hiert Familljeliewen esou ze organiséiere wéi se et am Interesse vun hire Kanner fir richtig hält, op där anerer Säit awer och esou dass d'Fra hiert Berufs- a Familljeliewen optimal organiséiere kann, wa se de Choix treëft fir schaffen ze goen. Jiddefalls mussen d'Kanner an de Vierdergrond gestallt ginn. D'Wuel vun de Kanner muss op jidde Fall Prioritéit hunn.

Här President, ee vun de Problemer, dee sech awer och de Zesummenhang mat der Organisatioun vum Familljeliewe vun deene schaffende Frae stellt, ass deem, wann d'Kanner an d'Primärschoul ginn. Mir verlaange vun de Salariéen ëmmer méi Flexibilitéit a Mobilitéit. Dat huet ganz oft e staarken Afloss op d'Organisatioun vum Familljeliewen, souwuel fir d'Fra wéi fir de Mann.

Vill Elteren a besonnesch Frae mat Kanner kréie keng Méiglechkeet an där Uertschaft eng Aarbecht ze fanne wou se wunnen, si sichen duerfir eng Méiglechkeet fir hir Kanner do an d'Schoul ze kréie wou se schaffen, wat et hinnen erméiglecht se mat dohinner ze huelen an erëm mat Heem. De Problem, dee sech do stellt, ass, dass duerch déi Chargen, déi d'Gemenge an Educationsberäich hunn, e Minerval ganz oft verlaangt gëtt fir Kanner, déi aus anere Gemenge kommen, e Minerval deem oft d'Grenz vum finanziell Erträglechen iwwerschreit.

### (Coups de cloche de la Présidence)

Dës Minervälé gi verlaangt obwuel eis Verfassung kloer seet, dass d'Primärschoul muss gratis sinn. Och dëst ass eng Diskriminierung vun de Fraen, déi wëlle schaffe goen. D'Politik muss eng Léisung fanne fir d'Schoul esou ze organiséieren, dass se fir jiddferen gratis ass. Et geet net duer dass mer de Salariéen ëmmer méi Flexibilitéit a Mobilitéit ofverlaange fir se dem modernen Aarbechtsmaart unzepassen, mer op där anerer Säit awer nach al verstëbste Gesetzer bestoe loosse, déi hinnen d'Liewe schwéier maachen.

Här President, eng weider positiv Measure, déi den ADR duerchgesat huet, ass d'Erhéijung vun de Witwerenten. D'Ongerechtegkeet, déi do bestanen huet, ass mam Gesetz vum 24. Abrëll 1991 deelweis ofgeschaf ginn. 75% si vun dunn u gerechent ginn anstatt déi bis dohin 63% fir dem iwwerliwende Partner seng Rent. Et bleift do awer nach eng Ongerechtegkeet bestoen, well wann eng Fra stierft, déi net geschafft huet, behält de Mann 100% vu senger Rent, wann de Mann awer stierft, gëtt der Fra maximal 75% vun der Rent zougestanen, dat obwuel se déiselwecht Chargé behält wéi de Mann.

Den ADR wäert duerfir och net zu deene gehéieren, déi eng Individualiséierung vun de Rente verlaan-

gen, well dat nâischt anescht géif heesche wéi d'Ofschafe vun de Witwerenten. Och an der Diskusioun iwwert de Splitting vun de Rente soll ee ganz virsiichteg virgoen, dass een net fir ee soziale Fall aus der Welt ze schaffen der doraus zwee mécht oder de Sozialfall vun der Fra op de Mann verschiebt. Weider Verbesserungen, déi duerch dem ADR säin Asaz agefouert goufen, waren déi sogenannte Babyjoren, déi mam Gesetz vum 24. Abrëll 1991 vun 12 op 24 Méint ausgebaut goufen.

Här President, den ADR huet bewisen, dass hie sech fir Gläichberechtigung asetzt an dass hien och faeg ass seng Iddien duerchzusetzen. Hie wäert dat och nach weiderhi maachen. Den ADR wäert an allen Hinsichte kloer Positioun bezéien a sech op kee Fall op Alibi-Versprechen oder op halfehaerzeg Solutiounen aloossen, déi de Frae méi schuede wéi notzen an domadder der wierklecher Gläichberechtigung absolut keen Dëngscht leeschten.

Gläichberechtigung aféieren ass e laangwierige Prozess. Et duerf een net vergiessen, dass d'Diskriminierung vun de Fraen an engem eelere Buch, wat iwwer 2000 Joer eis Gesellschaft dominéiert huet, festgeschriwwen war, an datt vu Säite vun där Ideologie och nach ëmmer gebremst gëtt, well an där Hierarchie d'Fraen nach ëmmer als zweetrangeg ugesi ginn. Et ass un der Politik fir laangfristeg déi richtig Weichen ze stellen an anhand vu vernünftegen an net ideologesch oder lobbyistesche beaflosste Gesetzer d'Gläichberechtigung esou ze gestalten, dass se deem Numm och verdéngt.

Här President, de Gesetzgeber huet besonnesch op den Drock hi vun de Gewerkschaften, déi déi alleréischte waren, déi sech fir d'Gläichberechtigung op der Aarbechtsplaz agesat hunn, d'Gläichberechtigung am Aarbechtsrecht festgeschriwwen. Wann dat an der Praxis net esou ëmgesat gëtt wéi dat soll sinn, dann ass dat net d'Schold vun de Gesetzer, mä dann ass dat d'Schold vun der Exekutiv.

Ech kenne kee Gesetz wat spezifesch fir d'Männer eleng soll gëlen. All d'Gesetzer, déi hei an der Chamber am Interesse vun der Fra gestëmmt gi sinn, si vun enger Majoritéit vu Männer gemaach ginn. Verschidden Acteuren, déi dës Gesetzer solle respektéieren, ginn awer an der Praxis hirer Aufgab net gerecht. Mir hunn an de leschte Jore wierklech all Efforte gemaach fir de Retard, deem am Zesummenhang mat de Fraerechter bestanen huet, opzehuelen. Dës Efforte sollen och weider gefouert ginn ouni awer an den Extremismus ze verfallen. Et muss een ëmmer oppassen, dass déi Rechter, déi een deem engen oder deem anere wëllt ginn, sech net kontraproduktiv op d'Integratioun um Aarbechtsmaart auswirken.

Huele mer zum Beispill de Congé parental. Dat war eng gutt Measure, déi am PAN-Gesetz opgrond vun enger EU-Direktiv agefouert gouf. Wann ech d'Chiffere richteg interpretéieren, dann hu just 30% vun deene méigleche Bénéficiairen dës Méiglechkeet an Usproch geholl. Déi meescht dovunner ware Mammen. Nëmme 5,3% Pappen hu sech fir dës Méiglechkeet interesséiert, esou dass dës Measure schonn eleng vun de plakege Chiffere hier net dee beschäftigungs-politeschen Erfolleg hat wéi dat erwaart ginn ass, och wann de Prozentsaz vun deenen, déi herno fest agestallt gi sinn, well se e Congé parental ersat hunn, mat 77% als zefriddestellend kann ugesi ginn.

Meeschtens sinn et Salariéer mat klengen Revenuen, déi de Congé parental an Usproch geholl hunn, well eben de Montant vun der Allocations gläich oder iwwert hirem normale Revenu loung. Salariéer mat méi héije Revenuen hu méi d'Tendenz fir de Congé parental



mat enger hallwer Tâche ze cumuléieren, wann dat méiglech ass, oder si verzichten ebe ganz drop. Et ass also an deem Beräich nach vill Iwwerzeegungsaarbecht ze maachen. Vlächst ass och nach e kleng finanziellen Uräiz néideg oder eng weider Aféierung vu Méiglechkeete fir de Congé parental op eng aner Aart a Weis ze huele wéi dat elo de Fall ass.

Här President, et gëtt awer leider och Stëmmen déi de Congé parental erëm wëllen a Fro stellen, zum Beispill mat Argumenter, mer hätte bei der Emsetzung vun der EU-Direktiv iwwerdrifwen, well déi nëmmen eng Dauer vum Congé parental vun dräi Méint virgeschriwwen huet a mir sechs Méint accordéiert hunn, oder well an de Betriber, wou vill Frae beschäftegt sinn, duerch de Congé parental ze vill Problemer géifen optrieden.

Ech wëll hei emol kloerstellen, dass de Congé parental, esou wéi mir en agefouert hunn, net eng sozial Mesure war, déi vun de Patronen oui Weideres akzeptéiert gi war. Si hunn en akzeptéiert, well déi Verantwortlech an der Tripartite hinnen als Géigeleeschung méi Flexibilitéit a méi Mobilitéit vun de Salariée versprach an och zougestanen hunn. D'Referenzperioden an den Horaire mobile waren d'Kompensatiounen, déi d'Patronat kritt huet, fir mam Congé parental d'accord ze sinn. Et geet also net, dass elo op eemol de Congé parental hinnen net méi an de Krom passt an dass si e wëllen ofschafen. Wa se dat gären hätten, da ginn awer och all aner Mesuren, déi der Wirtschaft entgéint kommen a mam Congé parental accordéiert goufen, a Fro gestallt. Ech mengen dat ass dat, wat awer elo hei vu vir era soll kloer sinn.

■ Une voix.- ...dem ADR...

■ M. Aly Jaerling (ADR).- Selbstverständlech. Hat Dir dann eppes anescht erwaart?

(Brouhaha général)

Här President, wann ech vu gesetzleche Mesuren am Zesummenhang vun der Gläichberechtigung schwätzen, da gehéieren dozou och d'Délégues à l'égalité des chances, sief et an de Gemengen, awer besonnesch op der Aarbechtsplaz.

Et ass grad do wou déi gesetzlech Bestimmung vum Aarbechtsrecht sollen ëmgemat ginn, an et ass grad do wou et happert, well déi Délégues à l'égalité sech meeschtens net bewosst si wat eigentlech hir Aufgab ass, well des Poste gesetzlech agefouert goufen, oui dass virdrun e Fonctionsbild vun deene Chargen opgestallt gouf an oui dass déi Leit, deenen des Posten zougestallt ginn, eng adequat Formatioun hatten. Et besteet och elo nach, nodeem déi Poste scho jorelaang bestinn, ëmmer keng adequat Formatioun. Vu Weiterbildung iwwerhaapt net ze schwätzen. Dat gesot fir ze demonstréieren, dass et net der geet einfach elo Alibiinstrumenter ze schafen, déi vu vir eran net fonctionnéiere kënnen, well einfach net déi néideg Begleetmoossname mat dobäi sinn.

Dann ass et och nach esou, dass den Délégué à l'égalité nëmmen do agesat gëtt wou och eng Personaldelegatioun besteet, also do wou schonn eng Vertriedung vum Personal ass. Hätten net éischter missen do Delegéierte fir Chancëgläichheet agesat gi wou keng Personalvertriedung ass, nämlech a Betriber wou keng 15 Leit schaffen? Well grad do wou keng Vertriedung vum Salarat ass, gëtt et déi flagrantsten Ongerechtegkeeten, an déi Eenzel, besonnesch d'Fraen, traue sech net hir Rechter geltend ze maachen, aus Angscht hir Plaz ze verléieren.

Ech hunn des Bemerkungen hei ageflecht, fir ze demonstréieren dass et net dem Législateur seng Schold ass, wann Ongerechtegkeeten an der Praxis opkommen,

mä ganz einfach duerch e schlecht Ëmsetze um Terrain an enger schlechter Kontroll vun deem, wat eigentlech vum Gesetzgeber erwünscht ass.

Här President, et ass esou viles am Zesummenhang mam Dag vun der Fra an hire Rechter gesot a geschriwwen ginn. Wichtig erschénkt mer awer an deem Zesummenhang, dass bei allem Onrecht, wat de Fraen oder soss engem geschitt, net där generaliséiert ginn. Keng extrem Mesuren dürfen agefouert oder gefuerdert ginn déi de Schued net behiemen, mä e verlagere an domadder nach méi Ongerechtegkeete provozéieren. Ob dat elo am Zesummenhang mat den Diskriminatiounen op der Aarbechtsplaz, mam Harcèlement moral oder sexuel ass, et muss ëmmer versicht ginn eng équitabel Léisung ze fannen.

Här President, ech hu gëschter oder virgëschter an enger Tageszeitung gelies: „Il faut imposer l'égalité entre hommes et femmes“. Wann een deen Artikel liest, da spielt een dass deen aus enger komproméssloser Haltung eraus resultéiert, déi, menger Usicht no, déi falsch ass. Ännerunge kann een nëmmen erbäiféiere wann een en éischte Komproméss fënnt an da Schrëtt fir Schrëtt eng optimal Léisung ustrieft mat alle Betreffenen zesummen. Aus deem Artikel ass weider eraus ze liesen, dass nëmmen eng Quoteregelung den X plus Ultra vun de Fraeproblemer wier. Des Weidere steet dann nach dran, dass eng Rei vu männleche Politiker ënnert dem Mantel vun der Gläichberechtigung hostile wiere géigeniwwer alle Mesuren am Interesse vun der Fra.

Als ADR wëlle mir eis awer ferm géint esou Ënnerstellung verwerfen. All Initiativen am Intérêt vun der Fra, sief et de Fraeministère, sief et d'Délégué(e)s à l'égalité des chances, sief et de Congé parental, de Congé de maternité an esou weider, sinn hei am Parlament gestëmmt ginn, obwuel eng Majoritéit vu Männer heibannen ass.

De Problem, deen eng Rei vu Fraenorganisatiounen hunn, ass, dass se et selwer net fäerdig bréngen d'Fraen ze motivéieren, sech gesellschaftlech a politesch méi ze engagéieren, an dofir verlaange se elo dass de Législateur soll d'Fraen iwwer eng Quoteregelung forcéiere sech politesch, respektiv gesellschaftlech oder aarbechtsrechtlech ze engagéieren. Dat ass ganz sécher dee falsche Wee. Et ass net nëmmen ondemokratesch, wann een dem Vollek esou eppes wëll octroyéieren, mä och stellt sech d'Fro, ob d'Fraen dat iwwerhaapt wëllen oder ob et nëmmen eng extremistesch Fuerderung ass vun eenzelne Gruppe vun exzentresche Fraen, déi frustréiert si well d'Fraen net esou danze wéi si dat gären hätten. Dobäi wëll ech bemerken, dass déi meeschte Frae beim Tanzen awer nach am léifste vu Männer gefouert ginn.

(Interruption)

Esouguer bei mir, Madame Wagoner. Il ne faut jamais se fier aux apparences!

Här President, eis Wierschaft hei am Land setzt sech aus méi Fraen zesumme wéi Männer. Wann also d'Frae wierklech de Wonsch hätte sech nëmme vu Frae regéieren ze loosse, da géif hei an der Chamber kee Mann setzen. Glécklecherweis ass awer de Groussdeel vun de Fraen objektiv genuch fir kënnen tëschent sexistescher Bevurdelegung a wierklecher Kompetenz ze ënnerscheeden. A well de Groussdeel vun de Fraen intelligent ass, si se och capabel fir ze entscheeden, ob eng Fra oder ee Mann kompetent genuch ass fir d'Interesse vun eiser ganzer Gesellschaft kënnen ze verrieden.

Den ADR setzt sech dofir an, dass d'Chamber an och d'Gemengereit e Spigelbild vun hirer jeeweileger Bevölkerung sinn, an do spillt et keng Roll ob dat e Mann oder eng

Fra ass. Kompetent muss se sinn. Mir hu just dofir ze suergen, dass jiddferen déiselwecht Chancë kritt, an dat maache mer, géif ech mengen, mat all Gesetz wat mer hei stëmmen. Wann d'Ëmsetzen an der Praxis net klappt, da mussen Instrumenter agesat ginn déi dofir suergen dass d'Rémédur geschafegëtt.

Här President, et ass an der Praxis nach vill Iwwerzeegungsaarbecht ze maache fir dass d'Gesetzer, déi mer am Zesummenhang mat der Gläichberechtigung gestëmmt hunn, och wierklech Fouss faassen. Dat besonnesch bei deenen déi menge se kéinten doduerch e wirtschaftlechen Nodeel kréien, well do läit nämlech d'Kromm an der Heck, an net beim politesche Wëllen, an och net bei der Obstruktioun vun de Männer.

Vill Koppelen liewen a voller Harmonie zesummen a brauche vu kenger Sait Léierstonnen iwwer Gläichberechtigung. De Respekt virum Partner ass haut besonnesch bei deene Jonke ganz ausgeprägt, well se net déi ideologesch Gehierwäsch iwwer sech hu missen ergoe loosse, déi eis Elteren nach am gudde Glawe fir dat Richteg gehalen hunn. An et ass besonnesch falsch un Hand vun e puer extremistesche Beispiller ze generaliséieren an d'Männer als Matchoos oder nach schlimmer duerststellen.

Zum Schluss. Et ass elo viru kuerzem hei an der Géigend géint de Krich demonstréiert ginn. Ech hoffen, dass mer net eng kéier musse hei géint ee Krich tëschent de Geschlechter demonstréieren, well ech wëll net an d'Situatioun kommen, dass mer iergendwann eng kéier eng ASTI fir d'Männer musse grënnen.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Ministesch fir Fraenuegleenheeten, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss vun desen Debatte wëllt ech op e puer Punkten nach opmierksam maachen. Ech wëll virun allem soen, dass ee muss wëssen, dass d'Egalitéit tëschent Männer a Fraen e wichtige Punkt an der demographescher Entwécklung vun engem Land spillt. An eigentlech wonneren ech mech driwwer, dass esou wéineg Leit un där Chancëgläichheetspolitik interesséiert sinn, wann een dat weess.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng demographesch Entwécklung, wou eng Fra 1,5 Kand kritt. Mir brauchen der 2,3 fir nëmme just eis Populatioun ze erneieren, net neier derbäi ze kréien. Lëtzebuerg läit domat am Mëttelfeld vun Europa. Do wou am meeschte Chancëgläichheet ass, sinn och am meeschte Kanner. Dat ass an deenen nordsche Länner. Do wou am mannste bis haut geschitt ass, sinn och am mannste Kanner, dat heescht déi schlechtesten demographesch Entwécklung ass an deene südliche Länner.

D'Elteren entscheede sech, ob se en zweet an en drëtt Kand kréien, opgrond vun de Méiglechkeeten déi se hu fir Beruff a Famill mateneen ze verbannen. A si entscheede sech fir en zweet an en drëtt Kand opgrond vu wéi vill finanziell Aboussen se hunn.

Ech denken, wa mir eis dat géifen zu Häerz huelen, da misst eigentlech all Politiker, an ech soen extra all Politiker, doranner vill méi en Zil gesinn an och vill méi eng Wichtigkeet gesinn, wéi een dat hei haut de Mëtteg zum Deel konnt héieren.

Mir sinn an engem nationale Kontext, wou et wirtschaftlech méi lues geet a wou och d'Aarbechtslosigkeit zouhëlt. Op enger Table ronde zu Diddeleng, Här Buergermeeschter, huet e Patronatsvertreeder viru kuerzem gesot: Chancëgläichheet ass keen Thema an de Betriber. An desen Zäiten hunn d'Betriber aner Suergen.

Da muss ee selbstverständlech d'Fro stellen: Wéini si Fraen Thema? Oder wéini ass Gläichberechtigung aktuell fir Männer a fir Fraen? Ass Gläichberechtigung vu Fraen a Männer net e Grondprinzip vun eiser Demokratie? A wëlle mir dat iwwerhaapt erreechen? Wéini wëlle mir also eng fundamental Diskussioun zu deem Thema agoen? A gudden oder a schlechten Zäiten, oder wier et net een Thema dat mer eigentlech ëmmer missten agoen?

Ech wëll just e puer Zuele soen, déi mer och hei zu Lëtzebuerg hunn. 40% vun de Beschäftegten zu Lëtzebuerg si Fraen, Résidenten a Frontaliären. 52,1% Prozent vun de Fraen, déi zu Lëtzebuerg liewen, ginn enger bezuelter Aarbecht no, Lëtzebuergerinnen an Net-Lëtzebuergerinnen.

45,7% vun den Aarbechtslose si Fraen. Des Zuel ass méi déif wéi 2001, wou den Taux bei 46,9% war. Do wëll ech besonnesch der Madame Mutsch soen, well se gesot huet, se géif sech froe wéini mer eigentlech eng kéier op déi 60% kéimen, dass erfreescheerweis en Taux d'activité vun 63,9% bei de Fraen tëschent 25 a 54 Joer erreicht gouf. Wa mer gären hunn, dass och méiglechst vill Frae laang léieren, dann erkläert dat awer dee spéiden Zougang zum Aarbechtsmaart. Do denken ech elo net, dass mer eng Diskussioun driwwer kréien.

54 Joer ass selbstverständlech ze fréi fir vum Aarbechtsmaart fort ze goen. Mä dat fanne mir zu engem groussen Deel bei allen Arbeitnehmer, net nëmme bei de Fraen, wou mer och regelméisseg op europäischem Niveau gerügt ginn, dass mer eis Arbeitnehmer ze vill fréi um Aarbechtsmaart verléieren.

Dir gesitt also, dass bei deene Fraen, déi wierklech am aarbechtsfäegen Alter sinn, wann een esou ka soen, mir do op 63,9% sinn, bal op 70%, wou mer da selbstverständlech an eng ganz aner Kategorie an Europa géife kommen, wéi dat bis elo de Fall war.

19% vun de Fraen an 13% vun de Männer hunn 2001 de soziale Mindestloun verdéngt. An ech war frou, bei de Mindestlounerhéijungen Enn 2001, hei an der Chamber de Rapporteur, de Marcel Gleesener, ze héieren, dee gesot huet, erstmalig wiere méi Männer, déi de Mindestloun géife verdéngen, an zwar 19.160 vis-à-vis vu 17.860 Fraen. Dat, denken ech, ass och eppes wat als positiv unzegesinn ass. Op där anerer Sait muss een awer och soen, dass 53,7% vun den RMG-Ëmfänger Frae sinn.

Ech denken, dass den Thema, deen d'Chancëgläichheetskommissioun gewielt huet, e wichtige ass an dass e besonnesch an desen Zäite méi wéi wichtig ass, an ech géing och der der Madame Nicklaus merci soe fir hire Rapport, dee se gemaach huet.

Mir diskutéieren, an do muss ee sech d'Fro stellen, ob mer iwwert d'Gläichheitsberechtigung oder éischter iwwert déi patriarchal Strukturen diskutéieren? De Rapport weist, dass d'Thema Gläichstellung vu Fraen a Männer en horizontaalt Thema ass an ech muss soen, och do si verschide Propositione gemaach ginn. Ech weess net ëmmer ob et gutt ass, wann et nëmme méi an enger Hand ass, fir alles ze decidéieren, well da ganz vill aner Leit sech iwwerhaapt net méi dofir interesséieren a soen, mä deen dote Ministère mécht dat jo elo, da brauche mir eis net méi dorëm ze këmmen. Och dat ass eppes, wou ech denken, dass et

méi dacks negativ ass wéi positiv an dass mer éischter musse wierklech kucken iwwert de Gender-Mainstreaming virunzekommen.

D'Gläichstellung vun de Fraen, an dat beweist och de Rapport, ass nach net hiergestallt, weder an der Educatioun, weder an der Formatioun, am Berufsliewen, an de Berufstätigkeeten, och net an der Politik, net an der Participatioun vun de Fraen op den Décisionsplazen, an der Gesondheet, dem Logement, dem Steiersystem an och der Sozialversécherung. Wann d'Frae mat de Männer net gläichgestallt ginn, dann ass fir si de Risiko vun der Aarmutt méi grouss.

De Rapport seet, dass d'Beruffstätigkeit ee vun de wichtigsten Träger fir d'sozial Inklusioun ass. Kenger bezuelter Aarbecht nozegoen, kee Partner ze hunn a verantwortlech fir Kanner ze sinn, sinn déi dräi Haaptfacteuren, déi zur Aarmutt vun de Frae féieren. Vun deenen zwee si besonnesch d'Frae méi betraff wéi d'Männer an dat geet och aus dem CEPS-Rapport ervir, deen elo an där Commissioun virgestallt gouf. D'Aarmutt huet also e geschlechtsspezifesch Gesiicht an d'Madame Wagoner huet och dorobber higewisen.

D'lescht Joer wor hei an der Chamber eng Diskussioun an eng Debatt iwwert d'Gender-Pedagogik, fir déi ënnerschiedlech Auswierkunge vun de Schoulinhalter op d'Meeerderchen an op d'Jongen auszemäeren. An ech denken, dass mer dëst Joer generell och missten de Brëll vun dem Gender opsetzen, fir déi ënnerschiedlech wirtschaftlech a sozial Situatioun vun de Fraen ze belichten. D'Frae verlosse d'Schoul mat fraentypesche Formatiounen. Si schaffen an de Secteure wou meeschtens Frae sinn an dowéinst manner bezuelt ginn, well Fraenarbecht nach ëmmer net als gläichwäerteg mat Männerarbecht unerkannt gëtt. Si si kaum present op Plazen, wou iwwer Geld a Politik geschwat gëtt, an dofir ginn och hir Interessen a Bedürfnisse nëmme par personne interposée vertrat. Scheedungen hu méi eng staark finanziell Auswierkung op si wéi op d'Männer, well se ganz dacks ofhängeg si vun Alimenten oder vum RMG.

D'gesellschaftlech Strukturen an d'Gesetzer hunn eng aner Auswierkung op d'Frae wéi op d'Männer. A genau dat verlaangt den Asaz vum Gender Mainstreaming. De Rapport weist, dass d'Thema Gläichstellung vun de Männer an de Fraen net en isoléiert Thema ass an dass et all gesellschaftspolitesch Kontexter, an domadder all politesch Beräicher, treëft.

Den Traité vun Amsterdam verlaangt vun de Memberstaten, dass éischstens am Artikel 2 gesot gëtt, e Memberstat huet d'Missioun fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer ëmzesetzen. Am Artikel 3 leet en de Memberstaten op géint d'Diskriminatioun tëschent Fraen a Männer virzegoen.

Mir hunn als Lëtzebuerg d'CEDAW-Konventioun ënnerschriwwen, dat ass d'UNO-Konventioun géint all Diskriminatioun vis-à-vis vun de Fraen, an d'Madame Err huet elo grad zu Recht drop higewisen, dass mer den 22. Januar dëst Joer dee Rapport zu New York verdeedegt hunn, an ech wier frou gewiescht wa se matgaange wier fir dat ze héieren, dat gutt an dat manner gutt, well dat eent an dat anert wousste mer am Virus, wou mer géifen dofir gelueft ginn a wou mer et selbstverständlech och manner géife ginn. Et ass eng vun deene wierklech wichtige Aufgaben an ech hoffen, Madame Presidentin, dass mer wäerten an der nächster Zäit och Geleeënheet an der Chamberskommissioun kréien, méi am Detail dorobber anzegoen, wat als positiv a wat als negativ do ugesinn ass, an och ech wier gäre bereet fir eng kéier hei an der Chamber, wann dat de Wonsch vun lech ass, dat méi breet hei,



oder deenen anere Leit, déi dofir interesséiert sinn, ze soen.

D'Fro vun dëser Debatt ass selbstverständlech, ob et eng Pflichtübung ass oder ob se wierklech dozou bäidréit eis international an eis national Engagementer fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer anzusetzen.

Ech wëll op verschidde vun deenen Themen eng Äntwert ginn, déi am Rapport ugeschwat gi sinn, ënner anerem iwwer statistescht Material, wou jo eng Motioun déposéiert ginn ass. Ech wëll do soen, datt mer virufueren als Fraeministère iwwert d'Femmes et Marchés de l'Emploi, déi mer all zwee Joer maachen. D'Femmes dans la prise de décision politique maache mir no alle Wahlen, National-, Gemengen- an Europawahlen, zesumme mam Conseil national. D'Femmes dans la prise de décision économique gëtt all véier Joer erneiert an dat muss een op véier Joer rechnen, well soss déi Zuelen net duer ginn. D'Renée Wagener huet geschwat iwwert d'Égalité de salaires. Do ass e Rapport erauskomm, deen, denken ech, och d'Chamberskommissioun kritt huet. Wann net, kritt Der e gären zougestallt.

#### (Interruptions)

Mä déi vun deenen 28% si leider nach ëmmer richteg. De Rapport, mä awer virun allem och d'Propositionen, déi elo an de Comité permanent de l'Emploi sinn, a vu datt déi Propositionen zesummen ausgeschafft goufe mam Patronat a mat de Gewerkschaften, denken ech jo, datt se, wa se an deem engen Aarbechtsgrupp positiv begutachtet ginn, jo dann op deem nächsten net wäerten erëm vum Dësch fléien, wou och Propositionen dra si fir ebe géint deen Ecart virzegoen.

Am Santéberäich sinn eng Rei vun Etüde virgesinn, zum Beispill iwwert d'Stierflechkeet vun de Kanner an de Jugendlechen, vun 1968 bis 1997, opgeschlëselt no dem Geschlecht. Iwwert d'Niere bei den Neigebuerenen ass och eng Etüd, déi vu Femina gemaach gëtt iwwert d'Périnatalogie zu Lëtzebuerg, dat heescht ronderëm dat wat bei enger Gebuert geschitt.

Eng aner wichteg Etüd ass ouni Zweifel déi iwwert d'Ostéoporose, mat dem Objektiv och e Preventiounsprogramm opzebauen. D'Oplëscht vum de Statistiken no Männer a Fraen huet sech verbessert an de Statec huet mer extra eng Note eraginn, fir ze soen datt si eng ganz Partie vun hire Chiffere mëttlerweile och no Männer a Frae kucken an och publizéiert gi sinn.

#### (Lettre du STATEC du 11 mars 2003 à consulter au Greffe de la Chambre des Députés)

Här President, ech géif Iech dat hei loossen, fir datt Der dat kënnt publizéieren, fir datt och jidderee gesäit, datt net nëmmen hei Motiounen ugeholl ginn, mä datt se och ëmgësat ginn. Datselwecht zielt fir d'ADEM an och d'Education nationale, wou een, wann ee se net allgieren direkt huet, mä se awer op jidde Fall ouni Problemer op Nofro ka kréien.

D'Opschlësselung vun de Statistiken no Geschlecht ass wichteg, well ouni dat kann een natierlech net gesinn, ob e Gesetz aner Auswirkungen op d'Männer wéi op d'Fraen huet. Dofir ass och déi Demande vun der Chamberskommissioun an deem Sënn ze begreissen.

D'Erzéiung ass sécher e wichtege Punkt an där ganzer Debatt, an do wëll ech och op déi Etude d'impact du genre dans le développement personnel et professionnel des agents sociaux-éducatifs hiweisen. Déi leeft an der Schoul zu Fenteng am IEES an och am ISERP zu Walfer an am CUNLUX. Si ënnersicht bei deenen zukënftegen Erzéier an Erzéierinnen an och bei de Léierinnen a Schoulmeeschteren, wat fir eng Fraen- a Männerbilder se

hunn, wéi hir Perséinlechkeetsentwécklung ass a wat fir eng Virstellung si vun hirem zukünftege Beruff hunn. D'Resultater vun der Etüd wäerten an der Reform vun dem Curricula vun dësen Institutionen agedroe ginn.

De Choix scolaire et professionnel vun de Meedercher ass zu engem groussen Deel nach ëmmer klaschesch an traditionell. Mir fannen awer mëttlerweile am Enseignement secondaire 55% vun de Meedercher, am Enseignement secondaire technique 81% vun de Meedercher, am Régime technique an an der Section paramédicale et sociale sinn et 84%, an der Administration commerciale sinn et 61%, an op där anerer Säit beim Régime professionnel sinn et zweemol méi Jonge wéi Meedercher.

Mir hunn also nach ëmmer net genuch Meedercher an de Beräicher vun den neien Technologien, obschonn dës um Aarbechtsmaart eng ëmmer méi grouss Roll spillen an, wéi richteg hei well gesot ginn ass, de Choix wierkt sech op hir Berufscarrière a selbstverständlech dann och op hire Salaire aus.

Mir hunn eng ganz Rei vu Promotiounscampagnë gemaach an de Schoule selwer, an och mat enger Rei vu Profen a Professorinnen. Mir woren zum Beispill datt lescht Joer am IST, fir och do Promotioun ze maachen, mä, wéi gesot, dat alles geet natierlech net vun haut op muer, mä dat brauch eng Partie Zäit.

Et dierf een och net vergiessen, datt méi Frae wéi Männer mëttlerweile e qualifizéierte Schoul Schloss hunn an datt der ëmmer méi op d'Universitéite ginn a sech domadder op méi héich qualifizéiert Posten, haaptsächlech am Secteur tertiaire, och virbereeden.

Wat d'Beruffswahl betrëfft, sou wäerten duerch dat neit Konzept vun der Education au choix esougutt Traditione wéi Stereotypen an och Préjugéen thematiséiert ginn, esougutt an der Virubildung vun den Enseignants an den Enseignantes wéi och vun de Schüler an de Schülerinne selwer.

Um Aarbechtsmaart ass d'Etüd iwwert den Ecart de salaire, wou mer nach ëmmer, wéi gesot, en Duerchschnittsënnerscheed vun 28% an de Gehälter tëschent Fraen a Männer hunn. Dat ass eng kloer Diskriminatioun géint iwwer de Fraen, an ech hu mech eigentlech ëmmer gewonnert firwat datt d'Pappen, déi Meedercher hunn - ech denken, datt se grad esou frou mat deene si wéi mat de Jongen - sech iwwerhaapt konnte gewäerde loossen a konnten zouloossen, datt déi manner verdéngen, wéi wa se Jongen hätten oder hir Jongen dëser hunn.

12% vun deenen Ennerscheeder sinn eleng op de Fait zréckzeféieren, datt et eng Fra ass. Déi aner 16% fannen hir Ursachen am Choix vum Beruff an an der Hierarchie vun de Posten, an der Berufsennerbriechung, an der Anciennetéit, an der Entreprise, dem Niveau vun der Formation an och der Gréisst vun der Entreprise. Dës Ongerechtegkeet misst an de Kollektivverhandlung behandelt ginn, an do kritt een dann ëmmer gesot, am Kollektivvertrag geet et just ëm d'Enveloppe an do ass d'Chancëgläichheet keen Thema. D'Enveloppe ass awer ongerecht vis-à-vis vun de Fraen, well domadder toleréiere mir, datt et Lounënnerscheeder tëschent Männer a Frae gëtt. An d'Gesetz seet, an do ass de Mëtteg zu Recht gesot ginn, datt et net ëmmer un de Gesetzter ass wou et läit, mä an der Ëmsetzung. „Toute convention collective de travail devra obligatoirement prévoir l'application du principe de l'égalité de rémunération entre hommes et femmes.“ Et ass also net datt et net iergendwou steet, mä, wéi gesot, et ass just datt et muss ëmgësat ginn.

Jo, dann...

#### (Interruption)

Jo, jo, ech hu just gesinn, wat do dobäi steet. Da steet dobäi, mir hunn doriwwer geschwat, mä d'Resultat ass awer null. Ech mengen, ech kenne se besser wéi Dir, Här Jaerling.

„Loungläichheet ass eng gewerkschaftlech „Érausfuerderung“ heescht eng Enquête, déi bei de Gewerkschaften am Kader vun engem europäesche Projet duerchgezu ginn ass. Den 8. Mäerz sinn d'Resultater vun där Enquête vun dem LCGB virgeluecht ginn. Mir wäerte jiddefalls mat de Gewerkschaften a mat de Patronatsvertrieeder als Fraeministère Virubildungscourse maachen iwwert d'Bewäertung an d'Klassifizéierung vun de Funktiounen an de Betriber. Dëst ass eng Nofro vun dem Patronat a vun de Syndikater, déi dëst am Kader vum Projet „Égalité de salaire“ formuléiert hunn.“

D'Obligatioun e Plan d'égalité am Kader vun de Kollektivverträge ze verhandele gëtt kaum ëmgësat. Ech denken, well et ganz dacks esou ass, well keen esou richteg weess, wat doranner stoe komme soll. Et kéint ee sech duerchaus folgend Themen doranner virstellen: d'Virubildung vun de Frae fördern, eng Bewäertung vun de Funktiounen aféiere fir géint d'Gehälterënnerscheeder unzegoen an d'Fraen a Männer an ontypesche Beruffer fördern, an dat ewell bei hirer Astellung.

An do wëll ech op dat kommen, wat och elo grad hei gesot gouf iwwert de CEDAW-Rapport. Luxplan - ech kann dat hei soen -, dat ass dee Betrib, deen d'lescht Joer de Prix féminin 2002 gewonnen huet, huet eng Annonce an d'Zeitung gemaach, well se en Ingénieur gesicht hunn. Si hunn m/f dobäi geschriwwen a si hunn ausdrecklech d'Fraen opgefuerdert sech op hir Annonce ze mellen. Dat éischt wat geschitt ass, d'Gewerkschaftsvertrieeder hunn intervenéiert, dëst géif géint d'Gesetz vun der Gläichstellung verstoussen. Wat soll also e Betrib maachen, deen och nach eng offensiv Politik am Interesse vun de Fraen an ontypesche Beruffer wëllt maachen?

Dir gesitt also dass et méi wéi néideg ass, dass mer enleech deen Artikel 11 gestëmmt kréien an dass mer dat net nëmmen doduerch erméigleche sollen, mä dass et och opgrond vun den europäeschen Traitée muss agefouert ginn. Aner Aarbechtsforme vun der Deelzäitaarbecht oder Jobsharing an iwwerhaapt d'Aarbechtsorganisatioun ze iwwerdenken, déi méi familijefrëndlech misst sinn a sozial Servicer ubidde misst an de Betriber wieren ouni Zweifel Punkten, déi an déi sozial Pläng do dra stoe komme kéinten.

Ech denken zum Beispill drun, dass eng Firma agefouert hat, dass hir Leit hir Wäsch kéinte matbréngen fir déi am Betrib oder iwwert de Betrib gemaach ze kréien. Si hunn dat dunn awer an deem leschten Eck vum Betrib gemaach, wou d'Leit dann zwee Kilometer hätte goe misse fir dohinner ze kommen an et ass och net vill Propaganda dofir gemaach ginn an dunn ass dat natierlech och net genotzt ginn. Dräi Méint dono hu se du freudestrahlend gesot: „Mir konnten dat erëm ofschafen, well dat doten huet nâischt bruecht.“

Doru gesitt Der, dass dat alles e bësse méi komplizéiert ass wéi mir dat an engem Nomëtteg hei soen. Erfreelecherweis gesi mer elo, dass ganz vill Betriber an hire Sozialpläng déi gesetzlech Congéen notze fir mat hirer Personalgestioun de Moment iwwert d'Ronnen ze kommen an domadder manner Leit och mussen ze entloossen. Dat ass sécher positiv, well all Mensch, deen net entlooss

gëtt a seng Aarbecht behält, ass wichteg an do muss mir och alles wat méiglech ass dozou bäidroen, mä wann dat an deenen Zäite fir dat doten ze maache geet, dann denken ech, dass et och an aneren Zäite goe muss.

Fir Fraen a Männer ass et wichteg ënnerschiddlech Forme vun Temps partiel notzen ze kënnen. De Congé parental huet dëse Besoin bestätegt. Vu dass e méi dacks haut de Mëtteg hei ugeschwat ginn ass, denken ech, dass mer et wäerte fäerdeg kréie fir op deene sechs Méint ze bliwen. Och iwwer aner Changementer wäert selbstverständlech am Kader vun dem PAN-Gesetz hei an der Chamber diskutéiert ginn.

D'Frae géifen och gäre während den Erzéiungs- an de Familjepausen de Kontakt zum Betrib behalen. Si wëllen an hirem Beruff bliwen an u Formationen deelhuele während der Deelzäitaarbecht oder während hirem Congé. Hei wëll ech wierklech ervirsträichen, dass déi 15 Joer Congé an der Fonction publique mat kengem Verloscht an der Carrière bestrooft ginn an dass mer hoffen, dass dat als Uräiz fir d'Männer gëllt fir do Mentalitéitschangementer ze maachen, dododuerch dass et keen Nodeel méi bedeit fir d'Carrière, wann ee Papp oder Mamm gëtt.

Mir haten e Reglement gemaach iwwert de Sexe sous-représenté, mä do ass awer esou gutt de Conseil d'Etat wéi och d'Chambre professionnelle dergéint, sou dass mer do muss kucken eng nei Formulierung am Gesetz ze fannen, fir besser kënnen dovunner ze profitieren.

Wat d'Délégues à l'égalité ubelaangt, do weist d'Erfahrung, dass se effektiv besser mussen encadréiert ginn. An der Reform vum Delegatiounsgesetz wäert hinne mussen d'Méiglechkeet gebuede gi méi Zäit ze kréie fir Formationen ze maachen, well si vill Problemer an de Betriber opfänken: vu Lounongläichheet, vum Deelhuelen un de Formationen, vun der Deelzäitaarbecht, vun neien Astellungen a vu sexuelle Belästigungen.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Här President, ech wëll de Membre vun der Chamber just soen, dass ech ongeféier nach fir 20 Minuten ze schwätzen hunn. Déi, déi net wëllen nolauschten, kënnen gären eraus goen. Dat geheit mech net ëm an dat beleidegt mech och net, mä et ass zimlech désagréabel wann ee muss schwätzen an et ginn esou grouss Diskussiounen gefouert.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Promotion féminine*.- Da kënnt Dir Iech richten.

Déi Chancëgläichheitsdelegéierte kënnen selbstverständlech e Plan d'égalité opstellen a si sinn och do fir déi Persounen, déi ënner Diskriminatiounen leiden, ze ënnerstëtzen an ze begleeden. Mir sinn als Ministère permanent am Kontakt mat deene Leit. Ech denken, dass dat wichteg ass.

Wa mer hei iwwer verschidde Systemer elo geschwat hunn dans la création d'entreprise an enger dovun, wou de Mëtteg och hei d'Mikrokreditter ugesprach gi sinn, da muss ee soen, dass dat een Instrument ass fir géint d'Aarmutt an d'Exclusioun ze kämpfen an esou de Leit op eng einfach Aart a Weis Kreditter ze gi fir kleng Entrepenen op d'Been ze setzen. Et ass awer och richteg, dass mer an Europa net ganz vill Erfahrung doranner hunn, mä dass et éischter en Instrument ass, wat bis haut haaptsächlech an der Drëtter Welt agesat ginn ass.

Mikrokreditter, well dat jo schonn zu villen Opreegung gefouert huet, kéinte selbstverständlech Frae wéi Männer kréien. Et ass also

net, dass dat eng Exklusivitéit fir d'Frae wier. Esou kleng Kreditter si fir eng normal Bank ganz dacks net interessant, well se op där enger Säit grad esou vill Aarbecht bréngen wéi e grouse Prêt, mä awer net esou vill dorobber verdéngt ass. Eng Etüd iwwert d'Mikrokreditter huet a Frankräich gewisen, dass bei Problempopulationen d'Grënnung vun enger eegener Entreprise eng grouss Hëllef ka sinn, fir d'Reinsertioun ze maachen, esou Hëllef manner kaschte wéi Chômageallocatiounen an esou Programmer eng staark Ennerstëtzung vun de Pouvoirs publics brauchen. Mir wëssen awer och dass gefäert gëtt, dass dat heiten eng Konkurrenz wier fir déi normal kleng Betriber, déi keng grouss Hëllef kréien.

A Frankräich gëtt et esou e Fong, deen doranner schafft, an dee virun allem fir Frae virgesinn ass. A Frankräich sinn 28% vun de Créateurs d'entreprise Fraen, mä si presentéieren awer 50% vun de Projeten. Et sinn also méi Dossiere vu Fraen, déi verworf ginn, wéi vu Männer. Dëse Fong ass do fir d'Dossieren, déi vu Frae presentéiert ginn, méi gezielt ze ënnerstëtzen.

Dir kennt och déi aner Projeten, besonnesch déi an Däitschland vun der Ich-AG, wou gesot gëtt, dass ee virun allem kucke soll fir d'Leit an der Aarbechtswelt ze behalen, an dass dat méi wichteg wier, wéi dass se géife Chômage kréien. Enn Februar sollten do déi éischt Zuelen ënnerbreet ginn. Do si mer zwar driwwer eraus, mä ech denken, dass mer déi an absehbarer Zäit wäerte kréien, an da muss ee gesinn ob dat eppes bruecht huet oder net.

Zu Lëtzebuerg hu mer zënter Joren an der Coopération au développement grouse Wäert geluecht op déi Projeten, déi iwwer Mikrokreditter finanziéiert ginn, besonnesch fir Fraen. Et ass festgestallt ginn, dass d'Fraen hir Prête besser erëmbezuele wéi d'Männer. Ech wëll elo hei kengem ze no trieden, et ass einfach eng Feststellung, déi gemaach gouf.

Zu Lëtzebuerg gëtt et am Kader vun der ADEM och Hëllef vu Mikrokreditter, wann een eng Entreprise wëllt grënnen, an dat fir Demandeurs d'emploi, déi fir sechs Méint hir Gesamtschädigung kënnen beienee kréie fir en eegene Betrib opzemaachen. D'Hëllef entsprécht also dem Netto-Aarbechtslosegeld vu sechs Méint.

Wie kënnt esou Mikrokreditter gërieren? Ouni Zweifel d'SNCI, de Ministère de l'Economie, de Ministère du Travail et de l'Emploi oder och de Ministère vun de Classes moyennes. Ech si gäre bereet all dës Gedanken an e Grupp ad hoc matzehuelen, dee geschafe muss ginn, fir iwwerhaapt ze kucke wéi mer eis Zuele vun de Femmes créatrices d'entreprises kënnen verbessert kréien.

Et gëtt och e Projet mat der europäescher Commissioun, wou mer als Fraeministère zesumme mam Conseil national des femmes zu Lëtzebuerg eng Etüd iwwert d'Engagementer maache wëllen an der Prise de décision bei de Partie fir d'Promotioun vun de Fraen an hiren eegene Reien ze maachen, mä awer och an der Wirtschaft. Un där Etüd huelen och d'Gewerkschaften deel. Mir huelen déi zwou Entrepenen, déi de Prix féminin d'entreprise d'lescht Joer gewonnen hunn, dobäi, well déi virun allem sech dofir agesat hu fir Fraen op Responsabilitéitsposten ze kréien a Fraen an ontypesche Beruffer fördern.

Virubildung ass ee vun deene ganz wichtege Punkten, dat wësse besonnesch och d'Fraen, an duerfir ass och de Lifelong learning fir si en Thema, well ouni Virubildung wësse si ganz genee, dass eng Intégratioun an eng Réintegratioun um Aarbechtsmaart kaum méiglech ass.

Eng vun deene wichtege Moossnamen ass ouni Zweifel den Appren-



tissage pour adultes, wou d'Frae 40% vun de Persounen ausge-maach hunn, déi e Contrat d'apprentissage kritt hunn. Et ass eng nei Chance fir déi, déi bis elo kee Schoulouf Schloss haten. Eng Handwierkerléier an allen Domänen steet op. Mir fannen allerdéngs och do d'Frae, genau wéi an der Schoul, an deenen traditionelle Beräicher erëm wéi an der Vente, an der Coiffure an an dem Sekretariat. Life long learning begräift awer och de Recyclage vu Persounen op der Aarbechtssich, déi beruflech Virubildung an d'Erwuessenebildung.

All Virubildung vun de Fraen an de Sprooche verbessert selbstverständlech hir Positioun fir zréck op den Aarbechtsmaart ze kommen, zumools fir déi auslännesch Fraen. Dës Coursen, wou majoritär Frae sinn, ginn iwwer nei Technologien, si Basiscoursen oder si fir Aides socio-familiales.

Fir Virubildung ze fördern huet den Educationnsministère mat de Sozialpartner eng Campagne fir d'Virubildung lancéiert. Dës gëtt cofinanzéiert mat den Entreprises zesummen. Iwwer Moossname fir deen individuellen Accès zur Virubildung gëtt am Educationnsministère nogeduecht. Zesumme mat der Union des entreprises du Luxembourg si mer op der Sich no neie Weeër fir Fraen an Entreprises mateneen a Kontakt ze bréngen. Op dem Forum Femmes et Entreprises hate mir d'lescht Joer 180 Fraen, déi do direkt mat de Vertrieeder vun de Betriber konnte schwätzen. Dat ass eng Experienz, déi äusserst positiv bewäert gouf a wou mer hoffen, dass mer domat kënne virufueren.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Ginn et dann do Konkusiounen dozou?

**Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Promotion féminine.**- Si sinn amgaangen ze kucke fir dat ze verbesseren. Et soll net esou sinn, dass een dohinner kënnt an nëmmen eng Kéier e Gespréich mateneen huet. Si sinn amgaangen ze kucke wéi vill Fraen effektiv do agestellt goufen. Mir hunn elo an där nächster Zäit e gemeinsame Rendez-vous mat dem Aarbechtsminister fir mat der Union des entreprises ze kucke wat dobäi erauskommen ass a wat ee kéint verbesseren, fir dass wierklech Resultater dobäi erauskommen.

D'Haaptbedürfnisser leien allerdéngs - an dat ass och echt, wann Der dat héiert -, den Aussoe vun de Fraen no, déi eng Virubildung maache wëllen, besonnesch an deenen neien Technologien op där enger Säit an an der Kannerbetreierung op där anerer Säit. Wat de Computertraining betrëfft gëtt et Formatiounen op allen Niveauen a besonnesch d'Chambres professionnelles an do d'Chambre des Employés privés bitt méi héich Niveauen un. Dës Coursé sinn awer leider bei ville Fraen net genuch bekannt.

Den Aarbechtsministère respektiv d'ADEM ënnerstëtzt zahlreich Initiativen, déi exklusiv fir Frae sinn. Ech denken un déi PC-Coursé vu Femmes en détresse bei NAXI, d'Formation de formatrice en informatique, de Projet vun der Computerschoul an dem ADT-Zenter am Kader vun E-Lëtzebuerg an un de Cours vu Bürokommunikatioun vun Zarabina. Da gëtt et de Programm an den Internetstufen, dee sech spezifesch un déi Leit riiht, déi keen Zougang zu deenen neien Technologien hunn, net op der Aarbecht an och net an der Schoul. Hei besteet virun allem de Risiko, dass d'Hausfraen net kënnen doranner deelhuelen a vun deenen neien Technologien ausgeschloss sinn.

Zënter zwee Joer maache mir um Fraeministère eng Formatioun fir Formateuren a Formatrice wat de Gender-Training ubelaangt, well mer wëssen dass Fraen a Männer ënnerschiddlech un d'Léieren eruginn. Mir passen op wéi esou

Coursen opgebaut sinn. Mir si gäre bereet dës Coursen, wéi et gefrot gouf, op d'Personal vun dem Sozialberäich auszedehnen, wou déi éischt Kontakter amgaange sinn ze funktionéieren. Coursé fir Gender-Management gëtt et och am INAP a gëtt et och an Zukunft fir déi Verantwortlech, déi sech eben ëm de Plan inclusion këmmere. Dëst ass eng Demande, déi vu Bréissel komm ass, fir ebe just d'Aarmutt ënnert dem Geschlechteraspekt ze evaluéieren an ze kucke wéi dat ka verbessert ginn. Coursé fir d'Léierpersonal, dat zoustänneg ass fir d'Schoulorientatioun, mä awer och Coursé fir déi Verantwortlech an de Jugendhaiser an Zesummenaarbecht mat dem Service national de la jeunesse.

Projete fir d'Gender-Formatioun fir Personalverantwortlecher an de Betriber ginn och dëst Joer ugebueden. Mir hoffen domadder e Schnéiballeffekt ze kréien, deen e Mentalitéitswiessel mécht, nei Lievensmodeller akzeptéieren am Privat- an am Berufsliewen, wou mer vun deenen traditionellen Normen ewechkommen. Mir wëllen och net, dass Fraen un d'Norme vun de Männer ugepasst ginn, well Fra a Mann liewe verschidden. Mir brauchen nei Modeller am Beruff an an der Famill.

E wichtige Punkt ass selbstverständlech - an do ass de Mëtteg och dacks drop higewise ginn - d'Garde vun deene Personnes dépendantes. Ouni Zweifel war d'Afféiere vun der Assurance dépendance an déi Ennerstëtzung, déi d'Leit doriwwer kréien, och vis-à-vis vun de Leit mat Behënnerungen, e groussen Avantage. D'Structures d'accueil ronderëm d'Schoul, wou zu 50% de Stat sech bedeelegt bei den Infrastrukturkäschten, zu 30% beim Aménagement vun der Spillplaz, zu 50%, och un de Reschtkosten déi bleiwe vun deem wat d'Elteren net kënne bezuelen, si mir haut op 60 vun 118 Gemengen, déi esou eng Structure d'accueil hunn. 31 Gemenge bidden Hausaufgabenhëllef un, 33 Gemengen hunn e Ganzdagsservice fir Kanner, wou och d'Vakanze mat agebonne sinn.

D'Förderung vu private Crèches: Doduerch dass mer als Familljeminstère eng ganz Partie vu Plazen elo akaaft hunn, erméigleche mir domadder deene Fraen oder deene Familljen, wou eventuell keng aner Crèche do ass, eng Plaz an enger privater Crèche zu deeneselwechte Präisser a Konditiounen ze kréie wéi am konventionéierte Beräich. Steierdeductiounen wiere méiglech fir Crèches d'entreprise.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Allerdéngs ass dovu bis haut ganz wéineg Gebrauch gemaach ginn. Et gëtt e Projet, deen heescht Fogaflex, dee vum Fonds social européen gemaach gëtt, wou et virun allem drëm geet fir Dagesmütter auszebilden an déi e Projet fir hire Statut virbereeden. Mir hunn de Moment eng Waardelescht vu 400 Leit, déi d'Formation d'aide socio-familiale maache wëllen. Och do kënnten eng ganz Partie vun neie Gardes d'enfants sech draus erginn.

Ech denken och, dass de Précoce - dat ass zu Recht, ech weess net méi vu wiem, gesot ginn - net allegueren déi Problemer léist fir d'Kanner, wann d'Eltere schaffe ginn. En ass awer wichteg fir d'Integratioun, besonnesch vun net Lëtzebuerger Kanner a vu behënnerter Kanner. Fir Elteren ass et besonnesch wichteg, dass se wësen, wa se zu zwee schaffe ginn oder eleng erzéiend sinn, dass hir Kanner gutt versuergt sinn. Déi Geforen, déi ëmmer bemoolt a gemoolt ginn iwwert d'Ganzdagscrèche, an do wëll ech den Deputéierten a Buergermeeschter vu Suessem ëm Hëllef rufen, dass dat ganz wéineg Kanner sinn, déi vu moies siwe bis owes siwen Auer an der Crèche bleiwen. Elteren, déi hir Kanner net mussen do loossen,

kommen hir Kanner méi fréi sichen. Ech denken, dass dat esou ass wéi mer eis dat virstellen a wéi mer et gären hätten.

Ech hunn nach de Mëtteg mam President vum Syvicol geschwat, dass mer eis an deenen nächste Woche gesi wäerte fir eis an de Gemenge mateneen ze concertéiere fir nei Modeller a méi Flexibilitéit fäerdeg ze kréien. Dir kënnt dann do allegueren Är Doléancesoen. Mir hoffen, dass mer do op eng verstänneg Äntwert kommen.

Eng Erausfuerderung si selbstverständlich och d'Kanner an de Betriber oder an der Wirtschaft. Do musse mer ouni Zweifel méi familijefrëndlech Betriber kréien. Ech wëll och do soen: Wann d'Leit, déi schaffe ginn, zefridde sinn an hirem Betrib, da si se méi produktiv, si se manner dacks krank gemellt, an dat ka jo nëmmen am Interesse vun de Betriber selwer sinn. Och dat, mengen ech, musse mer besser verkaaft kréie bei de Betriber, fir dass se selwer dat och esou gesinn.

No de Propositione fir d'Reesgeld an d'Garde d'enfants ass gefrot ginn. Mir wëllen net nëmmen dat viruféiere fir Leit, déi Alleinerzieher sinn, mä dat ausdehnen op Famillje mat klengem Akommes a kucke wat eventuell de Problem war, well effektiv ganz wéineg dovunner profitéiert ginn ass. De Congé parental, wat sécher eng Verännerung vun de Geschlechterrollen ass, mä wou mer och emol wëllen, datt de Papp eng Erzéiungsverantwortung huet, well et ass wichteg fir d'Kanner, dass se an hirem Papp doranner e Virbild hunn an net nëmmen esou Männer kenne léieren an der Televisioun oder an de Videoen, mä dass se och an der Praxis gesinn, dass dat vu grousssem Wäert ass.

Mir wäerten den 19. März nach eng Kéier an der Tripartite doriwwer diskutéieren, a mir hoffen dass mer do zu deene Konkusiounen kommen, déi mer eis erwënschen. Ech sinn dovunner iwwerzeegt, dass och hei an der Chamber, esou wéi ech dat de Mëtteg hei héieren hunn, eigentlech keen Zweifel besteet an och kee wäert wëlle mat op de Wee goe fir dee Congé parental vu sechs Méint op dräi Méint erof ze setzen.

D'Systemer vun der Sécurité sociale: Do wëll ech un dee Groupe de travail erënneren iwwert d'Individualiséierung vun de Rechter, wou virun allem och mat statistischem Material emol iwwerhaapt d'Situatioun vun der Fra soll dargestellt ginn a wou et virun allem och ëm d'Erhale vun der Berufs-carrière geet. D'Droits dérivés ginn an dëser Regierung net ofgeschaf. De Groupe de travail huet eng Proposition fir iwwer individualiséiert Systemer an der Sécurité sociale nozedenken.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

Ech wëll lech just soen, dass de Minister an der Justiz amgaangen ass doranner ze schaffen. Ech denken, dass et vläicht sénnvoll ass hien an deenen nächste Méint eng Kéier d'Kommissioun kommen ze loossen, fir och do déi prezis Propositione mat him ze kucken.

D'Madame Stein hat hei eng ganz Rei vu Problemer ugeschwat, déi am Logement bestinn. De Ministère vum Logement huet zënter Enn 2001 hire Programme d'action mat 29 Moossnamen, wou et virun allem och drëm geet en Accès zu engem Logement ze verbesseren, esougutt beim Loune wéi beim Kaf, wat nach ëmmer eng Prioritéit ass, wou de Stat finanziell Hëllef zu 70% beim Bau oder Kaf vu Logementer ka gi fir d'Gemengen oder öffentlech Promoteuren, besonnesch fir déi Leit mat klengem Akommes, fir Groussfamilljen, fir

eeler Leit a fir behënnerter Leit. Ouni Zweifel géifen och do allein stehend Fraen oder Fraen, déi schlecht dru sinn, dodrënner falen.

D'Allocation de loyer ass eigentlech net ugesi ginn als eppes wat gutt wier, well et riskéiert just d'Präisser vun de Loyeren erop ze driewen, wat awer deenen eenzelne Persounen dofir net méi hëlleft. Dofir sinn awer zwou aner Moossname virgesinn. Déi eng ass d'Loyersgarantie, wouvunner besonnesch déi Leit mat klengem Akommes profitéiere kënnen, well se dräimol de Loyer als Kautioun kréie kënnen an eng Kéier de Loyer fir d'Agencékäschte kréie kënnen an dann och nach ee Loyer als Avance fir d'Plénnerkäschten, wat dann eigentlech fënnef Loyeren ausmaachen, wat ewell net schlecht ass.

Den 19. März ass jo hei an der Chamber iwwert de Logement eng Diskussioun, an et wier sécher wichteg, wann Der dat do géift nach eng Kéier zur Diskussioun bréngen.

Op d'Pauvretéit hei zu Lëtzebuerg si Verschiddener vun lech agaan-gen. Zënter 1986 bedriewen déi verschidde Regierungen eng Politik, déi net nëmmen eleng op déi finanziell Aarmutt ausgeriicht ass, mä wou och den RMG an deem Kader entstanen ass. Hie gëtt d'Recht op e Mindestakommen, wéi och d'Recht op Moossname fir eng sozial Integratioun an eng Berufsreinsertioun.

D'Kommissioun gesäit d'Aktivatioun vun de Fraen am Kader vum RMG als en Element vun der Fraeförderung un. Hir feelen awer déi spezifesch Begleedungsmoossnamen. Do wëll ech just soen, dass am Artikel 8 vum RMG-Gesetz steet, dass e Kontrakt zwëschent der Persoun, déi an eng Aarbechtsmoossnam geet, an dem SNASS virgesinn ass. An deem Kontrakt steet ganz kloer wat den Inhalt vun der Moossnam ass, awer och all Hëlfe, déi dës Persoun kritt, dorënner personaliséiert Sozialbegleedung. All Fra an enger Aarbechtsmoossnam vum SNASS kritt hir eege Begleedung, wa si dat wënscht.

Wat d'Pension alimentaire ugeet ass ervirzehiewen, dass se am RMG-Gesetz considéréiert gëtt an dass den Artikel 21 vun deem Gesetz de sozialschwaachste Frae während enger Period vu mindestens sechs Méint eng Allocation complémentaire garantéiert, wa se Démarché fir hir Pension alimentaire muss maachen. An deem Fall bitt d'RMG-Gesetz mat vill Flexibilitéit eng direkt Hëllef un.

Duerch d'Ännerung vum RMG-Gesetz vun 1999 ass d'Kannerbetreierung net méi automatesch e Motiv fir eng Dispens vum Aarbechtsmaart ze kréien, dat virun allem am Interesse vun deene Fraen. Mir stellen awer fest, dass besonnesch vill Fraen d'Dispens kréie wëinst Kannerbetreierung. 376 Fraen a 16 Männer. Vun dese Frae si 46%, déi eleng mat hire Kanner liewen. Mir wäerten och an Zukunft déi Dispensé méi geziilt ënnert dem Gender-Aspekt ënnersichen, fir net och do deeselwechte Feeler ze maachen, dass nëmme méi Fraen dorënner fale wéi Männer, nëmme just well se ebe Frae sinn.

D'Donnéeeën iwwert d'Aarmutt am Kader vum Plan inclusion, do wäerte mir kucke fir déi méi genee ze kréie wat d'Männer an d'Fraen ubelaangt.

De Service d'action sociale wäert an Zukunft seng Statistiken no de Geschlechter opschlésselen, esou séier wéi mer d'Méiglechkeeten dofir hunn. Och eng Formatioun wäert gemaach gi fir all déi Leit, déi dora schaffen.

Op där anerer Säit fanne mir, an dat ass nach interessant ze wësen, dass besonnesch d'Femmes monoparentales deen héchsten Taux d'activité hunn. Och dat ass eppes wat wichteg ass, wann een op där enger Säit seet, dass der

esou vill net kënne schaffe goen, op där anerer Säit si awer méi um Aarbechtsmaart sinn a wou dann ëmmer erëm d'Fro sech stellt: Wat heescht hei de Choix ze hunn? Wien huet iwwerhaapt d'Méiglechkeet a wien huet se net?

Hei ass och geschwat ginn a kuerze Wierder iwwert de Fraen- an iwwert de Mënschenhandel. Do wëll ech soen, dass ewell 1995, 1996 - do waart Dir nach net hei, Här Colombara, dofir kënnt Dir dat vläicht och net wëssen, Dir kënnt dat awer noliessen - ganz heroesch Diskussiounen hei gefouert gi sinn. Dir hutt och gesot, Dir géift mer hëlfe. Dir hutt mer awer net gesot, wéi Der mer géift hëlfe. Mir si wierklech op d'Hëllef vu jiddferengem ugewisen. Mir hunn och do Wëlles en Aarbechtsgrupp anzesetzen, fir ze kucke wéi mer déi ganz Fro iwwert d'Artisten an d'Artistinnen aneschters kënnen handhaben, a wou mer och wëlle Spezialisten a Spezialistinnen aus Holland a Schwede komme loos-sen, déi Erfahrung hunn. Holland huet d'Prostitutioun agefouert als Beruff, an a Schweden ass d'Prostitutioun ganz verbueden. Wichteg wieren Informatiounen a Rotschléi vun deene Leit ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gesinn dass meng 40 Minutten eriwuer sinn. Männer a Fraen hunn e Recht op Aarbecht. Männer a Fraen hunn e Recht op eng Famill. De Choix vun deem Einzelnen, de Choix vun de Familljen hu mir ze respektéieren, net ze beuerteelen, nach vill manner ze veruerteelen. Mir hunn d'Flicht op d'Rechter an d'Flichten an och op d'Risiken hinzewiesen, mä d'Entscheidung mussen d'Leit selwer treffen. Mir all zesumme musse fir e familijefrëndlecht Umfeld surgen, ob dat als Regierung, als Chamber, als Gemeng oder och als Sozialpartner ass, fir d'Entscheidung vum de Männer a Fraen iwwerhaapt och wierklech méiglech ze maachen.

Eist Sozialnetz muss ebenfalls ëmmer erëm deenen neien Erausfuerderungen ugepasst ginn, fir ze verënnern dass Jugendlecher, Männer a Fraen, an d'Aarmutt fallen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zum Vote iwwert d'Motiounen, déi während dem Débat abruucht gi sinn. D'Madame Renée Wagener huet d'Wuert.

#### Motions

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech wollt just kuerz eppes zu deenen zwou Motiounen soen, déi eis virgeluecht gi sinn. Mat der Motioun iwwert d'Mikrokreditte hu mer weider keng Schwierigkeeten. Mat där anerer Motioun eigentlech och net, mä mir sinn awer wierklech relativ erstaunt iwwert dee Virstouss, deen elo hei gemaach gëtt an och iwwert d'Ennerschrëften, déi ënnert där Motioun stinn, wou et drës geet, dass ventiléiert Donnéeë par sexe sollen an allen Domainer an op allen Niveauen opgestallt ginn.

D'Madame Err hat virdru schonn drop higewisen, dass mer bei der Diskussioun iwwert de Projet de loi vun der Loi électorale hei sang und klanglos mat eise Forderungen ënnergaange sinn, wat dee Punkt betrëfft. Ech gesinn och Leit aus der DP, déi déi heite Motioun mat ënnerstëtzen, sou dass ech do awer ee ganz klenge Widder-sproch trotzdeem wëllt feststellen. Ech weess net, ob Der elo méi klug gi sidd wéi Der nach viru 14 Deeg waart oder wéi dat ze erklären ass, op alle Fall natierlech kënne mir nëmme begreissen dee Fortschritt, deen do stattfonnt huet.

Ech hu gesinn, dass mer ee Blat ausgedeelt kritt hu vum Statec, wou drop higewise gëtt dass dem Statec seng Statistike souwéiso scho sexventiléiert géife ginn. Ech



weess net wien deen Ziedel ronderëm goe gelooss huet, ob e vu Regierungssäit kënnt oder vun enger vun de Fraktiounen heibannen? Ech weess och net, ob en iergend-eppes oder de Géigendeel soll beweisen, wéi dat hei gemengt ass? Ech weise just drop hin.

**M. le Président.-** Et ass d'Madame Ministerin, déi deen Dépôt gemaach huet, mat dem Wonsch dass et soll ausgedeelt ginn.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Et steet Ministère de la Famille drop, mä do kann ee vill Interpretatiounen derzou ginn. Mir wëssen dat dann elo.

**(Bruits de fond)**

Et ass wierklech net esou einfach hei ze schwätzen. Ech wëll just soen, dass de Statec net dat eenzegt Institut ass, dat Zuelen opstellt, an dass dat dann an deem Sënn just een Aspekt vun der gesamter Realitéit zu Lëtzebuerg ass, mä dass et aner Instituter gëtt déi esou Zuelen zesumme stellen a bearbechten, an dass déi dann natierlech och mussen deen do Effort maachen. Fir de Rescht, wéi

gesot, wäerte mir déi zwou Motiounen kënne stëmmen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Madame Nicklaus-Faber.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), rapportrice.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat gemengt als Rap-portrice kréisch ech als éischt d'Wuert. Ech wollt nach eppes soen zu der éischter Motioun.

Dee Pabeier, dee mer elo kritt hu vum Statec, do geet Rieds dra vu „la plupart des tableaux“, et steet net do all d'Tableauen. „Un grand nombre de publications“, et steet net do all d'Publikatiounen.

Op jidde Fall ass et esou, dass mir an eisen Aarbechten eng ganz Partie Ënnerlagen net haten - ech weess net, ob se do sinn oder net -, well bei der Pauvretéit konnte mir keng Differenz maache wien aarm ass: Wéi vill Fraen, wéi vill Männer? Do gëtt et nëmme global Chifferen. Déi Motioun ass also guer net superfétatoire.

**M. le Président.-** Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Fortschrëtt bei der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ass jo da spierbar, well mat mengem Accord meng Kolleegen effektiv, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, vläicht weinst dem Dag vun haut, dat doten ënnerschiwwen hunn. Ech wëll lech just nëmme soen, dass dee Fortschrëtt awer bei mir perséinlech ophält.

A titre tout à fait personnel stëmmen ech dat doten net, sondern ech enthalte mech. Normalerweis stëmmen ech Saachen, déi ech verstinn, a wann ee mer entwousch schreift eng „approche sexospécifique“, do weess ech net wat dat ass. Déi Terminologie steet och net am Petit Robert. A wann een dann d'Regierung opfuert, a besonnesch eng Ministerin wéi d'Madame Jacobs, déi schonn esou vill gemaach huet an deene leschte véier Joer fir d'Fraen an hirem Familljeministère, opfuert nach méi ze maachen, „de manière plus soutenue“, dat ass schonn eng Kritik vis-à-vis net nëmme vun der Regierung, mä besonnesch vis-à-vis vun där Ministesch.

Doriwwer eraus wëll ech lech soen,

well ech weess net, well dat ass net spëcifiéiert, wat fir eng Efforten dass se soll maachen, et steet just do „plus soutenue les efforts“.

Wat ech nach net verstinn, dat ass „établissement de données ventilées par sexe dans tous les domaines“. Dat ass eppes, dat verstinn ech och net. An étant enten-du dass do eng Rei Saachen dra sinn, déi ech perséinlech, ech weess och net aus wat fir enge Grënn, net ka verstoen an och net verstinn, kann ech ebe perséinlech dat doten net stëmmen an ech enthalte mech, mä meng Fraktioun, aus deene Grënn, déi ech lech genannt hunn, an och aus politesche Grënn, meng gesamte Fraktioun, ausser mir, wäert déi Motioun stëmmen.

**(Hilarité)**

**M. le Président.-** Et huet elo jidderee geschwat. Mir stëmmen also dann of.

**Votes**

Wie fir d'Motioun 1 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech gesinn, dass déi grouss Majoritéit fir déi Motioun ass.

D'Motioun 1 ass ugeholl.

**(Interruptions diverses)**

Et ass awer duergaangen.

**(Interruptions)**

Wann eng Stëmm weider ass, dat geet schonn duer.

Mir kommen dann elo zur Motioun 2.

Déi ass jo och explizéiert ginn a mir kënnen, mengen ech, direkt driwwer ofstëmmen.

Wien also fir d'Motioun 2 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mir stelle fest, och dës Motioun ass mat enger grousser Majoritéit ugeholl, an domadder wiere mer dann um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Déi nächst Sitzung ass muer de Moien a fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 19.26 heures)**

### Ordre du jour

- Communication
- Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier *(Discussion générale)*
- Dépôt d'une proposition de loi
- Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier *(Discussion générale - suite - Motions - Votes)*
- Nomination d'un commissaire aux comptes pour la Société Nationale de Crédit et d'Investissement *(Vote)*

Au banc du Gouvernement se trouve M. Henri Grethen, Ministre.

**(Début de la séance publique à 9.01 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

**(Négation)**

Dat ass net de Fall.

#### 1. Communication

Ech hunn der Chamber folgend Kommunikatioun ze maachen:

Gëschter, den 11. Mäerz, huet de Budgetsminister Luc Frieden de Projet de loi 5105 iwwert de Bäitrëtt vu Lëtzebuerg an déi asiatesch Entwécklungsbank déposéiert:

- *Projet de loi 5105 relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement.*

Mir kommen direkt zur Interpellatioun, déi vum Här Zanussi ugefrot ginn ass. Et sinn ageschriwwen: d'Hären Norbert Hauptert, John Schummer, Gast Gibéryen, Jean Huss, Serge Urbany a Fred Sonnen.

D'Wuert huet den Interpellant, den honorabelen Här Zanussi.

#### 2. Interpellation de M. Marc Zanussi sur l'élaboration d'un plan sectoriel Transport pour le Bassin minier

**M. Marc Zanussi (LSAP), interpellateur.-** Här President, Dir

Dammen an Dir Hären, d'Interpellatioun vun haut huet eng relativ laang Virgeschicht. Ech hat déi Interpellatioun am Juni 2001 ugefrot gehat, aus der Iwwerleeung eraus dass deemools iwwert dee Plan sectoriel Transport vill geschwat ginn ass, Plan sectoriel dee säitens der Regierung annoncéiert gi war.

Ech wëll agangs e puer Merciën deene Leit ausdrécken, déi mir bei der Virbereedung vun der Interpellatioun gehollef hunn, déi eng oder déi aner Informatioun zesummen ze droen: verschidde Vertrieider vu Bureaux d'études, eenzel Fonctionnaires aus de Verwaltungen, Vertrieider a Vertrieiderinne vu Biergerinitiativen, de Mouvement écologique. All hu se duerch hir Beiträg op eng ganz interessant Aart a Weis déi Diskussioun beräichert.

Ech wëll awer och mäi Bedauern ausdrécken iwwert d'Tatsaach, dass ee Bureau d'études, deen ech kontaktéiert hat fir de leschte Stand gewuer ze gi vum Plan sectoriel Transport an iwwert déi aktuell Entwécklung, refuséiert huet mech ze begéinen, well e vun der Regierung verbuede kritt hat een Deputéierten ze ëmfänken. Si hu mir dat och schréfftlech matgedeelt, dass se mech net dierften ëmfänken. Ech fannen, dass dat kee grousst Zeeche vun Transparenz ass a keng gutt Aart a Weis fir d'Diskussioun ze animéieren.

Wëssend, dass de Plan sectoriel Transport een Element ass fir d'Erstelle vun engem landeswäite Kon-

zept, a vun dohier ass et nëmmen normal dass et och e puer Beräicher gëtt, déi iwwert de Süden erausginn, déi verkéierspolitesch relevant sinn an déi och mussen ugeschnidde ginn, dëst besonnesch well am Süden vill iwwert d'Rekonversioun vun den Industriebrooch geschwat gëtt an domat verbonnen d'Absicht vun der Regierung villes ze dezentaliséieren, wat mat sech wäert bréngen, dass eng Rei vun zousätzleche Bewegunge wäerte kommen. Fir deen zousätzlechen Trafic ze géréieren, brauch ee selbstverständlech e kohärent Gesamtkonzept.

Bei der Formulatioun vu menger Interpellatioun hunn ech wuel de Plan sectoriel Süden ugeschwat, hunn awer d'Gewichtung op den öffentlechen Transport am Verglach mat dem Individualverkéier, der Landesplanung, dem integréierten Transport an der Strategie vun der Eisebunn an deen Text era formuléiert, fir d'Diskussioun e bësse méi breet ze fächeren.

D'Regierung bastelt scho während enger ganzer Rei vu Joren un deem Plan sectoriel, dee vum Minister Wolter viru Jore schonn annoncéiert gi war. Ech denken, dass an där Zäit tëschent dem Anoncéiere vun deem Plan sectoriel vun der Regierung an haut keng Politik am eidele Raum gemaach ginn ass, well an der Zwëschenzäit ass och dat eent oder dat anert geschitt. Et sinn Aussoen iwwer Stroossebaupolitik gemaach ginn, iwwert de Projet Mobilitéit.lu an aneres méi. Ech gesinn dës Interpellatioun an deem politesche Prozess.

Dës Interpellatioun ännert näischt un der Aktualitéit, d'Thema ass méi wéi jee aktuell. D'Situatioun op eise Stroosse gëtt vun Dag zu Dag méi chaotesch an et gesäit ee mëttelfristeg keng Perspektive wéi dat kënnt geléist ginn.

Et arrangéiert sécherlech d'Regierung an den Transportminister, dass d'Interpellatioun elo eréischt kënnt, well tëschent Juni 2001 an haut war d'Geleeënheet fir de politesche Bilan duerch e puer Projeten opzebesseren.

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.-** Här President, ech wëll dem Interpellant ganz klar soen, dass et mech guer net arrangéiert. Ech soutz schonn eng Kéier hei an der Chamber an dunn huet d'Chamber décidéiert, d'Interpellatioun vum Ordre du jour ze huelen. Ech géif also drëms bidden, net esou Saachen an d'Welt ze setzen.

**Des voix.-** Très bien.

**M. Marc Zanussi (LSAP), interpellateur.-** Här President, deen Datum hei ass vum Här Grethen festgeluecht ginn. D'Interpellatioun ass wuel eng Kéier veruecht ginn, awer mam Accord vun der Regierung. Ech maache just e Constat, net méi an net manner. Et ass éischter e Virdeel wéi en Nodeel fir d'Regierung, dass d'Interpellatioun elo eréischt stattfennt, well an Zwëschenzäit ass den IVL an Optrag gi ginn a Mobilitéit.lu ass presentéiert ginn.

Wann een iwwert Transportpolitik am Allgemenge schwätzt an iwwer Mobilitéit, muss een natierlech soen, dass dat net nëmmen eppes mat Transport ze dinn huet, mä awer och mat Liewenspolitik, an domat wäre mer beim Thema Klimaschutz.

Dës Regierung schwätzt an deene leschte Méint net méi allze oft iwwert dëst Thema, obwuel d'Regierung Enn 2001 d'Kyoto-Ofkommes ënnerschiwwen huet, dat beseet dass d'CO<sub>2</sub>-Emissioun mussen bis d'Joer 2012 ëm 28% reduzéiert ginn. Wann ee weess, dass 1998 ee Véierel vun den einheimeschen CO<sub>2</sub>-Emissiounen oder dräi Tonne pro Awunner eleng op de Stroosseverkéier zrëckzeféiere sinn, ouni dass do den Tanktourismus berücksichtegt ass, deen am Joer 1998 eleng fir 35% vun deenen Emissiounen verantwortlech war, dann ass dat ee Chiffer deen erschreckt, deen awer confirméiert gëtt duerch dee leschte Sondage vun der ILReS, wou draus ervirgeet, dass 16% vun den Autoen, déi an eist Land erafuere, nëmme komme fir ze tanken.

Am Mäerz 2002 konnt een aus den Aussoe vum Här Statsminister eraushéieren, dass deen Objectif, deen d'Regierung sech gesat hat, relativ ambitiéis war an dofir och schwéier ëmzesetze war.

Do hätt ech dann och eng Fro un d'Regierung: Wëssend, dass ee Véierel vun deenen Emissiounen duerch den Transport ausgeléist ginn, wëssend och, dass et op der Säit vun der Regierung e Programm gëtt vum Ëmweltministère fir ze kucke fir dës Objektiv ze erreechen, mengen ech huet d'Regierung sech éischter an d'Richtung geschloe fir op de Wee vu Kompensatiounen vu Projeten am Ausland ze goen, fir dës Objektiv ze erreechen. Wéi wäit ass d'Ëmsetzung vun deene Projekte fortgeschratt a weini gedenkt d'Regierung dës Objektiv nach kënne ze erreechen?

E wichtegt Element bei der Landesplanung ass dat vun den Instrumenter, déi ee sech gëtt, fir déi Landesplanung ze organiséieren. D'Regierung huet viru Méint décidéiert en integréiert Verkéiers- a Landesplanungskonzept an Optrag ze ginn. Dat Konzept ass op enger Pressekonferenz vun dräi Ministere virgestallt ginn: der Mme Hennicot-Schoepges, dem Här Grethen an dem Här Wolter. U sech ass dat eng gutt Saach, wann eng Regierung sech esou en Instrument gëtt. Ech denken, dass et och eng gutt Saach ass fir iwwert deen do Wee eng Rei vu Verkéiersproblemer vum Süden an de Grëff ze kréien, bleiwen awer der Meenung, dass den Zäitpunkt fir esou een Optrag ze ginn ze spéit ass. Et ass schonn ze vill Zäit verluer gaangen ass. Wann een esou eppes wéi dat do wëllt maachen, da mécht een dat am Ufank vun enger Legislaturperiod an net zum Schluss.

**(Interruptions)**

**Des voix.-** De Mikro funktionéiert erëm.

Här Zanussi, Dir musst erëm vu vir ufänken.

**M. Henri Grethen, Ministre des Transports.-** Här President, ech hu kee Problem dermat, dass den Här Zanussi erëm vu vir ufänkt, well bis elo huet en nach guer net iwwert den Transport geschwat.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Den Här Grethen ass anscheinend op engem Ouer daf!

**M. Marc Zanussi (LSAP), interpellateur.-** Här President, ech géing mat mengen Ausféierunge